

80^e séance

Jeudi 2 juillet 1992

Présidence

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Présidente
M. Carlo Meintz, Vice-Président
M. Edouard Juncker, Vice-Président

Ordre du jour

1. Communication - 2. Projet de loi 3601 portant approbation du Traité sur l'Union européenne et de l'Acte final, signés à Maastricht, le 7 février 1992 (*Discussion générale - Suite - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions*) - 3. Projet de loi 3481 concernant la liberté d'accès à l'information en matière d'environnement - le droit d'agir en justice des associations de protection de la nature et de l'environnement (*Discussion générale - Suite - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion*).

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jacques Santer, Premier Ministre; M. Jacques F. Poos, Vice-Premier Ministre; MM. Jean Spautz, Jean-Claude Juncker, Marc Fischbach, Johny Lahure, René Steichen, Robert Goebbels et Alex Bodry, Ministres; M. Georges Wohlfart et Mme Mady Delvaux-Stehres, Secrétaires d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

Mme la Présidente. La séance publique est ouverte. Le Gouvernement a-t-il des communications à faire?

(Négation)

1. Communication

J'ai l'honneur de vous faire la communication suivante:

Par lettre du 29 juin 1992, le Secrétaire Général du Parlement européen m'a fait parvenir

- une résolution sur la procédure électorale uniforme: système de répartition du nombre des membres du Parlement européen
- une résolution concernant la communication de la Commission „De l'Acte unique à l'après Maastricht: les moyens de nos ambitions”
- une résolution sur les conséquences du référendum au Danemark sur le traité du 7 février 1992

adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session de juin 1992.

Les résolutions sont déposées sur le Bureau et transmission en sera faite à la Commission des Affaires étrangères et communautaires.

Nous continuons le débat sur le projet de loi 3601. La liste des orateurs est affichée dans la salle. La parole est au premier orateur inscrit, l'honorable M. Marc Zanussi.

2. Projet de loi 3601 portant approbation du Traité sur l'Union européenne et de l'Acte final, signés à Maastricht, le 7 février 1992 (suite)

Discussion générale (suite)

M. Marc Zanussi (LSAP). Här President, dir Dammen an dir Hären. Wa mir elo haut iwwert den Traité vu Maastricht diskutieren, an domat iwwert déi nei Konstruktioun vun der Europäescher Gemeinschaft, da muss een sech vu vireran eng fundamental Fro stellen. Firwat fuere mir um Enn vun dësem Jorhonnert duerch den Traité vu Maastricht weider mat der Konstruktioun vun enger Europäescher Gemeinschaft? Fir een, deen sech an d'Zukunft

versetzt, gët et nëmmen eng Äntwert. Duerch d'Erkenntnis, dass déi grouss Problemer nëmmen international kënnen geléist gin, hu se natirlech och hire Maassstab geännert, ouni awer doduerch d'Onsécherheet verschwannen ze din, au contraire.

D'europäesch Länner hun erkannt, dass se eleng ze kleng sin, fir de Wuelstand ze erhalen, an den Erausfuenderunge vu muer entgéintzotrieden. An deem Zesummenhank muss ech nach d'Fro stellen, gët deen neien Traité déi prinzipiell Problemer, denen Europa géinteniwwer steet, besser meeschter wéi bis elo, zum Beispill an dem Beräich vun der Industriepolitik.

Europa brauch, ménger Aschätzung no, eng reell Industriepolitik. Esou muss mir zum Beispill am Beräich vun dem Aménagement du Territoire eis Politik upassen, dass nët zum Beispill ee Land, doduerch dass et all japanesch Industriën usammelt, sech eleng Virdeler verschafft, an doduerch an anere Länner vun der Europäescher Gemeinschaft de Chômage an d'Luucht dreift.

Mir brauchen och méi wéi je eng europäesch Emweltpolitik an d'Tendenz vun der Désunioun nom englesche Modell muss gebrach gin.

Eng weider wichteg Problemstellung as d'Ausdenung vun der Europäescher Gemeinschaft, déi sécher onëmgängelech as. Et muss een an deem Zesummenhank d'Fro stellen, dass wann d'Europäescher Gemeinschaft ausgedeeent gët, et ëmmer nach méiglech as, fir se och verwaltbar ze maachen. Dat mengen ech, as eng vun dene schwéierste Froen, an dass et ee vun dene gréisste Problemer duerstellt.

Bei allen techneschen a wirtschaftleche Froen a Problemer, brauche mir awer virun allem een soziaalt Europa.

A ménger Interventioun wärd ech op verschidde vun denen Aspekter nach zréckkommen.

Wann ech elo vun de Problemer geschwat hun, dann dierft een awer och nët aus den A verléieren, dass d'Europäescher Gemeinschaft eng Rei vu bedroleche Konkurrenten op der Welt huet.

Esou hu mir zum Beispill nëmme méi eng Supermuecht, d'USA, souwuel am politeschen ewéi am militäresche Beräich. Op där anerer

Säit hu mir Japan, eng wirtschaftlech Muecht mat komplett aneren soziokulturelle Fundamenter. Dann eis westlech Gesellschafte mat engem onersättlechen Appetit.

Niewent denen dote Froen, Problemer a Bedrounge si mir nach mat enger ganzer Rei vun Ängschte konfrontéiert, déi eis Biiirger a folgende Beräicher hun, wéi zum Beispill:

- Wat d'Ofschafung vun de Grenzen ubelaangt an denen domat verbundene Kontrollen. D'Ängscht vun de Leit virum Import vun der Kriminalitéit, dem Import vun Drogen, den illegalen Awanderungen, kann ee verstoen. Eng effikass europäesch Sécherheetspolitik as absolut noutwendeg. Besonnesch an deem Punkt däärf d'Gemeinschaft nüt versoen, a sech als onmächtege Ries erausstellen.

- D'Ängscht virum der sougenanntener Bréisseler Bürokratie muss onbedingt ofgebaut gin, doduerch dass d'Subsiaritéit no dem Prinzip, et gët nëmme dat zu Bréissel behandelt, wat um nationale Plang gemaach ka gin, duergestallt gët.

- D'Ängscht virum der Citoyenneté européenne, mat deem sougenanntene Walrecht, dat a Wierklechkeet emol kee richtegt as, an déi domat verbundene Ängscht virum enger grousser Völkerwanderung, déi méiglecherweis Aarbechtsplaz- a Wunnéngsverloscht mat sech géing bréngen.

Dat sin déi dräi Punkten op déi, wéi mir festgestallt hun, verschidde Rietsparteien a Gruppéierungen dobausse mobil maachen, fir iwwert de Wee vun enger emotionaler Desinformatioun, Onsécherheet a Friemenhaass ze séinen.

Jhust an engem Moment wou déi Zwielf, duerch den Traité vu Maastricht, d'Chance hun Europa erëm opliewen ze loossen, kommen nei Zweifel an op. Erstaunlech, jo bal onverständlech, wou et dach elo gëlt, schlussendlech den definitive Spronk an d'Zukunft ze maachen. Den Traité vu Maastricht as sécherlech nüt perfekt. Kee vun den Traitéen as et. Wann dat allerdings eng Ursaach wär, fir en nüt ze akzeptéieren, da mengen ech, géing d'Welt haut nach an der Stengzäit liewen. D'Fro, déi sech also stellt as folgend: A wat fir enger Zukunft kënnen, a musse mir duerch Maastricht goen a firwat?

Deen éischte gemeinsame Punkt, deen d'Länner vun Europa zesummenhält a se vun allen anere Länner op der Welt ënnerscheet, as hiren am héchsten entwéckelte Sozialsystem.

Hei geet et also drëm, dee gewëssene Wuelstand, dee mir erreecht hun, ze erhalen. Dee kann awer nëmme verteidigt gin dann, wann et eis geléngt. Afloss ze kréien op déi international Spillregelen an dene Spillregelen eis Orientatioun opzedrängen. Dat allerdings kann eis nëmme geléngen, wann Europa staark, eneg an entschlossen as.

Bei eis Hoffnungen déi mir hun, kommen awer och eng Rei vu Responsabilitéiten, zum Beispill wéi déi vun de Länner aus dem Osten. Mir mussen dene Länner zu méi Demokratie, zu méi Stabilitéit verhëlfen. Dozou si ganz grouss Efforen néideg an nüt nëmme um finanzielle Plang.

Op déser Plaz wëllt ech vläicht eng kleng Klammer opmaachen. Wa mir vun den Effore geschwat hun, déi mir sollte fir d'Länner aus dem Oste maachen, da sollt dat sech nüt nëmme op verbal Deklaratiounen beschränken, mä et bitt sech elo eng gutt Méiglechkeet, besonnesch fir d'Gemengen. Op Initiativ vum Intérieur as eng Circulaire un d'Gemenge gaangen, wou gefrot as, jugoslawesch Krichsflüchtlinger an de Gemengen ënnerzebréngen. Mir alleguer wëssen, dass mir als Land déi Obligatioun theoretesch nüt hun, dach huet de Ministère awer déi Initiativ geholl, déi äusserst luewenswäert as. Bis zum heitegen Dag huet allerdings nach keng Gemeng sech gemellt, fir jugoslawesch Flüchtlinger opzehuelen. Ech mengen, dass d'kommunal Politiker heibanne besonnesch gefuerdert sin, a sech nüt sollten eleng üben an theoreteschen an a verbalen Solidaritéitsdeklaratiounen, mä iwwert de Wee vun där Circulaire hei gët d'Méiglechkeet gebueden, aktiv een humanitäre Geste ze

maachen. Wann ech virdu gesot hun, dass bis elo nach keng Gemeng sech gemellt huet, fir esou Krichsflüchtlinger opzehuelen, da kann héchstens als Entschëllegung geholl gin, well déi Circulaire eréischt den 18. Juni 1992 verschéckt gin as. Ech géing awer hei een Appel maachen un d'Gemengeresponsabel fir deem Wunsch, deen an där Circulaire formuléiert as, nozekommen, an een humanitäre Geste ze maachen, well ech ka mir virstellen, dass och eng Rei Leit heibanne sin, déi wësse wat et heescht Krichsflüchtling ze sin, an alleguer déi wou et wëssen, ware frou, wéi hinnen eng Kéier gehollef konnt gin. Ech mengen, dass des Circulaire eng praktesch Méiglechkeet bitt, fir denen esou oft widderhollene verbale Solidaritéitsakten eppes Praktesches entgéintzesetzen.

(Interruption)

Här Gibéryen, mir wäarten och am Schäfferrot driwwer schwätzen, an ech wäard mech dofir asetzen, dass mir als Diddelénger irgengeng Raimlechkeet zur Verfügung stellen, fir déi Leit kënnen opzehuelen.

(Interruption)

Dat as eppes wat eis Freed mécht. Ech hun um Ministère nogefrot, a bis de Muere woussst nach keen eppes dervun. Dat éiert Iech, an ech hoffen, dass vill Gemengen, inklusiv déi Diddelénger, nokommen.

(Interruption)

Wa mäin Appel op esou ee fruchtbare Buedem fällt, da begréissen ech dat, an hoffen, dass déi Beispiller, déi hei zitiiert gi sin, Schoul maachen.

Ech wëllt zu ménger Interventioun zrëckkommen.

D'Europäesch Gemeinschaft muss eng seriö an eng eescht ze huelend politesch an diplomatesch Autoritéit duerstellen, resolut an iwwerzegend. D'Gemeinschaft muss nei international Norme kreéieren, an dat besonnesch um soziale Plang. Mir errechen dat do Zil awer nëmme, wa mir d'Kohäsioun renforcéieren, also besonnesch déi Souveränitéitsdeler op politeschem, wirtschaftlech a sozialem Plang zesummeleën, fir als Equipe déi Iddien ze realiséieren, déi mir individuell als Natioun nüt méi eleng kënnen ëmsetzen. Dat setzt natüerlech viraus, dass mir denen neie Länner nüt d'Gefill gin, dass si fir eis Europäer zweier Klass sin. Mir mussen et op eng ganz diplomatesch Aart a Weis fäerdegbréngen, hinne klor ze maachen, dass och si d'Recht hun an d'Europäesch Gemeinschaft ze kommen, dee Moment wou se objektiv prett dozou sin.

Ee Bléck op d'Südhemisphär verréit eis awer nach ee vill méi groussen Enjeu. An Europa, do si mir eis all eens, do sin an dene leschte Joren ee ganze Koup Saache passéiert, a mir hu vläicht vergiess, wéi et dene bal anere véier Milliarde Matmënschen op dësem Planet geet, déi op engem Deel liewen, dee manner entwéckelt as, an dass mir hinnen nüt genuch Opmierksamkeet an dene leschte Jore geschenkt hun. Dat beweist sech och doduerch, dass mir feststellen, dass d'Moyenne vun den Ecartën tëschent dene Länner an eis, nüt nëmme wat den Niveau de vie ubelaangt, mä virum allem wat déi reng Liewenserwaardung betrëfft, nach méi grouss gin as. Dat as déi gréisste Gefor, déi sech fir dat 21. Jorhonnert fir eis, fir Europa, ganz klor ofzeechent.

Och an deem do Punkt läit d'Chance an engem géecnten a staarken Europa, souwuel op ekonomeschem ewéi op politeschem Plang.

D'Hëllef vun der héich entwéckelter Welt muss baséiert sin op enger fräier Maartwirtschaft, begleet awer vun enger immenser sozialer Solidaritéit. Dobäi dierf een nüt vergiessen, dass wann een dat Wuert Sozialsolidaritéit an de Mond hält, dass dat ënner Emstänn och kann heeschen, dass een eppes muss ofgin. Eis Hëllef muss denen zwou Komponenten objektiv Rechnung droen. Leider mengen ech, dass déi Ennerstëtzung weder qualitativ nach quantitativ ugepasst as.

Fir Friden a Fräiheet an der Welt ze garantéieren, an duerch ee solide Wuesstum denen an der Zukunft gefaarten immense

Migrations virzebeugen, dat verlaangt een Europa, dat déi néideg Kraaft a Kohäsion huet, fir effikass a positiv op d'Weltgeschehen anzewierken. Jo krass gesot, géing ech mengen, dass et sech bei dëser Fro ëm déi immens Migrationen, déi erwaart kënne gin, ëm eng ganz wichteg Fro handelt, ëm eng Fro, déi d'Iwwerliewe vun eiser Gesellschaft kann hypothekéieren. Kënne mir dee solide Wuesstum garantéieren? Domat verbonnen as folgend Fro:

Kann duerch Maastricht, Europa, mat der Kohäsion vun enger richteger Natioun, a mat demokrateschen Institutionen, zu enger Wirtschaftszon mat héijem Wuesstum gin, déi vun der ganzer Welt respektéiert gët?

Ech géing mengen: Jo!

Bei allem Optimismus däerf een awer nët vergiessen, dass eng vun den Haaptursache fir déi Dramen a Schwiregketen, mat denen d'Welt am Moment konfrontéiert as, duerch de generelle Ralentissement vum Wirtschaftswuesstum kënnt.

Do gët et e puer Szenariën, op déi mer keng Prise hun; mä et gët der och, bei denen ee gezäilt kënnt handelen, zum Beispill: den exzessiven Niveau vun de reellen Zënssätz an de Verloscht u Wuesstum, deen d'Multiplizitéit vun eise verschiddene Währunge mat sech bréngt, verbonne mat dene Chargen, déi se no sech zéien.

Ech mengen, ech brauch an dësem Kader nët op d'Spill vun der Importbrems zum Schutz vun der Zahlungsbilanz vun allen eenzelne Länner anzegoen, mä ech wëll awer ënnersträichen, dass Expären errechent hun, dass duerch deen dote Fait an der Moyenne 1% Wuesstumsverloscht ze verzechnen as. D'Monnaie unique deet dëst verschwannen. Si wäerd Europa och bestëmmt virum Effet vu grouse finanziellen Déséquilibré schützen a besser amstand sin, e kohärenten a staarken interne Pilotage ze garantéieren.

Dat gréissten Hindernis awer zu der Konstruktioon vun engem sozialen Europa as ëmmer nach deen héije Prozentsaz vun Aarbechtslosen an der Communautéit. Ronn 14 Milliounen Europäer sin ouni Aarbecht. Aarbechtsplaze schafen, a virun allem der do schafen, wou se am néidegste sin, as eng vun de wichtigsten Erausforderungen, mat dene mer konfrontéiert sin, an där mer mussen offensiv entgéintrieden, wa mer dat bertümt soziaalt Europa wëlle bauen.

Nieft engem méi staarke Wirtschaftswuesstum gëlt et, an der Bekämpfung vum Chômage virun allem, déi defavoriséiert Regionen opzepäppelen duerch eng aktiv Repartitiouns- an Investitiounspolitik, an an denen am stäarkste betraffene Géigende vun Europa d'Wirtschaft erëm unzekuerbelen.

Eng Iddi zur Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet, déi ech viru kuerzem an engem interessanten Dokument gelies hun, wär zum Beispill d'Schafe vun engem sougenannten „observatoire européen de l'emploi“, mat deem ee kënnt d'Ugebuet an d'Nofro vun Aarbecht an der Europäescher Gemeinschaft steieren, an de Chômage a séng Ursache besser kënnt kenne léieren.

Madame Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Eppes as sécher: Et gët kee gemeinsaamt Europa an och keng europäesch Bürgerschaft, wann d'Institutionen, déi dat Ganz steiere sollen, nët respektéiert gin. Europa steet virun der Fro vun der Organisatioun vu sénger interner Demokratie.

Wa mir iwwer d'europäesch Institutionen an d'europäesch Demokratie schwätzen, muss mer awer och op d>Weiderentwécklung vun de lokalen Demokratien hiweisen an domadder un eng strikt Applikatioun vum Subsidiaritéitsprinzip, deen et erlaabt, d'Interventioun vun der Communautéit ofzelenen all Kéier dann, wann de Problem op engem méi niddregen Niveau ka geléist gin. An deem Zesammenhank, mengen ech, wär et och sënnvoll - wéi een et ka realiséieren, weess ech allerdings nët - déi national Parlaementer méi enk bei der Elaboratioun vun europäeschen Direktiven anzebannen.

D'europäesch Konstruktioon as eng extrem komplex Affär. Mir sollten eis an Zukunft géint all weider Komplexitéit wieren, esou wäit se nët inevitabel as, well en onverständlecht Europa as en Europa, dat op méi wéi wacklege Been steet.

Op politeschem Plang as den Traité vu Maastricht realistesch, well en eng Rei vun Ongewëssheden enthält. D'europäesch Unioun as eréischt amgaangen ze wuessen. A wéi bei all Kreatioun, vermësche sech Zoufall, Noutwendegkeet a Wëllen, sou dass haut nach kee richteg ka soen, wéi déi definitiv Form wäerd ausgesinn. Maastricht as de Versuch vun Äntwerten op d'Problemer vun der Zukunft.

Europa verlaangt keng Uniformitéit: am Géigendeel, Europa verlaangt, dass mer et fäerdegréngen, mat där gewuessener Vielfalt ëmzegoen an ze liewen.

Géint Maastricht sin, wär dofir d'Vergaangenheet der Zukunft virzeéien.

Ech soen Iech merci.

Mme la Présidente.- La parole est maintenant à l'honorable M. Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler (CSV).- Madame Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Ech wëll mech a ménger Interventioun nëmme mat engem Aspekt vun de Maastrichter Traité beschäftegen, nämlech mat der Ratifikatiounsprozedur, respektiv mat deem, wat an de leschte Wochen bei eis am Land als Verfassungsdiskussioun gefouert gin as.

Am Laf vun den Diskussiounen, wéi se bis elo stattfond hun, sin e puer Riedner op déi Thematik agaangen. Et sin eng Rei vun Argumenter avancéiert gin, wou ee kann driwwer diskutéieren.

Ech géif vläicht nach eng Kéier, well et mer wichteg genuch schéngt, op eenzel Aspekter zrëckkommen.

Wann een déi ganz Diskussioun kuckt a résuméiert, iwwer wat fir eng Problemer mer alleguer diskutéiert hun an dene leschte Wochen, an et mécht een d'Analys dervun, da stellt ee fest, dass am Fong geholl nëmme eng Fro wichteg war, an och juristesesch pertinent war: Dat war nämlech d'Fro, ob mer eis Verfassung missten änneren, ier mer den Traité vu Maastricht ratifizéieren, oder ob et duergeet, wa mer spéiderhin eng Verfassungsrevisioun virhuelen a fir d'ëischt den Traité ratifizéieren.

D'Diskussioun, déi bekanntlech ganz héich Welle geschloen huet, huet viru ronn engem Mount, de 26. Mee, en abrupt Enn fond, wéi den Avis vum Conseil d'Etat bekannt gouf. No dësem Avis gouf et nëmme méi vereenzelt ausserparlamentaresch Stëmme, déi sech zu Wuert gemellt hun, mä grosso modo war d'Diskussioun ofgeschloss.

Dëst war fir mech e wéineg iwwerraschend, och an där Hinsicht, wou den Avis vum Conseil d'Etat - sou fondéiert an esou motivéiert e wéinstens fir eng Rei Punkte quant au fond war - dach awer relativ dürfteg a virun allem onkomplett war, wat d'Diskussioun vun der Konstitutionalitéit vu verschiddenen Dispositiounen vum Traité vu Maastricht ubelaangt.

Eent war ëmmerhin kloer, trotz där späerlecher Motivatioun, de Conseil d'Etat huet ganz kloer an däitlech gesot: Dir kënnt elo ratifizéieren; et geet duer, wann Der spéiderhin d'Verfassung ännert. Dat muss Der allerdings esou schnell wéi méiglech maachen.

Froen däerf ee sech dann awer stellen, wann ee gesäit, datt jo zu gläicher Zäit de belsche Conseil d'Etat a séngem Avis, iwwregens mat där selwechter späerlecher Motivatioun, zu jhust deem entgéintgesate Resultat kënnt wéi eise Staatsrot.

De belsche Conseil d'Etat huet kloer an däitlech gesot: Et kënnt nët a Fro, et muss fir d'ëischt d'Verfassung geännert gin, ier Der den Traité kënnt ratifizéieren.

An d'belsh Situatioun as bekanntlech déi selwecht wéi ons, mat där Ausnam, datt dat belsch Parlament eng Constituante as an datt d'Belsh déi Artikelen, déi hei concernéiert sin, als revisibel

erkläert haten, sou dass si sech dës à présent kënnen mat der Problematik ofgin, wat bei eis jo net de Fall as.

Frö muss ee sech dann och stellen, wann ee gesäit, dass eng Rei vun unerkannten an onofhängegen, sougutt belsche wéi Lëtzebuergesche Spezialisten vum Droit constitutionnel sech net op d'Säit vum Lëtzebuurger Staatsrot, mä op d'Säit vum belsche Staatsrot gestallt hun.

Wann een déi Lëtzebuurger Spezialisten hält, mir hun der net ganz vill hei am Land, mä ëmmerhin een, de Me Alex Bonn, deen an zwee Artikelen ganz kloer an ganz däitlech war, an deen zu engem gewësse Moment gesot huet: „L'avis du Conseil d'Etat doit conduire non seulement à une situation juridique impossible, mais provoque une crise institutionnelle grave.”

D'belsch Spezialisten - de Francis Delpéré, eminente Constitutionnaliste an Doyen vun der Rechtsfakultéit vun der Universitéit Léiden, de Professeur Périn vun der Rechtsfakultéit vu Léck - sin alleguer an déi selwecht Richtung gaangen, ware formell an hu gesot, „du point de vue droit strict” muss fir d'éischt d'Verfassung geännert gin, ier d'Traité kënnen ratifizéiert gin. De Francis Delpéré as esou wäit gaangen, fir ze qualifizéieren: „Ce n'est pas sérieux”, wann Der eng aner Prozedur aschlot!

Bon, de Lëtzebuurger Conseil d'Etat as an eng aner Richtung gaangen. Eis Regierung, a mir och, hun eis ënner de Prabbeli vun onsem Conseil d'Etat gestallt. Op där aner Säit geet awer de belsche Conseil d'Etat, deen, huelen ech un, mat net manner eminente Juriste besat as wéi de Lëtzebuurger Conseil d'Etat, an eng aner Richtung. Déi Spezialisten, déi sech zu Wuert gemellt hun an déi unerkannt sin an dëser Matière, soen: Dat do as net richtig, Dir musst en anere Wee goen. Da muss een natierlech soen, dass mer eis vläicht de Moment net an där allerbeschter Gesellschaft befannen, ebe well mer net déi Leit op eiser Säit hun, déi unerkannt sin an dëser Matière an déi eng aner Prozedur virgeschloen hun.

Wat elo déi Artikelen ubelaangt, déi net kompatibel si mat eiser Verfassung, do sin et der u sech net ganz vill.

Et as fir d'éischt den Artikel 8B Alinea 1 vum Traité iwwer dat aktiivt an dat passivt Walrecht, deen net vereinbar as mam Artikel 107 respektiv mam Artikel 52 vun onser Verfassung.

Et as den Artikel 105A iwwer d'Monnaie unique an d'Kompetenze vun der europäescher Zentralbank, deen net kompatibel as mam Artikel 39 vun der Verfassung.

An et sin d'Dispositiounen vum Traité, déi a verschiddene Fäll d'„majorité qualifiée” amplaz vun der Unanimitéit virgesinn, déi och net kompatibel si mat den Artikelen 33 a 36.

Wat déi lescht Problematik ubelaangt, do hu mer an där Hinsicht net vill Schwiregketen, well am Kader an iwwer de Biäis vum Artikel 49bis vun onser Verfassung kënnen mer jo Kompetenzen devoluéieren un Institutionen, och wann deen Term „temporaire” an deem Artikel virgesinn as. Den Artikel 49bis seet: „L'exercice d'attributions réservées par la Constitution aux pouvoirs législatif, exécutif et judiciaire peut être temporairement dévolu par traité à des institutions de droit international.”

Ech mengen, all Juristen an all Spezialisten, déi sech dermat ofgin hun, hu gesot, deen Term „temporaire” as hei an deem Sënn net wuertwärtlech ze huelen, well all Traité, souguer wann e keng Durée indéterminée huet, de droit kann dénoncéiert gin, well ee sech net à perpétuité duerch e Vertrag ka bannen, sou dass ech mengen, dass effektiv deen Term „temporaire”, obschon e vläicht an där heiteger Zäit onglécklech as, awer hei net zu Diskussiounen Ulass gët.

Et bleift also nëmmen d'Problematik vum Walrecht, net fir d'Europawalen, do as kee Problem, déi sin net an onser Verfassung virgesinn, och d'Walrecht selwer net. Mir brauchen nëmmen d'Gesetz vun 1979 betreffend d'Direktwal vum europäesche Parlament ëmzeänneren, da si mer do an der Rei.

Mä wat d'Walrecht fir d'EG-Biirger bei de Gemengewalen ubelaangt, do as et ganz kloer, dass eben den Artikel 8B a Kontradiktioun as mam Artikel 107, an iwwer dee Wee och mam Artikel 52 vun onser Verfassung.

D'Solutioun huet de Conseil d'Etat fond, andeem e seet, sou wéi et am Artikel virgesinn as, sin déi zwee Alineen net incompatibel mat den Dispositiounen vun onser Verfassung, well „l'article 8 B/1. n'est pas au plein sens du terme d'application directe puisqu'il ne confère pas immédiatement aux citoyens de l'Union un droit de nature à pouvoir être invoqué... devant une juridiction.”

Dat as d'Argumentatioun, wou gesot gët, deen Artikel as net „d'application immédiate” an „dès lors” as en net incompatibel mat den Dispositiounen vun onser Verfassung.

Ech muss ganz éierlech soen, et kann een effektiv op déi Iddi do kommen, fir déi Interpretatioun ze gin.

Ech frö mech dann allerdings, wann d'Iddi vun der Application immédiate soll hei ausschlaggebend sin, fir ze accreditéieren, ob et kompatibel oder net kompatibel as, da stellen ech mer allerdings d'Fro, firwat dat een en anert Argument, dat op d'manst grad esou logesch gewiescht wär, net invoquéiert huet, nämlech de Fait, dass déi éischte Kéier, wou hei dat Walrecht fir d'EG-Biirger kann a Fro kommen, am Joer 1999 dat de Fall as. Also si bis 1999 déi Dispositiounen net applikabel.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Déi Dispositiounen kënnen also fir d'éischt applizéiert gin, wann déi Direktiv, déi am Raum steet, bis eng Kéier ugeholl as. Och da konferéiert dat Ganzt kengem EG-Biirger direkt e Recht, mä dat kann eréischt invoquéiert gin, wann déi éischt Gemengewalen, déi en cause sin, effektiv ustin. E Recht ka jo nëmmen dee Moment hei invoquéiert gin, wann et sech ëm en „droit politique” handelt, wou d'Méiglechkeet derfir besteet, dee Moment wou d'Wallëschten opgin, wann ee sech als Wieler wëllt opsetzen, wou Irregularitéite verleben, wou een also eng Méiglechkeet huet, fir e Recours bei enger Gerichtsbarkeit ze maachen. Eréischt dann huet een d'Méiglechkeet derfir.

Wa mir zäitméisseg esou een Décalage hun, an esou laang dat Recht net kann invoquéiert gin, dann as dat net onbedéngt, well déi Direktiv net do as, mä well praktesch iwwerhaupt keng Méiglechkeet besteet, fir kënnen vun deem Recht Gebrauch ze maachen. Dat hätt een als Argument grad esou gutt kënnen gebrauchen, fir ze soen, et as net d'application immédiate, well keng praktesch Méiglechkeet besteet.

Mme la Présidente.- Vous permettez une question de la part de Mme Err?

M. Lucien Weiler (CSV).- Bien entendu.

Mme Lydie Err (LSAP).- Dat stëmmt awer nëmmen, wann Dir d'Modalitéite mat där Direktiv a Konsideratioun huet. Wann dat Recht definitiv dra wir, da wir et net eréischt fir déi Wale vun 1999, mä da wir et fir d'Gemengewale vun nächste Jor. D'Argument wat Dir do gebraucht, stëmmt an deem Sënn net.

M. Jean-Paul Ripinger (DP).- Si as amgaang Konfusioun ze seméieren.

(Interruptions)

M. Lucien Weiler (CSV).- Här Grethen, wann Dir ganz genau nolauschert an d'Räsonnement verfollegt, da gesitt Dir, dass keng Konfusioun geséint as, mä dass dat effektiv déi praktesch Situatioun as. Wa mir dovun ausgin, wéi den Traité et virgesäit, dass Enn 1994 déi Direktiv steet, déi d'Walrecht virgesäit, da kann deen EG-Biirger, deen et wëllt hei zu Lëtzebuerg exercéieren, et fir d'éischt am Jor 1999 geltend maachen, wann d'Dispositiounen vun der Direktiv esou sin.

(Interruption)

Dann as et 1996, Här Rippringer.

Wat ech jhust wëll soen, dat as, hei gët d'Argument gebraucht, wou gesot gët, et as nët d'application immédiate, well déi Direktiv nët do as, an esou laang nët kann applizéiert gin, bis déi Direktiv do as. Wann déi Direktiv do as, dann as et och nët d'application immédiate, well deen eenzelne Biiirger muss waarden, bis deen nächste Waltermin do as. Dat anert wär grad esou stéckhalte gewiescht, fir ze soen, et as nët d'application immédiate, as wéi ze gebrauchen, well d'Direktiv nët do as. Dat wollt ech als Element gin, well et gin nun eemol verschidde Rechter, surtout en droit politique, déi kënne während engem ganz kuurzen Délai exercéiert gin, nët während enger Période continue, mä mir kënne ons Droits politiques nëmme während gewësse Momenter am Kader vun enger Wal exercéieren, währenddeems all déi aner Rechter am Fong geholl schlummen, well mir keng praktesch Méiglechkeet hun, fir se ze exercéieren.

De Raisonement vum Conseil d'Etat kënnt e weëneg dorop eraus, datt ee Recht erëischt da besteet, wann et vun enger Juridiktouon kann invoquéiert gin. Et besteet zwar u sech, mä well et nët kann invoquéiert gi vun enger Juridiktouon, as et nët d'application immédiate, an dès lors as et nët incompatibel mat den Dispositione vun onser Verfassung.

Ech sin nët esou ganz iwuerzeegt, an ech hu mir d'Fro gestallt, ob nët kënnt zum Beispill den EG-Biiirger higoen a vun denen zoustännige Gerichtsinstanzen an dësem Moment, nodeem den Traité approuvéiert as, eng Action en reconnaissance vum Prinzip vu séngem Droit de vote maachen. Dat kann e maachen an déi zoustännig Juridiktouon wär gehalen, fir am Kader vun esou enger Aktiouon ze soen, de Prinzip vum Droit de vote, deen erkenne mir iech un, sous réserve vun de Modalitéiten, déi par directive fixéiert gin.

Et as e bësschen dat och, wat de Me Bonn an engem vu séngen Artikelen gesot huet. Den Droit de vote est conféré et existe indépendamment de son exercice. Dat as dee ganze Problem, dee mir hun. Wa mir den Traité vu Maastricht gestëmmt hun duerch ee Gesetz, dann hu mir dee Prinzip an onser Gesetzgebung, de Prinzip vum Walrecht. Wéi wäit datt dat Walrecht geet, dat hu mir nët, well eben d'Direktiv nët do as, mä de Prinzip an d'Recht selwer sin unerkannt duerch dëst Gesetz. A mir hun zur selwechter Zäit an onser Verfassung een anere Prinzip stoen, deen de Contraire seet, dee seet, et muss ee Lëtzebuenger sin.

Zur selwechter Zäit hu mir zwou verschidde Rechtssituatiounen, zwee Prinzipien verankert, déi nët matenee kompatibel sin. Or dès lors sin a bleiwen ech der Meinung, dass dat hei du Point de vue constitutionnel et schwiertg Unterfangen as, a mir nët onbedéngt op deem allerbeschte Wee leie mat där Interpretatioun, déi virgeholl gin as, an déi wéi och vun dene meeschte Juristen, déi vum Droit constitutionnel eppes kennen, nët gedeelt gët.

D'Fro as allerdings, wéi geet et weider?

(Interruption)

Hei zu Lëtzebuerg as et een namhaften, well mir hun der nët esou aussergewéinlech vill, mä an der Belsch as et eng Rei vu cõtéierten Universitätsprofessere vu Léck, Louvain.

(Interruption)

Ech hoffen, dass déi nächste Châmber d'Verfassung emännert an deem Sënn, wéi mir dat virgesinn hun. Ech sin iwuerzeegt, dass een Accord fond gët, fir déi Direktiv ze libelléieren, datt se Lëtzebuerg ka Satisfaktiouon gin. Et muss natiirlech am Kader vun esou engem importenten Traité wéi deen hei, méiglech sin, fir déi Froen ze stellen, wat geschitt wann.

De Staatsminister huet gëschter a sénger Ried gesot: „Il faut préciser que le vote de chacun d'entre vous engage l'avenir de la nation.“ Dat as ee Saz, deen eis alleguer virun eis Responsabilitéit stellt, a wa mir esou eng Responsabilitéit hun, da muss mir och Froe stellen, wéi eng Situatioun ka gegebenfalls entstoen.

Ech stellen d'Fro un den Här Ausseminister? Wat ka geschéien am Fall, wou de Lëtzebuenger Wieler sollt am Jor 1994 eng Majoritéit vun Deputéierten heihinner schécken, déi et nët erlaben, fir eng Verfassungsrevisioun virzehuelen?

Den Här Ausseminister huet deklaréiert, mir kënne ëmmer bei der Direktiv onse Veto geltend maachen. Selbstverständlech kënne mir dat maachen. Dat as richtig. D'Fro as allerdings, a wéiwäit ons important Noperen a Partner an der EG sech stéieren un de Lëtzebuenger konstitutionelle Problemer, a wéiwäit, wa mir ee Veto sollte maachen, d'Sanktioune vun onse Partner an der EG géife goen.

D'Fro as, wa keng Direktiv géif kommen enop Grond vun engem Veto, an et géif ee Wieler higoen an ee Recours virun der Cours de Justice européenne arechen iwwer d'Question préjudicielle, iwwer d'Applicabilité directe vun dem Traité, wa géif d'Cour, déi ganz oft fir de Prinzip vun der Applicabilité directe vun den Traitéen optéiert, an déi schon an enger Rei vun Domainen Politik gemaach huet, wou mir nët ëmmer esou frou waren, datt se sech begrenzt huet an den Intellrpretatiounen, déi se gemaach huet, op dee Rôle, dee mir hir gemengt hun ze assignéieren, nämlech d'Interpretatioun vun Dispositionen, wou se vill méi wäit gaangen as, a Saachen drageluegt huet an hir Décisioune, déi nët ëmmer onbedéngt dat waren, wat déi politesch Responsabel gewollt hun.

Wann d'Cour géing higoen, a si géif soen, ech ka mir et zwar nët gutt virstellen, well am Traité klor steet „sous réserve de...“, mä wa se géif higoen, a si géif soen den Traité wär d'applicabilité directe, déi Froe stellen sech awer, an déi si ganz konkret, an et muss ee gesinn, datt dat ka geschéien.

Eng aner Fro as déi, wa keng Direktiv géif kommen, kann d'Kommissioun ee Recours en manquement géint de Conseil des Ministres maachen? Wat geschitt, wann esou ee Recours géif kommen? Zu enger Direktiv muss et enges Daags kommen. Dat sin alles Froen, déi nët an dësem Moment klor an däitlech sin, an déi ganz sécher eng Rei vun Äntwerten opstoe loosse.

De Me Ernest Arendt, président honoraire vum Conseil d'Etat, as a séngem Avis zur Konkluosioun komm, an en huet sech do e bësschen sénge Successeuré ralliiert, datt et sech hei em kee Problème de constitutionnalité handelt, datt mir keng Inconstitutionnalité begin, mä e schwätzt vun Ineleganzen. E seet, dat wat dir maacht as inelegant, well mir zum Beispill keng Cour constitutionnelle hun, an also och kee ka praktesch kontrolléieren a sanktionéieren, ob dat, wat mir maache richtig as, an op där anerer Säit, well mir der nächster Châmber eng Obligiouon imposéieren, fir d'Verfassung esou ze änneren, wéi et nun eemol hei virgezeechent as. Et as dat eng Obligiouon fir déi nächst Châmber. Dat denaturéiert e bësschen de Prinzip, dee mir ëmmer kannst hun, notamment wat d'Vefassungsrevisiounen an déi spezial Prozeduren ubelaangt, déi do virgesi sin, grad jhust fir der Verfassungsreform eng gewëssen Importenz ze gin an Iwwerlees an d'Diskussioun materanzebréngen.

(M. Carlo Meintz prend la Présidence)

Wat mir hei de prime abord musse soen, dass déi Verfassungsreform, déi mir wëlle maachen, déi mir musse maachen, dass déi vläicht e weëneg d'Iddi, déi d'Verfassung virgesäit, denaturéiert.

Wann ech de Fanger wollt leen op e puer vu Froen, déi sech no där somme toute klorer Analys vum Conseil d'Etat, du point de vue constitutionnel, stellen, dann as et ganz sécher nët, fir hei Stëmmung géint dësen Traité ze maachen. Dësen Traité wäerte mir stëmmen, mä da war et aus der Suerg, fir ze weisen, dass ons Verfassung dach awer d'Grundnorm an deem Stat hei as, mat där een äusserst douce an delikat muss emgoen. Et besteet ee Problem, dat hun och d'Stellungsname vun dene ville Leit, déi un där Diskussioun bedelegt woren, bewisen. Onse Staatsrot, de belsche Staatsrot, Konstitutionalisten, déi sech nët eens gi sin, a wou ofgewéi gin as, wou déi eng an déi eng Richtung gaange sin an déi aner

an déi aner, dat beweist, datt ee Problem besteet. Mir sollte vläicht dës Geleënheet beim Schopf huelen, fir ze versichen, fir Méiglechketen ze fannen, well ech ka mir virstellen, dass mir mat weideren Traitéën konfrontéiert gin, wou sech de Problem vun der Verfassungsmeissegkeet stellt.

Ech mengen, et gi Méiglechete fir effektiv eng Léisung ze fannen, fir dass mir dësem „Problème constitutionnel“, fir déi eng as et een, fir déi aner as et keen, an Zukunft kënnen begeien.

(Interruption)

Här Rippinger, Dir wësst esou gutt wéi ech, dass en haut nüt ze léisen as. Ech kommen nach herno op dat zréck, wat Dir gëschter hei deklaréiert hut.

Ech wollt eng Suggestioun maachen. Ech hu gesot, mir sollten d'Méiglechete sichen, ob et nüt Possibilitäte gin, dass mir de Problem, dee mir haut hun, an Zukunft nüt nach eng Kéier an där Form kréien.

Ech hun nogekuckt, wat 1956 bei der leschter Verfassungsreform d'Propose vun der Regierung war. D'Regierung hat een Text proposéiert, wéi mir den Artikel 49bis gemaach hun, dee gesot huet: „Lorsqu'un traité déroge aux dispositions de la Constitution, l'assentiment ne pourra être donné par la Chambre qu'aux 2/3 des suffrages. Dans ce cas la Chambre ne pourra délibérer si 3/4 au moins des membres qui la composent ne sont présents.“

Et war virgesi gin, dass an der Verfassung géif gesot gin, allgemeng wann een Traité derogéiert vun den Dispositiounen vun der Verfassung, da brauche mir déi speziell qualifizéiert Majoritéiten. Dat as deemools der Kommissioun vun der Chamber an och dem Staatsrot zevill wäit gaangen. Ech zitieren den Avis vom Conseil d'Etat, dee gesot huet: „Pareille procédure pouvant aboutir in fine à la réalisation de révisions constitutionnelles détournées, sans respecter les règles formelles prescrites à l'article 114 de la Constitution.“

Dat war d'Ursach, firwat déi méi allgemeng Formulatioun deemools refuséiert gin as. Mir liewen awer haut an neie Realitéiten, an et misst een awer vläicht gesinn, ob een nüt kennt den Text, deen 1956 proposéiert gi war, allgemeng an onser Konstitutioun verankeren, fir de Fall wou mir Traitéën ze approvieren hun, déi nun eemol verschiddenen Dispositiounen vun eiser Verfassung widdersprechen, mir se géifen alleguer iwwert de Wee vu qualifizéierte Majoritéite geléist kréien.

Den Artikel 49bis, do diskutéiert haut kee méi driwwer. Mir hu kee Problem méi dermat. Or ech géif mengen, dass wann ee fir eng Rei vun aneren Domainen a Problemer, mat denc mir am Kader vun Traitéën könnte konfrontéiert gin, eng Dispositioun wéi déi do hätt, an deem Sënn, wéi am Artikel 49 se virgesi war, dass mir da kënnen iwwert dee Wee dem Problem aus dem Wee goen.

Dat as e bësschen ee Blankoscheck fir iwwert dee Wee ze fueren, dass een an d'Verfassung aschreift all Kéiers wann een Traité derogéiert, da geet et duer mat Spezialmajoritéiten. Or wann ech gesinn, wéi mir an dësem präzise Fall elo musse virgoen, mir maachen et iwwert deen do Wee, a mir soen de Wieler, de toute façon déi nächst Constituante, déi mécht dat, egal wéi. Also mengen ech, kéim et praktesch op dat selwecht eraus, et as keng vun de Solutiounen terribel elegant, mä et wär ons praktesch a problematesch gehollef, fir déi do Diskussioun an Zukunft ze evitéieren, wann een op de Regierungstext vun 1956 zréckkéim.

An deem Sënn géif ech mir wënschen, wa mir d'Artikelen, déi mir fir revisabel erklären, um Enn vun der Legislaturperiod ganz genau studéieren. Och den Artikel 9 vun der Verfassung, deen a praktesch kengen Dokumenter mentionnéiert gët, mä wou de Me Bonn ganz klor drop hiweist a seet, wann Dir déi aner Artikele revidéiert, da musst Dir och d'Formulatioun vun Artikel 9änneren.

Méng Angscht as e bësselchen, datt mer hei riskéieren, fir eng Parti Artikele revisabel ze erklären. D'Fro as och, ob een nüt vläicht

misst - déi leschte Kéier ware mer eis doriwwer nüt eens gin - d'ganz Verfassung revisabel erklären; dann hätt een nämlech d'Méiglechkeet, fir och au dernier moment, wann esou eng Méiglechkeet sech bitt, ze reagéieren.

M. André Hoffmann (KPL)- Däerf ech eng Fro stellen?

M. le Président- M. Hoffmann, vous avez la parole.

M. André Hoffmann (KPL)- Mengt Der dann nüt, vum logesche Standpunkt an och vum juristesche Standpunkt hier, et wär méi richtig gewiescht - amplaz dass elo an dene verschiddene Länner d'Parlamentar sech mussen de Kapp zerbriechen, wéi se hir Konstitutioun am schlémmste Fall violéieren - wa bei der Ausaarbechtung vun esou engem Traité wéi dee vu Maastricht déi konstitutionell Problemer, déi sech an dene verschiddene Länner gestallt hätten, berücksichtegt gi wieren, an dass den Traité selwer dene Problemer Rechnung gedroen hätt? Da sténge mer nüt virun deem konstitutionelle Chaos oder virun där konstitutioneller Krisis.

M. Lucien Weiler (CSV)- Här Hoffmann, mir sti weder virun engem Chaos, nach virun enger konstitutioneller Krisis. Mir hun hei eng Diskussioun iwwer konstitutionell Problemer, déi fir deen een e wéineg méi grouss sin, fir déi aner e wéineg méi kleng. Ech ka mer awer nüt virstellen, datt en internationalen Traité kennt a senger Dispositiounen op all déi eenzel Situatiounen an dene verschiddene Länner agoen an Agencementen an Dispositiounen virgesinn, fir dass doheem keen eng Schwiregkeet kriit, à chacun de voir, wéi en den Traité en conformité mat senger Verfassung bréngt.

Et wäre jo och aner Méiglechketen, sougutt an der Belsch wéi hei. D'Fransousen hun eng ganz aner Situatioun. An anere Länner as et erëm anescht.

Dir kennt dach nüt an engem Traité Dispositiounen maachen, da kommt Der dach ni op e gréngen Zweig! Dir kommt dach ni op eng eenheetlech Positioun, well Der a jidder Land aner Situatiounen hut. Ech géif ganz sécher mengen, dass dat do keng Léisung wär, mä dass et, esou wéi et ausgehandelt gin as, an de Prinzip, wéi e steet, an der Rei as, „mais à chacun de voir comment il se débrouille“ a wéi en dermat duerchkéint.

Mir kommen heimadder duerch. Ech soen Iech herno och als Jurist, wéi ech mäi Vote begrénde wäerd.

Ech wëll awer eppes zu deem soen, wat den Här Rippinger gëschter hei gesot huet. Ech war mam Gros vun deem, wat hien hei deklaréiert huet, d'accord, mä ech war awer e wéineg iwwerrascht, wann ech nees déi Argumentatioun do héiere vun där Resolutioun respektiv vun där Motioun vun der Demokratescher Partei, wat jo elo eng as vun de grouse Parteien. Mä d'Demokratesch Partei hat déi jo hei abruecht an deklaréiert, dat wär e Präalabel, fir datt si hei wäeren, datt also d'Demokratesch Partei géif mat stëmmen.

Ech muss soen, wann den Här Goerens oder den Här Grethen dat hei op der Tribün gesot hätten, dann hätt ech dat éischter verstanen, wéi grad jhust beim Här Rippinger, dee jo awer Jurist as. Dat wat mer an där Motioun respektiv an där Resolutioun soen, wou mer eis d'accord erklären an engagéieren, ons Verfassung ze revidéieren, dat as esou elementar, datt et absolut nüt noutwendeg gewiescht wär, dat iwwerhaapt an eng Motioun ze setzen. Et as dach dat Elementaarst selwer, wa mer hei en Traité stëmmen, deen onser Verfassung zuwiderleeft an där enger oder anerer Dispositioun, datt mer déi Verfassung deem adaptéieren.

Wéi den Här Rippinger deemools hei an der Chamber déi Resolutioun abruecht huet, huet ee vun de Kollege gesot: Dat do as Schaumschléierei!

Ech verstin d'Demokratesch Partei, wa se seet, no bausse wëllt se hei och eppes imposéiert hun, mä déi, déi Jurist sin, oder déi, déi e Gefill derzou hun, mussen awer soen: C'était superfétatoire.

M. Henri Grethen (DP)- Här President. Ech wëll dem Här Weiler soen, hie soll op deem dote Schema nach e bëssche weiderfueren,

da kréie mer vill Freed den Owend! Ech wëll Iech dat hei ganz prezis gesot hun! Fuert esou weider, da lafe mer herno!

(Interruptions diverses)

M. Lucien Weiler (CSV).- Neen, Här Grethen...

M. Jean-Paul Ripinger (DP).- Wann ech Iech méng juristesche Menung soen, da gitt Dir eraus!

M. Lucien Weiler (CSV).- Ech hun absolut kee Problem domat. Ech wëll hei och nët Sentimenter opstëppelen...

M. Henri Grethen (DP).- Dach, Dir sid amgaangen!

M. Lucien Weiler (CSV).- Här Grethen, ech wollt dat effektiv nët maachen.

Ech wollt jhust soen, dass déi Verfassungsrevisioun dach eng...

M. Jean-Paul Ripinger (DP).- Dir sollt eis hei nët als mies Juristen duerstellen! Mir wëssen och, wat an der Konstitutioun steet, Här Weiler! A wann ech Iech dat soen, da gitt Dir alleguerten eraus. Mir ware fein, da bleift Dir et och!

(Interruptions diverses)

M. Lucien Weiler (CSV).- Här Ripinger, et deet mer wirklech leed, wann ech hei sollt den Nerv vun der demokratescher Fraktioun getraff hun!

Et war fir mech esou eng Selbstverständlechkeet, dass een dat nët misst no bausse soen. Mir hu jo awer d'Zeitunge gelies, wéi dat dohinnergestallt gin as als déi grouss Präalabel. Dat war an der Rei, ech verstin dach jo och, mä wann et eng Selbstverständlechkeet as, da muss een et nët nach an Texter esou oft répétéieren. Ech hun näischt dergéint, ech wëll och nët drop insistéieren, wann dat esou e sensible Punkt sollt si fir d'demokratesch Fraktioun.

Une voix.- Dir gitt kleng bäi!

M. Lucien Weiler (CSV).- Neen! Ech wëll jhust soen, den Traité vu Maastricht as fir Lëtzebuerg, wat de Fong ubelaangt - an all déi Riedner, déi hei defiléiert sin an dene leschten Deg, hun dat ennerstrach - eng aussergewéinlech Saach, an dès lors wäerd méng Fraktioun, grad wéi ech, deen Traité mat ganz vill Satisfaktioun stëmmen.

Wat méng konstitutionell Bedenken ubelaangt, déi ech virdrun duergeluegt hun an déi aus der Suerg fir ons Verfassung hei virgedroë gi waren, déi kann ech ganz gutt iwwerwanne mat deem, wat de Professor Delpéré gesot huet: „Maastricht vaut bien une messe.”

An dofir stëmmen ech mat ganz vill Engagement deen Traité hei.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- La parole est à l'honorable M. Scheuer.

(Interruptions diverses)

Je vous prie, chers collègues, de baisser un peu le ton des conversations privées pour que l'orateur puisse exposer ses idées.

M. Scheuer, vous avez la parole.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Merci, Här President. Ech si kee Jurist a gin dervun aus, dass en Nët-Jurist d'Wellen an der Châmber elo och nët esou héichschloë léisst. Ech sin och frou, an dësem Fall kee Jurist ze sin a loossen d'Juristerei bewosst op der Säit als absolute Laien.

Ech wëll fir d'ëischt zwou Virbemiirkunge maachen an duerno besonnesch op zwee Aspekter agoen.

Eischt Virbemiirkung: D'Diskussiounen an der Châmber hu gewisen, dass Europa en Zweckverband as, e ganz pragmatischen Zweckverband. An zwar huet deen als Zil, fir verschidde Wiirklechketen unzestriewen, fir verschidde Verbesserunge virzehuelen, an de Beräicher

- vun der Wirtschaft;

- vun de Währungen;

- vun de Sozialstrukturen, mä e bëssche manner, dat as ervirgehuewe gin;

- vun der Aussepolitik am Kader vun Europa an ausserhalb vun Europa;

- vun der Verdeidigungspolitik a

- vun der Emweltpolitik, och manner, wéi gesot. Dat wësse mer scho laang.

Maastricht stellt eng Etapp duer. Maastricht as keen Zil, dat Europa an deem Eneegungsprozess huet. Dat as nët definéiert an dat definitiiv Zil huet nach keen hei gemoot.

Maastricht as e weidere Schrëtt, nët méi an nët manner. Niewent där pragmatischer Diskussioun, déi mer hei féieren, gët ganz oft vergiess, datt, niewent der Zweckgemeinschaft, Europa méi as wéi eng materiell Wiirklechkeet: Europa huet eng Kultur. Europa setzt sech zesummen aus Natiounen. Europa huet eng Geschicht, an d'Kultur gët als Element dohinnergesat am Titre IX, am Artikel 128, wou d'kulturell Entwécklung an de Memberstate vun der europäescher Unioun skizzéiert gët.

Firwat schwätzt keen hei op der Tribün iwwer dee kulturelle Beräich? Ech weess et nët. Vlächicht well keen oppen Dieren arenne wëllt.

M. Mars di Bartolomeo (LSAP).- Entschëllegt, Här Scheuer, ech wäerd et probéieren.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Ech freë mech drop, Här di Bartolomeo!

M. Jacques Santer, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Dir hut Iech nët gutt ofgeschwat an der Fraktioun!

M. Jos Scheuer (LSAP).- Neen, dat as och nët ofgeschwat gin. Ech hu gëschter d'Diskussiounen nogelauschtert an ech war eeschtlech erféiert, wéi ech festgestallt hun, dass deen dote Beräich praktesch vu kengem heuewe beréiert gin as. Dat muss een als Lëtzebuerg och emol soen.

Ech sin der Menung, datt de Begrëff „europäesch Kultur” och eng Campagne wäert as, a garantéiert eng Campagne, déi mat där selwechter Intensitéit gefouert gët wéi déi, fir de Leit kloerzemaachen, datt mer d'Konstitutioun hei nët brieche, datt mer an de Regele vun der Demokratie deen Traité hei ratifizéieren. Do as eng Campagne noutwendig, an déi as nach nët gefouert gin.

Zweet Virbemiirkung: Ech hu gesot, dass Europa sech bis elo verwiirklecht an engem Prozess mat verschiddenen Étappen. An deen Traité hei huet déi Partikularitéit, datt en déi verschidden Etappen an der Zäit fixéiert: 1993, 1996, 1999.

Bis elo as déi Unifikatioun iwwer Hannerdire geschitt, ganz lues, op de Schlappe quasi. Mir hun den Acte unique ouni Accroc gestëmmt. An d'Châmber setzt sech och auserne mat Direktiven, ouni datt heuewen iwwer d'Souveränitéit vu Lëtzebuerg gestridde gët.

Mir haten a leschter Zäit d'Geleënheet, fir verschidden Direktiven ëmzesetzen, an zwar besonnesch Direktiven, déi sech mat der „libre circulation des travailleurs” ofgin hun, déi den „accès à la profession” regléiert hun.

Mir hun als Châmber hei gestëmmt, datt ähnlech Direktiven deemnächst iwwer d'Regierung kommen, dann d'Commission de Travail passéieren an da kënnen ratifizéiert gin.

Ech hu bei der Ratifizéierung vun denen Direktive folgendes festgestallt. An dene meeschte Fäll hu mir als Lëtzebuerg Châmber de Lëtzebuerg Pefferkär derbäigemaach.

Mir si quasi gedriwwen gi vun den europäeschen Direktiven, fir Ratifikatiounen virzehuelen. Mir hun zum Beispill den Enseignement misse reforméieren, den Enseignement, déi helleg Kou am Lëtzebuerg Stat. Mir hu vun Europa Mindestléisunge proposéiert kritt. Mir hu minimal Maasstäb proposéiert kritt a mir hun déi Direktiven ugepasst un d'Noutwendegketen vu Lëtzebuerg.

Hei praktizéiere mer also scho länger Zäit deen ëmgedreinte Subsidiaritätsprinzip. Dat wäerd och esou bleiwen. Zum Beispill as et beim Environnement genau d'selwecht. Mir hun eng Direktiv kritt iwwer d'Protektioun vun der Couche d'ozone. Wat hu mer doraus gemaach? Eng Lëtzebuurger Gesetzgebung, déi méi explizit a méi contraignant as wéi dat, wat mer vun Europa virgeschriww kritt hun.

Zweet Beispill, och aus dem Beräich vum Environnement, wat nach net ofgeschloss as: Mir hun eng Direktiv kritt, fir eis mat den Déchetën ofzegin. Mir hun d'Reglementéierung fir d'Emballages „liquides“, hire Recyclage an hir Récupéatioun. Dat hu mer ëmgesat an d'Lëtzebuurger Gesetzgebung, a well mer méi wäit gaange sin, wéi Europa eis dat virgeschriwwen huet, hu mer Problemer dermat, fir et hei duerchzekréien.

Dat als Virbemirungen.

Zum Artikel 198 A. An deem Artikel gët de Comité des régions agefouert. Et geet an deem selwechten Text och Rieds vum Fonds de cohésion.

Lëtzebuerg huet an deem Comité des régions 6 Memberen zegutt. Dat si 6 vun 189 Memberen.

Ech géif gären e puer Froë stellen zu deem Comité des régions. Et as wéineg driwwer diskutéiert gin. Den Här Bollendorff huet driwwer geschwat, an den Här Theis huet et kurz ëmraass. Et as schued esou. Ech weess och net, firwat dee Comité des régions net méi Diskussiounen wäert as.

As d'Kreatioun vun deem Comité des régions eng Äntwert op d'Nationalismen, déi an Europa existéieren a ronderëm d'EG ëmmer méi staark gin? As et eng Äntwert op d'Regionalismen, déi am Kader vun der EG ganz staark sin? Oder as et eng Konzessioun un déi Substrukturen, déi schon existéieren an déi ewell scho fir d'Gemengen an Europa opstin?

Wat as den Zweck vun deem Comité des régions? Bitt en eppes Neies? Wann et eng Konzessioun un d'Partikularismen as, da gët et eng vun dene kriddelechsten Institutiounen, déi am Kader vun Europa kënnen funktionnéieren. Da misste jo do un een Dësch d'Korsen an d'Bretonen, d'Basken an d'Katalonen, a vläicht souguer d'Bayer sëtze kommen.

Da wär et e Gremium, wou national Décisiounen kënnent beaflosst gin, wou national Politiken kënnent beaflosst gin am Intérêt vun Europa, an e Gremium, an deem déi nationalistesch autonom Tendenz sollen agebonne gin. Or, deem steet entgéint, dass et keen Entscheedungsgremium as.

Dann as et e Comité vu Regiounen. Vu wat fir enge Regiounen? Ech kënn mer nëmme virstellen, dass dee Comité sënnavoll as fir Europa, wann en d'Grenzregiounen matenee verbënnt, wa Grenzregiounen sech un een Dësch setzen, wann zum Beispill Lëtzebuerg d'Geleënheet kritt, fir mat de Saarlänner, mat de Lothrénger a mat de Belsch kënnen ze conféréieren. Dat selwecht kënnent een elo par extension applizéieren op d'Fransousen an d'Spuenier. Dann as et e Gremium, wou Grenzregiounen, iwwer d'Grenzen, déi nach bestin, matenee a Verbindung kommen.

Nach ee Wuert zur Europe des régions, wat jo hei institutionaliséiert gët.

Déi Regiounen si ganz oft méi enk a méi wäertvoll kulturell Entitéite wéi d'Staten, a wéi dat, wat sech Natioun nennt. Si sin historesch méi enk an och an der Zäit méi no matenee verbonnen. Erënnert lech un d'Herzogtum Lëtzebuerg. An de Regiounen sin och d'sozial Kontakter vill méi enk wéi se ënner Natiounen sin.

Et gin ekonomesch Kontakter an ekonomesch Ofhängegketen, déi wichteg si fir d'Ekonomie vun eisem Land, och vun de Regiounen ronderëm eist Land, a vun den eenzelne Länner, zu denen d'Regiounen gehéieren, virun allem kommerziell Kontakter, déi de Mëttelstand beréieren, déi d'Handwierk beréieren. Transportproblemer a

Stroossebau sin net méi ze léisen, wann ee se net regional an iwwerregional léist, dat heescht, iwwer d'Grenzen eraus kuckt. Wat d'Frontalière fir d'Land Lëtzebuerg bedeiten, dat weess jidferen.

Ech froë mech, ob een net soll an Zukunft eng duebel Subsidiaritéit ustriewen. Op där enger Säit d'Subsidiaritéit Lëtzebuerg-Europa, an op där aner Säit d'Subsidiaritéit, déi nach net ganz geschafent as: d'Groussregioun Lëtzebuerg, déi deelweis funktionnéiert. Ech erënnere un d'Pôles de développement économique. Ech erënnere un all déi Gremien, wéi IRI, déi existéieren, ouni dass se awer agebonne sin an eng europäesch Institutioun.

As dat eng Iwwerbewäertung vun der Regioun? Ech weess et net, mä d'Méiglechkeet besteet, fir dat vill méi intensiv ze maachen. A mir als Lëtzebuurger hätten nëmme Intérêt drun, fir eis anzebannen an als „Chef“ eventuell an enger grousser Regioun ze gesinn. Dat wär realistesch, méi schnell ze realiséiere wéi dat grousst Verenegt Europa, d'Kontakter bestin, et wir iwwerschaubar.

Da sin ech bei dene Konklusiounen, déi souwuel den Här Bollendorff wéi och den Här Theis gezun hun. Mir hun an deem Gremium 6 Memberen zegutt. Wann een elo déi 6 Membere siche geet bei de Syvicol, bei d'Gemengen oder a Walbeziirker, dann entsprécht dat net där Theorie an där Optik, déi ech hei virgeschloen hun, mä da maache mer jo d'Partikularisme vu Lëtzebuerg zum Objet vun esou enger Institutioun. As dat esou? As dat gewollt esou? Hu mer eng Méiglechkeet, fir et anescht ze maachen? Wa mer et wëllen anescht maachen a Lëtzebuerg als Stat vertrieed loosse, da muss een och Mandatairen dohinerschécken, déi Lëtzebuerg als Land do vertrieeden.

Dat zum Comité des régions.

Zweet Bemirung: Do wëll ech e bësschen op dat agoen, wat am Virfeld vun der Ratifizéierung hei zu Lëtzebuerg geschitt as. Mir hun eng Flambée vu Rietsextremismus hei zu Lëtzebuerg gehat. Ech erënnere mech un d'Zeitung, déi virun de Lëtzebuurger Schoulen ausgedeelt gin as. Dat konnt net verhënnert gin. Dat war eng Zeitung, déi op eng skandaléis Aart a Weis propagandistesches gehetzt huet. Ech hun een Artikel do gelies, wou Lëtzebuerg gewarnt gin as virum Islam, wou Moscheën dran duergestallt waren.

Hei an der Debatt - dat muss een och leider a bedauernd soen - si Begrëffer gebraucht gin, respektiv suggéiert gin, déi net op dës Tribün gehéieren: „Schandvertrag“; et läit no, fir dann vu Vaterlandsverräter ze schwätzen. Dat as Demagogie. Dat as äusserst bëlleg Demagogie. Ech stelle fest, dass do eng sougenannt „Nischendemagogie“ gemaach gët. Wat heescht dat? Et kann een eng nuancéiert Approche zu engem Vertrag hun, an déi och hei an der Châmbre duerleën, mä dobaussen, fir beim Publikum unzekommen, pickt ee sech een Aspekt eraus, mat deem geet ee virun d'Leit, a mat deem Aspekt léist een Ofwierreflexer bei de Leit aus.

Wat huet den Aktiounskomitee 5/6 gemaach? Hien huet séng Argumentatioun axéiert op zwee Punkten:

1. op d'Ausländerwalrecht, aus der Citoyenneté européenne huet e jhust nëmme d'Ausländerwalrecht um kommunale Plang hei zu Lëtzebuerg erausgepickt;
2. en huet vum Verfassungsbuch geschwat.

Wat erreecht een, wann een zwou wichteg Saachen esou primitiv zesummeërcht? Dann erreecht een de Rassemblement vun den Dissidenten. Et as äusserst bedenklech, wann d'Lëtzebuurger Populatioun sensibel as op esou Reduzéierungen, op schrecklech Vereinfachungen. Déi schrecklech Vereinfachungen si bewosst gemaach gin hei an der Châmbre. An d'Resultat vun dene Vereinfachungen as och hei op der Châmbretribün ugekënnegt gin. Den Här Gibéryen huet net nëmme d'Trendmeldungen vun de leschten elektoralen Erhebungen duergeluegt, hien huet d'genau Zuele gesot, déi am Ablack positiv géifen ausfale fir den Aktiounskomitee 5/6 a fir déi Gréng.

Et kann ee vun engem Trend schwätzen; schlëmm as et, wann een en Trend an eng Erhebung als Wouerécht dohinnerstellt.

(Interruption)

Dat selwecht hun déi Gréng gemaach. Mat grousser Satisfaktioun hu se hei gesot, wat as, bis datt déi nächst Wale kommen. Dat fannen ech skandaléis an eng furchtbar Vereinfachung. Ech soen Iech och firwat, Här Huss!

M. René Putzeys (CSV).- Tous les démagogues sont de terribles simplificateurs!

M. Jos Scheuer (LSAP).- Den Här Huss huet sech bis elo nët gemellt. Ech weess och firwat. Ech hu gesot...

M. Jean Huss (GAP).- Ech hu gëschter 50 Minutten hei geschwat!

M. Jos Scheuer (LSAP).- Ech hun Iech nogelauschtert!

Ech weess firwat. Well déi Gréng och an deem Fall eng Nischendemagogie maachen op engem Terrain, deen e bëssche méi breet as wéi deen, dee vum Aktiounskomitee 5/6 occupéiert gët. An zwar as et de Beräich vun der Ekologie. Et as näischt méi einfach, wéi am Beräich vun der Ekologie „de la surenchère“ ze maachen!

Ech weess genau, datt de Maastrichter Vertrag den Ekologen nët entgéintkënn, mä e verhënnert strictement näischt. Dat wësst Dir alleguerten! E verhënnert näischt, datt een op där Schinn vun Europa, wat ëmmer méi ekologesch ausgeriicht gët, weidergeet. Ech hat bewosst vun den Direktive geschwat, déi vun Europa kommen, a wou mir hei als Châmbre „de la surenchère“ maachen. Mir hun „de la surenchère“ gemaach par rapport zu Europa. Och dat sollt Der an Är Reflexiounen mat abezéien!

Wat spigelt déi Debatt erëm? D'Angscht, datt mir als Land d'Spëtzepositioun an deem Wuelstandseuropa verléieren. Dat geet all Lëtzebuurger ënner d'Haut. Dat heescht, dass mer eist Recht géife verléieren, eng ekonomesch Nischepolitik ze maachen.

Zwetens gët spekuléiert op der Angscht virun der Iwwerfremung. Dat as verständlech. Dat wëllt keen. Et as d'Angscht, nët méi Här am egenen Haus ze sin. An dann as et awer och nach d'Angscht, fir Afloss op europäischem Niveau ze verléieren, mir hätten näischt méi ze soen: Den Eurokratismus als Gespenst, wat reell as a wat an Zukunft nach kënn ausgebaut gin.

Dat sin déi negativ Konklusiounen, déi een zéie kann.

Ech probéieren nach, fir e puer positiv Richtungen ze weisen, an déi een dann an Zukunft och misst goen.

Europa muss dobausse positiv duergestallt gin, nët mat propagandistesche Werbungseffekter, mä op eng Aart a Weis, datt jidferen et versteet, wann en et verstoë wëllt. Ech sin der Meinung, well de Stand vun den Debatte schon esou wäit as, datt all Lëtzebuurger, dee sech hätt wëllen informéieren, schon de gréissten Deel vun den Informatiounen hätt kënnen kréien. Mä dat muss een nach weider ënner d'Vollek bréngen. Och d'Publikatioun vu Maastricht as e Prozess, deen ugefaangen as, deen ee soll weiderféieren.

Dat zweet as, an dat schéngt mer onbedingt noutwendeg, mir müsse Lëtzebuerg och de Lëtzebuurger emol nees duerstellen. Mir brauchen en Nationalismus, mä mir müsse wëssen, wéi deen Nationalismus ausgeginn huet. Maastricht as en Défi fir eist Land. Maastricht as en Défi, datt mer eise Patriotismus definéieren a redefinéieren.

Mir hun en definéiert, ëmmer aus der Vergaangenheet eraus. A Patriotismus kënn aus der Nout, e kënn aus der Ennerdréckung. De Patriotismus, dee mir zu Lëtzebuerg hun, as een, op dee mer kënnen stolz sin, well mer wéineg schwaarz oder keng schwaarz a keng brong Punkten an eiser Vergaangenheet hun. Mir hun an der Vergaangenheet awer vergiess, op d'kulturell Wäerter vu Lëtzebuerg anzegoen.

Mir hun et nët fäerdegebruecht, fir eiser Jugend, eise Kanner an den Erwuessenen iwver eis Medien, eis ege Wäerter duerstellen. Firwat? Well mer eis ëmmer nees moossen un europäesche Modellen an un europäescher Kultur.

Wat as Klassik an der Schoul? Wat as wäert, fir an der Schoul geléiert ze gin? Mä nëmmen dat, wat dem europäesche Cliché kann entsprechen oder wat iwver de Leescht vum Weltniveau ka gezu gin. Dat as falsch. Mir müssen als Politiker de Courage hun, fir eis Region an eist Land duerstellen als dat, wat mer sin, mat deem, wat mer wäert sin, a mat deem, wat mer nët wäert sin. Mir brauchen e Renouveau vun eise kulturellen Aktivitéiten an der Schoul, wou d'Lëtzebuurger Geschicht soll duergestallt gin an eiser Kultur, awer e Renouveau, dee vill méi wäit geet wéi den übleche Folklore. Dat geet nët duer. Domadder lackelt ee kee Lëtzebuurger méi eraus hanner dem Uewen. Dat as nët Lëtzebuerg, wann e puer Männercher Musik maachen, oder e puer Männercher dohier sprangen an tanzen!

Mir müssen eis Kultur an eist Land definéieren mat sänge Limiten, awer och mat sänge Wäerter. Da brauche mer onbedingt e Renouveau vun der Lëtzebuurger Sprooch, an zwar als Schoulfach. D'Lëtzebuergesch gët an deem Moment, wou de Primaire eriwver as, zréckgedréckt, gët praktesch inexistent als Fach, a souguer als Kommunikatiounssprooch.

Mir brauchen e Centre de langues, deen eng wëssenschaftlech Basis huet, wou Ausländer kënnen dragoen a Lëtzebuergesch léieren. A virun allem, dat as onbedingt noutwendeg, diirf dee Centre de langues nët d'Zentral gi vum ganze Lëtzebuurger Land. Verschidde Regiounen hun hir Problemer mat den Ausländer. An et as de Gemengen iwverlooss, oder eenzelne Lycéen iwverlooss, fir dann Initiativen ze huelen. Mir brauchen eng Dezentraliséierung vum Enseignement vun der Lëtzebuurger Sprooch. Virun allem brauche mer Methoden, déi modern, an dem Trend vun der Zäit ugepasst sin.

Dann eppes anescht, wat onbedingt zu Lëtzebuerg gehéiert. Dat as de Wäert vun eiser Dräisproochegkeet. Et wär furchtbar primitiv, wa mer hei uewen op der Tribün géinge schwätze vun der lëtzebuergescher Nationalsprooch, an da géife mer kee Wuert verléieren iwver de Wäert vum Franséischen a vum Däitschen, respektiv souguer vum Engleschen, awer „par extension limitée“.

Déi Dräisproochegkeet as eng immens Chance fir sech kulturell unzebannen un d'Ausland. Déi Dräisproochegkeet as d'Bedingung, datt mir iwverhaupt europäesch kënnen denken, europäesch fillen an d'europäesch Kultur kënnen verstoen. Dat as eng Chance, déi hu mir vis-à-vis vun dene Regiounen, déi mat grousser Waarscheinlechkeet an deem Comité des régions vertruete sin, a wou d'Vertrieder müssen zréckgräifen op Interpreten, fir sech kënnen verständlech ze maachen.

Wa mir eist Nationalgefill op déi Aart a Weis, esou wéi ech et elo zimlech graff skizzéiert hun, nei definéieren a probéieren ze entwéckelen, dann entwéckele mir och eng Selbstsicherheit bei eise Leit, wou dann d'Demagogen nët méi u Minderwäertgeetsgefiller oder u Superioritéitsgefiller vun de Leit appelléieren, an domat kënnen sech gutt Walresultater viraus prophezeien, an dat dann zwee Jor virun de Wale hei kënnen proklaméieren a soen: Dir kritt déi nächste Kéier d'Quittung!

Ech soen Iech, wa mir esou weiderfueren an där do Form vun Demagogie, ouni datt mir e puer aner Mesürene deem entgéinthalen, da gesinn ech schwaarz fir d'Demokratie am Lëtzebuurger Land. Jiddefalls hu verschidde Leit a verschidde Vertrieder hei uewen där Demokratie keen Déngscht geleescht, respektiv si hun hir geschued. Dat as méng fest Iwwerzeugung.

M. le Président.- La parole est à l'honorable M. Camille Dimmer.

M. Camille Dimmer (CSV).- Här President, dir Dammen an dir Hären. De Vertrag vu Maastricht stellt een neien a wichtege Ecksteen vum europäeschen Haus duer.

Kucke mir zréck an d'Geschicht vun Europa a vun der Europäescher Gemeinschaft, da stellt ee fest, dass bis haut ee wäite Wee zréckgeluegt gin as. Et as bis elo vill erreecht gin, esouwuel am Beräich vun der Erweiterung, wéi an deem vum Opbau a vun der Verdéiwung vun der Europäescher Unioun.

Eigentlech stellt een ee permanent Wiesselspill fest tëschent Erweiterung a Verdéiwung. Déi eng wëlle méi schnell erweideren, méi grouss maachen, nei Memberen, nei Staten ophuelen, déi aner sti permanent mam Fouss op der Brems a fäerten zevill Kompetenzen opgin ze missen.

Um Wee vun der Erweiterung as d'Gemeinschaft vu 6 op 12 Memberen eropgaangen. Op deem Palier sti mir schons eng Zäit, well jiddereen der Meinung wor, elo misst een d'Strukture festegen an d'Zusammenarbecht verbessern, erweideren a straffen.

Dëst wor den Ulass, den europäeschen Acte unique vun 1986 ze verfaassen, deen ënnert Lëtzebuerger Presidentschaft realiséiert gin as, an deen de groussen europäesche Bannemaart vun 1993 erméiglecht.

Während dëser Verdéiwung vu besonnesch där wirtschaftlecher Unioun, wor de Prozess vun der Erweiterung mat Recht bis haut gestoppt. Emmer méi Kandidaten drängen sech haut virun der europäescher Dir, wou sécherlech d'EFTA-Länner Kandidate sin, déi d'Konditiounen erfëlle kënnen, an déi sécherlech eng Beräicherung um kulturelle Plang vun Europa duerstellen.

Eisterräich, d'Schwäiz, Schweden an aner Länner drängen drop an déi Europäesch Gemeinschaft ze kommen. U sech ee Paradox, wann een d'Resultat vun der Ofstëmmung vun den Däne gesäit.

Op déi aner Säit awer eng Konfirmatioun vun der Attraktivitéit vun Europa als wirtschaftlech a kulturell Communautéit, eng Konfirmatioun och vum ageschloene Wee, deen dës Attraktivitéit erméiglechet huet.

Et kann een sech awer kaum virstellen, dass mir eng Situatioun kënnete kréien, wou déi, déi an der Gemeinschaft sin, eraus wëllen, an déi, déi dobause sin, era wëllen.

Eng Verweigerung vun de Lëtzebuerger vu Maastricht wir ee Verweigere mat denen anere Länner, d'Verdéiwung vun der Europäescher Gemeinschaft weider ze dreiwien.

Een Aussteige vu Lëtzebuerg aus dem europäeschen Zuch wir, déi aner State weiderfuere loossen, eng europäesch Unioun ouni Lëtzebuerg opzebauen.

Nei Länner wire schnell do, fir ons Plaz anzehuelen. Eis politesch a strategesch wichteg Plaz als Grënnungsland vun der Europäescher Gemeinschaft, als eent vun de sechs Länner, déi no dem Zwete Weltkrich un der Spëtzt stongen, fir ee gemeinsamt Europa ze grënnen, wir definitiv fort, mat alle katastrophale Konsequenzen fir eise Stat, fir eis Wirtschaft, fir eise Liewensniveau.

Wien haut neen zu Maastricht seet, schéckt Lëtzebuerg zréck an dat lescht Jorhonnert - dat as nach guer nët esou laang hier - vum aarmen Agrarstat. Dee leschte Lëtzebuerger muss sech dach klor sin, dass mir keng Alternativ zu Europa hun, well mir ee Stéck vun Europa sin.

Jo dofir zu dësem Maastrichter Schratt vun der Verdéiwung vun der europäescher Unioun duerch d'Schafe vun enger Wirtschafts- a Währungsunioun, duerch d'Schafe vun enger politescher Unioun, an duerch d'Schafe vun enger gemeinsamer europäescher Aussen- a Verteidigungspolitik.

Et kann dach nët an eise Interesse sin, an engem Moment wou d'EFTA-Länner wéi Eisterräich, d'Schwäiz a Schweden an Europa wëllen, mir ufänken Europa de Réck ze weisen.

Et as dach nët denkbar, dass mir an engem Moment, wou Ost- an Zentraleuropa, wou Länner wéi Ungarn, Polen, Tschechoslowakei

mat Hoffnung op Europa kucken, mir ufänken un eise vitalen Interessen un deem Europa ze zweifelen.

Dëst Europa huet ëmmerhin elo schons bal 50 Joer Fridde bruecht. Wee garantéiert eis dann dës Fridden? Sécher nët eise Bataillon vum Härebierg!

Et gët fir eist Land kee Fridden a kee Wuelstand ouni Europa, dëst muss mir eis ëmmer erëm bewosst sin.

No dëser méi allgemenger Ausso zu Maastricht an Europa, wëll ech op eenzel spezifesche Punkten, wéi d'Emweltproblematik, wéi de Rôle vun de politesche Parteien, wéi d'CSV an d'Ausländerwalrecht oder wéi dem Europarat nei Aufgaben an Europa gin, agoen.

Wann et ee Gebitt gët, wou et jidderengem misst aliichten, dass mir als klengt Land keng Chancen hun eis Problemer eleng ze léisen, dann as dat am Beräich vun der Umwelt. Loft- a Waasserverschmutzung, Bëschschied an Energieproblemer kënnen nëmmen europäesch geléist gin.

Et as dofir iwerraschend feststellen, dass déi gréng Parteien do eng aner Meinung hun, a géint Europa stëmmen. Si wëllen d'Emweltproblemer am Alleingang hei zu Lëtzebuerg léisen.

Ech wëll drun erënnere, dass d'Emweltpolitik schons beim Acte unique vun 1986 an déi europäesch Verträge erakomm as.

Am Vertrag vu Maastricht sin d'Artikelen 130R, 130S an 130T ergäntzt a verbessert gin, fir den neien Erkenntnisser an den neien Ziler vun enger europäescher Emweltpolitik ze entsprechen.

Dës Ziler sin, een héijen Niveau vum Natur- an Emweltschutz unzepullen, den Emweltschutz an déi aner Politicken ze integréieren, an duerch europäesch an international Kooperatioun, wéi se beim Emweltsommet vu Rio ënnerstrach gin as, effikass Moosnamen zum Schutz vun der Natur an der Umwelt ze ergäifen.

Beim Emweltschutz spillt de Subsidiaritätsprinzip nët an deem Sënn, dass déi Europäesch Gemeinschaft sech hei ee kloren Opdrag am Vertrag vu Maastricht gët. D'Emweltpolitik as dee Beräich, wou supranational Moosname muss geholl gin, an dat op engem héijen Niveau. All Land bleift et iwerlooss, séng Moosnamen nach méi schaarf ze gestalten oder méi wäit ze goen.

Dës kloren Wëlle vun den europäesche Länner, d'Emweltpolitik ze enger wierklecher Gemeinschaftspolitik ze maachen, kann een nëmme begrëssen, an dofir nach eng Kéier déi klengkarréiert Mentalitéit vun de gréngen Parteie schaarf condemnéieren.

Mat Emweltdirektiven a schéine Wieder an deem Maastrichter Vertrag as et natierlech nët geden.

Ee rezente Bericht vun der juristescher Kommissioun vum Europaparlament iwert d'Uwendung vum Europarecht dokumentéiert, dass am Umweltberäich villes nët klappt. Haaptursach as, dass déi national Umweltverwaltungen zoustänneg sin, fir d'Direktiven ëmzesetzen.

Gin zum Beispill am Beräich vun der Wirtschaft eenzel Direktiven nët sachgerecht ëmgesat, si wirtschaftlech Interessengruppen do, fir de Verwaltungen an de Ministèren op d'Fanger ze klappen.

Beim Emweltschutz as keng Lobby ausser den Natur- an Emweltschutzorganisatiounen do. D'Umwelt an d'Natur kloen nët vu sech aus.

Fazit: Dat europäescht Emweltschutz gët schlecht ëmgesat, an d'Kommissioun vu Bréssel as praktesch machtlos, fir eng effikass Verwierklechung vun den Emweltdirektiven ze garantéieren.

An der Regel gin d'Emweltdirektiven ni an den Délaiën ëmgesat. Ausserdeem as d'Emsetzung oft inkomplett.

Wat bedeit dat?

Dëst Beispill vum Emweltschutz weist ganz klor déi beschränkt Méiglechketen, Europa vun enger zentraliséierter Kommissioun vu Bréssel aus ze féieren.

Et feelt do deen nationale Maillon vun der Chaîne.

Déi national Parlamenter mussen hei méi fréi matageschallt gin, an zwar schons beim Opstelle vun den Direktiven. Nëmme da kënne si och spéider eng Kontrollfunctioun beim Emsetze vun der Direktiv an dat nationaalt Recht, a vun der praktescher Uwendung vun der Direktiv am Land, iwwerhuelen.

Et gesäit een also beim Beispill vum Emweltschutz, wéi schwéier et as, fir eng klor Kompetenzopdelung ze maachen, wat um europäesche Plang a wat um nationale Plang kann a soll gemaach gin. Et as néideg eng nuanzéiert Approche ze huelen. Et dierf een net vergiessen, datt, wann europäesch léigiféiert gët, dëst Recht awer national muss ugewant gin an national kontrolléiert gin.

Een zwete Punkt, deen ech beréiere wëll as dee vun de politesche Parteien.

Wat hun déi politesch Parteien mat Maastricht ze din, freet elo vläicht deen een oder deen aneren?

Ee Faktum as, datt am Vertrag vu Maastricht een neien Artikel iwwert déi politesch Parteien ageschriwwen gin as. Dësen Artikel 138A laut esou: „Les partis politiques au niveau européen sont importants en tant que facteur d'intégration au sein de l'Union. Ils contribuent à la formation d'une conscience européenne et à l'expression de la volonté politique des citoyens de l'Union.“

An enger Zäit wou verschidde Journalisten an der geschwatener an an der geschriwwener Press et interessant fannen op d'Politiker an op d'Parteien dropzefachen no dem Motto: Hau den Lukas, wou d'Chamber als ee Club vun Onverbesserleche bezeechent gët, kann een nëmme begreissen, datt elo déi europäesch politesch Parteien Gnod am Vertrag vu Maastricht fannen.

Et muss ee wëssen, datt zum Beispill eis Verfassung d'Parteien net virgesäit, an datt mir och keng direkt Parteifinanzéierung kennen.

D'Ophuele vun de politesche Parteien an de Vertrag vu Maastricht setzt also ee Signal fir eis Lëtzebuerger, déi sech eeschtlech mam Problem vun de Parteien op alle Pläng beschäftege sollten.

D'CSV as gewëllt dës Diskussioun an allem Eescht an an aller Rou ze féieren. Kommend Wale si keng Basis fir iwwert de Wee vu Walsubventiounen un d'Parteien dës Diskussioun ze féieren.

Eng onseriös Diskussioun, wéi déi Gréng se iwwert d'Gehalt vun den Deputéierte féieren, as fir d'CSV keen Usazpunkt fir mat ze diskutieren.

Perséinlech sin ech der Meinung, datt mir eng déiwer Analys vun dem Rôle vun de Parteien musse maachen. D'Parteien sollte ménger Meinung no, bei der nächster Reform an d'Verfassung ageschriwwen gin. Dëst as den Usaz fir nodréiglech och iwwer Finanzen schwätzen ze kënnen. D'Gesamtfunktionnement vun de Parteien soll enger seriöser Analys ënnerworfen gin, fir déi néideg Transparenz an de Funktionnement ze kréien.

Dem Richard von Weizsäcker séng rezent Denkestéiss iwwert de Rôle vun de politesche Parteien an der Demokratie, déi an Däitschland fir vill Oprengung gesuert hun, si sécherlech wäertvoll fir dës Diskussioun ze féieren, an de politesche Parteien een neie Statut ze gin.

D'Parteien hun eng wichteg Roll an der Demokratie ze spillen. Si hëllef den déi politesch Meinung forméieren a sin ee wichteg Element an der europäescher Integratioun.

(Mme Erna Hennicot-Schoepges reprend la Présidence)

Drette Punkt, deen ech beréiere wëll an der Diskussioun vum Vertrag vu Maastricht, as den zukünftige Rôle vum Europarat.

Dëst as och keen Thema, wat d'Lëtzebuerger vun de Still räisst. An dach as den Europarat eng wichteg europäesch mä leider deelweis verkannten Institutioun.

An dach kann den Europarat, besonnesch am Defizit vum Europa zu de Bürger, eng wichteg Roll an der Zukunft iwwerhuelen.

Europa verkeeft sech net gutt oder souguer ganz schlecht. De Refus vun den Däne beim Referendum as ménger Meinung no, eleng op ee flagrante Defizit un Informatioun vum Bürger zréckzeféieren.

Déi eng soen, et däarf een dem Bürger net alles soen. Déi aner mengen, de Bürger versteet näischt vu komplexe politeschen Affären. Wouer as, datt wann de Bürger net richtig opgekläert gët, hien et falsch versteet a misstrouesch gët. Déi nächst Wale bréngen dann d'Ofrechnung fir d'Politiker.

Ee vun den Hauptproblemer an der Diskussion as ëmmer, datt een Defizit besteet vum Matsproocherecht vun den nationale Parlamenter. Kann dofir jhust a grad net den Europarat een Deel vum Defizit um Matsproocherecht vun den nationale Parlamenter behiewen? Den Europarat besteet aus nationale Parlamentarier an huet dofir een direkte Kontakt op nationalem Plang.

Am Vertrag vu Maastricht gët den Europarat net opgewäert. Au contraire. Et huet een den Androck, wa gewësse Fonctionnaire vu Bréssel dës Institutioun am léifsten ofschaft wëllten. Eleng bei der Kultur gët d'Kooperatioun mam Europarat ganz spezifesch ernimmt. Ménger Meinung no, geet dat net duer. Den Europarat muss eng nei Destinatioun, eng nei Functioun an der europäescher Famill an an den europäeschen Institutiounen kréien.

Ech plädéiere fir den Europarat méi staark un d'europäescht Parlament an un déi national Parlamenter unzebannen. Déi richtig juristesche Form muss nach fond gin. Et sief fir de Moment dohi gestallt ob den Europarat den europäesche Senat kennt, sollt oder misst gin.

Eng speziell Missioun kennt dem Europarat bei de Regionnen an de Gemengen zou, wou elo schons eng permanent Konferenz funktionnéiert. Et wir dofir besonnesch wichteg, de Comité des régions, deen am Vertrag vu Maastricht virgesinn as, enk mam Europarat zesummeschaffen ze loossen.

Ech sin awer och der Meinung vum President Mitterrand, dee sot: Et as um Europarat fir sech séng Plaz an Europa ze verchafen. Op de Kommissiounspräsident kann den Europarat kaum zielen.

Leschten a kurze Punkt as dee vun der europäescher Biürgerschaft.

An hirem leschte Walprogramm huet d'CSV folgendes geschriwwen: „Politische Rechte und Staatsangehörigkeit sind für die CSV weiterhin untrennbar. Wer in Luxemburg aktives und passives Wahlrecht auf lokaler oder nationaler Ebene beanspruchen will, kann dies nur durch die Annahme unserer Nationalität erreichen.“

D'CSV huet also mat der europäescher Staatsbürgerschaft eng sougenannte grouss Kéier geholl. Et steet och zu där neier Approche vum Walrecht, dat ënner gewësse Bestëmmungen, op déi ech hei net wëllt agoen, an de Maastrichter Vertrag verankert gët.

Fir d'ëischt muss ee soen, datt bei de Wale vun 1989 Europa een anert wor, wéi dat Europa vun 1992, wou d'Berliner Mauer an de Kommunismus gefall sin, an d'Sowjetunioun sech opgeléist huet. Dat grousst Europa steet virun der Dir mat all sénge gläichwäertegen a gläichberechtete Bürger.

Desweidere muss ee festhalen, datt d'Walrecht een Deelaspekt vun der europäescher Biürgerschaft as, déi dem Lëtzebuerger, deen den Awwinner vun engem klengen Land as, mat wéineg Ambassaden am Ausland, nei Rechter zougesteet.

Fundamental wichteg an dëser Diskussioun iwwert d'Walrecht as ëmmer, datt deejéinegen, deen dëst Recht wëllt hun, op sai Walrecht a séngem Land verzichte muss.

U sech as d'Walrecht als éischte Schrëtt vun der Integratioun ze verstoen.

Wie Lëtzebuurger wëllt gin, muss op séng Nationalitéit verzichten.

Wien dat lëtzebuergesch Walrecht ënnert gewësse Bestëmmungen an Usproch huele wëllt, muss op säi Walrecht a sénger Hemecht verzichten. Kee liichte Schrëtt also.

Ofschléissend wëll ech méng Zoustëmmung zu dem Vertrag vu Maastricht klor ausdrécken.

Dëst as am Interesse vum Fridden an Europa. Dëst as am Interesse vun alle Lëtzebuurger Familjen a vun hirem wirtschaftleche Wuelstand.

Dëst as och am Interesse vun eiser Natur an Emwelt, déi nëmmen duerch een iwergrenzleche Schutz geséichert ka gin.

Ech soen Iech merci.

Mme la Présidente. La parole est à l'honorable M. Goerens.

M. Charles Goerens (DP). Mme Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Ech hat mir am Fong virgeholl, well ech Rapporteur war vun deemem Gesetz, fir et dobäi ze loossen. Ech wollt awer elo nach eng Kéier oprieden, fir am Numm vu ménger Fraktioun ze schwätzen an och als Parteipresident. Ech hätt d'Wuert net ergraff, wann ech net misst reagéiere géint eng Parti Gemengheten, déi hei un d'Adress vu ménger Partei geriicht goufen.

Ech hun deem, wat ech als Rapporteur gesot hun zum Maastrichter Accord, absolut näischt bäizefügen. Ech hun och kee Komma un denen Aussoen zréckzezéien.

Ech ka verstoen, dass et Leit an deem Land gët, déi Schwireketen hu mam Walrecht fir d'EG-Biirger. Ech kann dat verstoen, well déi dräi grouss Parteien 1989 een Accord gin haten, deen ee kënt ëmschreiw mat enger Aart Conspiration du silence ronderëm ee Problem, deen awer reell war.

Ech ka verstoen, dass et Leit gin, déi soen, do as et zu engem Emdenke komm. Ech si matresponsabel als Rapporteur, wann ech d'Châmbre opruffen, fir do ëmzedenken. Ech si matresponsabel fir dat Emdenken.

Ech soen direkt, et as déi leschte Kéier jiddenfalls, dass ech als Parteipresident wärd een Accord mat ënnerschreiw géint eppes. Wann et Accore gin an Zukunft, dann héchstens nach fir eppes. Et war ménger Meinung no ee Feler, an et steet kengem schlecht zu Gesiicht, wann en dee Feler agesäit.

Ech hun och kee Problem mat Leit, déi sech Froe stellen iwwert den zukünftege Statut vu Lëtzebuerg an der Europäescher Gemeinschaft. Et as ganz klor, dass mir wëssen, wéi kleng dass mir gi sin. All Länner an der Europäescher Gemeinschaft, mat Ausnam vun engem, si säit der däitscher Wiedervereinigung méi grouss gin. Fir eis as d'Belsch ee grousst Land. Wa mir eis also mat deem zweetgréisste Land an der Europäescher Gemeinschaft vergläichen, dann as dat fir eis schons eng Puissance moyenne. Wann déi sech mat eis vergläichen, da mengen si, si wiren ee grousst Land. Ech vergiessen net, dass nach aner Länner an der Europäescher Gemeinschaft sin, déi méi grouss sin. Dofir kann ech och dovun ausgoen, dass et zu enger Allianz kënt vun dene klengen, ganz klengen a mëttlere Länner, fir déi Befierchtungen zunichte ze féieren, déi dorop erauslafen, fir een Directoire des grands ze kréien. Ech géng dat jiddenfalls hoffen, an och wënschen, dass déi, déi deen do Dossier en charge hun, esou negociéieren, dass de Statut vu Lëtzebuerg erhale bleift.

Ech verstoppen Iech och net, dass méng Partei eng ganz Parti Diskussiounen hat, kontradiktoresch Diskussiounen. Mir hun oft virgeworf kritt, mir hätte Jubelkongresser. Mir haten eng Parti Kongresser an öffentlech Optrëtt, wou dat, wat den Här Grethen an ech gesot hun, net ëmmer dat selwecht war. Et gin net vill Parteien hei, wou de President an de Generalsekretär an der Basis zum

selwechten Zäitpunkt, dat selwecht an dene selwechten Terme soen. Ech kenne jiddenfalls keng, mä ech wär frou déi kennen ze léieren.

Ech wëll domat all méng Kollegen, déi sech un där Diskussioun bedelegt hun, wat eng ganz konstruktiv Diskussioun war, merci soen, an en fin de compte sin et d'Resultater déi zielen.

D'Resultat kennt Dir. Mir sin hei a mir stëmmen den Traité.

Mech stéiert et net, wann een eng aner Meinung huet wéi ech, ob dat a ménger Partei as oder an enger anerer. Wichtig as, dass een sech zu denen Echéancé stellt, déi op een duerkommen, an datt een da séng Verantwortung iwwerhëlt.

Ech wëll elo un eppes erënnere, wat fir d'Châmbre gëlt, souwuel wéi fir eng Parti aner Gremien, en l'occurrence d'Parteien. Mir sin net déi eenzeg Partei, déi iwwert wichteg Themen am Land emol divergéierend Standpunkter ausgedréckt huet, iert d'Décisioun gefall as. Mir haten eng Diskussioun hei iwwert d'Nordstrooss. Ech brauch net weider drop anzegoen, do weess jiddere wéi liicht, respektiv wéi schweier déi eenzel Parteien sech gedoen hun, fir do zu enger Entscheidungsfindung ze fannen. Den Ennerscheid tëschent ménger Partei an anere Parteien as jiddenfalls deen, datt mir, wéi et drëmgaangen as, fir ofzestëmmen, eng géent an eneg Haltung ageholl hun, wat bei aneren net de Fall war, wat ech och bereet sin, ze respektéieren.

Wat och muss erwähnt gin, dat as, dass Décisiounen, am Fall wou et divergéierend Standpunkter gin, duerch ee Vote sanktionéiert gin. Ech wëll och elo eng Parti successiv Etappen vun enger kohärenter Démarche opzielen, déi méng Partei an dieser Legislaturperiod gemaach huet, notamment am europäeschen Dossier.

1989 huet den Henri Grethen eng Commission spéciale „Marché unique“ gefrot mat där Suite, déi Dir kennt.

1991 hu mir, wéi d'Lëtzebuurger Présidence ugaangen as, der Regierung eng Trêve politique virgeschloen, en échange de quoi mir gären Informatiounen gehat hätten iwwert d'Evolutioun vum Dossier mat dene Suiten, déi Dir kennt.

Ech wëll nach eng Kéier erwähnen, datt de Finanzminister d'Spëtzt vun der Demokratescher Partei iwwert de Stand an d'Evolutioun vun deem Dossier, deen hien en charge hat bei denen Negociatiounen, informéiert huet.

Ech wëll och erwähnen, datt de Staatsminister an den Ausseminister Informatiounen un déi zoustänneg Kommissioun an der Châmbre gin hun, mä mir hu bei denen zwee net deen Traitement kritt als Partei, wéi dat zum Beispill beim Finanzminister de Fall war.

Ech ka mech och net erënnere, dass eng Kéier eng Partei hei am Land eng Trêve politique virgeschloen huet, wou et ëm den Intérêt national gaangen as. Mir hun deemools och an deem Communiqué gesot, dat wat elo negociéiert gët, as vun esou enger fundamentaler Bedeitung, a wärd och nach déi nächst Generatiounen konditionéieren, esou datt mir doraus kee Sträitobjekt wëlle maachen. Wat hei priméiert, dat as den Intérêt vum Land.

1991 huet d'demokratesch Fraktioun an enger Pressekonferenz, wou se de Bilan gezun huet iwwert hir Fraktiounsaarbecht vun Exercice 1990-1991, gesot; se hätt gären ee Referendum iwwert d'Accore vu Maastricht. Ech soen dat, et as net onwichtig, well dat as déi drëtt Etapp an enger kohärenter Approche. Mir hun de Referendum deemools gefrot, ier iwwerhaupt gewosst war, datt d'Walrecht vun den EG-Biirger dra kéim, well den Traité war bis dohin nach net ofgeschloss.

Véiert Etapp: De Mäerz 1992 hun ech an enger Pressekonferenz ee Referendum verlaangt, kee Referendum wéi d'Kollege vun der 5/6 Fraktioun, mä ech hun ee Referendum verlaangt ënnert dem Motto: „Jo zu Maastricht, jo zum Referendum.“

D'Begrënnung war ganz klor déi: Fir eng grouss Iddi am Land konsensfäeg ze maachen, fir ee grouse Rassemblement vun der

Opinion publique ronderëm den europäesche Gedanken ze bilden, an deem déi ganz politesch Klass, bei der Regierung ugefaangen, iwwert d'Parteien, gefuerdert gewiescht wir, fir am Virfeld vun där Décisioun ze soen, wéi se et mat den europäeschen Décisiounen géing halen.

Elo kann ee mir d'Fro stellen, ob d'Demokratesch Partei dann elo kapituléiert hätt, well mir elo nët méi vum Referendum schwätzen? Méng Partei hält sech nët drun, wéi de Geck un de Bengel, wann eng Kéier eng Iddi gestuerwen as. D'Iddi vum Referendum as hei an der Châmber gestuerwen den 22. Abrëll 1992, wou mir se dem Vote ënnerbreet hun, wou majoritär d'Châmber décidéiert huet, fir de Referendum nët ze halen, nët par voie référendaire ze ratifizéieren, mä par voie parlementaire.

Méng Partei as jiddefalls an hirem demokratesche Sënn, wa se een Entschied vun enger Majoritéit akzeptéiert, quitte dass se als Minoritéit ëmmer nach zu där kohärenter Iddi, wat an hiren Aen eng kohärent Iddi as, steet. Dofir fannen ech et relativ schäbeg, fir nach mat enger Iddi hauséieren ze goen, déi parlamentaresch zu Fall bruecht gin as.

Ech wollt déi puer Etappen opzielen, fir ze bewisen, dass mir awer vun der klorer Suerg gedroe gi ware säit 1989, fir an där do Hisiicht ee kohärente Kurs ze steieren.

De 27. Abrëll 1992 hu mir op engem Conseil national jo zu Europa gesot, jo zu den Accore vu Maastricht, an och jo zu eisem Vote an der Châmber. Mir hun och ganz klor gesot, mir géifen nët d'Politique de la chaise vide maachen.

Zum Aspect constitutionnel wëll ech folgendes soen. Méng Partei huet den 22. Abrëll duerch eise Fraktiounspresident erkläre gelooss, dass mir bereet wieren eise Stull hei ze raumen, an an Neiwalen ze goen, fir der Châmber kënnen d'Méiglechkeet ze gin, um leschten Dezember, wat d'Date-butoir as, fir den Accord vu Maastricht ze stëmmen, fir där nächster Constituante d'Méiglechkeet ze gin, fir d'Verfassung préalablement ze änneren.

Hei stellen ech erëm eng Kéier fest, dass eng Minoritéit nët enger Majoritéit kann hire Standpunkt imposéieren, a mir hun eis deem Vote, deen an der Châmber geholl gin as, inclinéiert. Dat steet och engem Demokrat am Fong geholl nët schlecht zu Gesiicht.

Déi Décisioun, déi mir de 27. Abrëll 1992 geholl hun, déi as eestëmmeg no fënnf Stonnen Diskussioun arrétéiert gin. Et kann also kee soen, do wir auserneegedruff gin, all Mandatäre vun der Partei, déi do präsent waren, hu sech zu där Deklaratioun bekannt.

Déi Deklaratioun as och um Nationalkongress, deen ee Mount méi spéit war, enterinéiert gi mat 90%. Ech soen och firwat, dass e puer Leit Schwiregketen domat haten. Ech ka verstoen, dass ee verfassungsrechtlech Bedenken huet bei där Ratifikatioun hei.

Wéi war d'Démarche vun der Demokratescher Partei? Mir hu gesot, mir bedauern, dass mir hei am Land keng Cour constitutionnelle hun à l'instar vum Conseil constitutionnel, esou wéi en a Frankräich besteet. Wat as zu Paräis geschitt? De Président Mitterrand huet de Conseil constitutionnel saiséiert, an e wollt eng Interpretatioun hun iwwer Bestëmmungen am Traité, déi a puncto Verfassungsrecht zu zweifelhaften Interpretatiounen Ulass gin hun.

A wann ee weess, dass de Président Mitterrand nët grad d'Incarnatioun vun der Modestie as, da steet et him jiddefalls nët schlecht zu Gesiicht, dass en sech dem Verdict vun dem Conseil constitutionnel gebeugt huet, a mir fannen, dass an eisem ganze Staatsgebahren d'Absence vun der Cour constitutionnelle eng ganz seriös Lacune duerstellt, an dofir gi mir nët midd ze betounen, dass mir esou eng Aart Verfassungsgericht musse kréien, nët nëmmen, dass d'Regierung dat kennt consultéieren, mä dat wat do un Décisiounen erauskéim, dat misst dann och d'obligation sin.

Et as gëschter hei gesot gin, mir géifen dat do maachen, fir an eng nächst Koalitioun ze kommen. Ech soen, esou eppes hun ech

nach nët héieren. Dat as eng Giffle à l'adresse vun engem Demokrat. Här Gibéryen, méng Partei wäard nët an déi nächst Koalitioun krauchen. Mir gin an déi nächst Walen, a mir stin zu deem, wat mir hei gemaach hun, a wat mir hei matbestëmmt hun, ouni eis entschëllegen ze goen. Ech mengen, et brauch een sech nët ze excuséieren, wann een eppes mécht, wat ménger Meinung no, am Intérêt vum Land as. Mir wäerte weder bei de Wieler krauchen, fir dat ze erklären, nach wäerte mir eis an eng nächst Regierung prostituéieren. Ech wollt dat hei widderhuelen, fir dass dat ganz klor as.

Dee selwechte Riedner huet gëschter eng ganz Stonn laang iwwert d'Demokratesch Partei geschwat. Wann ech d'Reglement vun der Châmber richteg verstin, dann däarf een hei an der Châmber jhust nëmmen zum Thema schwätzen. Wann dat also keng Violatioun géint d'Châmberreglement war, da gin ech dovun aus, dass zu Maastricht zwielef Verrieder an dene Regierungskonferenzen am Numm vun 340 Milliounen Leit, nëmme jhust iwwert d'Demokratesch Partei geschwat hun.

Jiddere muss geruedstoen, fir dat wat e gesot huet. Ech hu gemengt, Madame Presidentin, hei géing zum Thema geschwat gin.

A propos Règlement, hu mir do nët eng Dispositioun, déi den Deputéierten et verbitt aus de Kommissiounen ze zitéieren?

(Interruptions)

Souguer, wann et schrëftlech nët esou néiergeluegt as, Madame Presidentin, da gin ech dovun aus, dass jiddere sech bis elo esou beholl huet, dass dat am Fong an d'Us et coutumes vun dëser Châmber agaange wir. Ech hun och kee Problem, dass dat wat ech an enger Kommissiounssëtzung soen, bekannt gët. Den Avantage, wann ee géing iwwer Mégaphone alles dat, wat mir an de Kommissiounssëtzunge soen op d'Place d'Armes ausstralén, dat wär weingstens deen, dass d'Leit alles géinge matkréien, dass nët deen een oder anere Saz aus dem Kontext erauserappt géing gin.

Et däarf een éischtens nët falsch zitéieren. Zwetens, däarf een nët zitéieren. Drëttens, déi Leit, déi ëmmer nëmmen heihinner kommen a vun aneren zitéieren, déi kënnen nëmme vun aneren zitéieren, well se sech nët kënnen zitéieren aus deem ganz einfache Grond, well si keen eenzege konstruktive Beitrag an der Maastrichtdebatt an der Kommissioun geleescht hun. Je prends à témoin tous les membres de la commission.

Et kann ee Politik maachen op zwou Manéieren, andeem dass een eng Saach, déi nuancéiert as, och nuancéiert présentéiert, an nuancéiert Stellung dozou hëlt. Et kann een och déi ganzen Zäit mam décken Hummer duerch d'Géigend goen.

(Interruption)

Här Bausch, wann ech déi ganzen Zäit mam décken Hummer misst schaffen, da wir ech Schmadd gin, an ech wir nët an d'Politik gaangen.

(Interruption)

Mme la Présidente.- M. Bausch, rappel à l'ordre.

M. Charles Goerens (DP).- Mme Presidentin. Wann déi Debatt hei sollt eng Semaine du beau langage gin, dann as dat ee Flopp gin. Ech fäarte ganz, wa mir nach zwee Deg virufueren op deem minablen Niveau, wéi mir en heiansdo an dene leschten Deg gesinn hun, dann hu mir nach déi allerleschte Substanz vun dësem Traité zerried. Alleguer déi, déi sech iwwer Demokratiedefizit an der Europäescher Gemeinschaft bekloen, déi sollen emol iwwerleën, wat si mat hiren demokratesche Flichten an dësem Parlament maachen.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Mme la Présidente.- Le Règlement n'accepte pas d'interruption de l'orateur. Je l'appliquerai très strictement.

M. Charles Goerens (DP).- Et kann ee vum Informatiounsdefizit dobaussen hale wat ee wëllt. Et as och nët u mir als President vun der Demokratescher Partei, fir engem anere Parteipresident virzeschreiwen, e soll Informatiounsversammlungen hale goen oder nët. Wat mir awer opfällt, dat as, datt ech d'Gefill hun, datt heibannen d'Leit nach nët informéiert sin iwwert dat, wat am Traité steet, an dat as äusserst bedauerlech.

Wann heibannen ee sëtzt, deen esou schwätzt, wéi an de leschten Deg oft hei geschwat gin as, an e verréit domat, datt e keen Donst vun Anung huet vun deem, wat an dësem Traité steet, dat as jiddendfalls nët ze verzeien, no all deem wat d'Châmbre gemaach huet fir d'Besserstellung vun den Deputéierten. Et as keen entschëllegt, wann en heibannen esou derniewent schwätzt, wéi verschiddener dat gemaach hun.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Zur Demokratie gehéiert och, datt een deem nolauschtert, dee grad d'Wuert huet.

Gëschter as de Wilhelm Busch hei zitíert gin. Ech wëll en haut och zitíeren, dee philosophéiert: „Denn erstens kommt es anders und zweitens als man denkt.“

1989 si mir an d'Wale gaangen, a mir hun eis u Leit adresséiert, denen et dene Jore virdrun, all Jor besser gaangen as. Den nationale Wuelstand as all Jor ëm 5 bis 6% gewuess, an duerch d'Redistributioun as et dene meeschte Leit effektiv besser gaangen. De Kommunismus war amgang zesummenzefalen, d'Berliner Mauer stong nach do.

Dat wat duerno komm as, dat war esou eng formidabel Accélération vun der Geschicht, datt déi kee Mënsch konnt insensibel loossen. Do gin et zwou Manéieren, fir drop ze reagéieren. Entweder et bleift een un deem pechen, wat en eng Kéier deklaréiert huet, an et as een nët bereet séng Positioun op dësem oder deem Punkt eng Kéier ze änneren, an da gehéiert ee lues awer sécher, wann dat e puermol virkënt, zu den ewig Gestrigen, oder et versteeft een eng vun denen elementaarste Weisheeten nët, déi eis an der Châmbre am Fong geholl misste guidéieren, datt dëst Land zum Fortschritt condemnéiert as, oder et verkennt séng liebenswichtig Grondlagen, et verkennt einfach séng vital Interessen.

Dëst Land huet eng Traditioun an der Upassung. Dat as schons bei der Indépendance ugaangen. Wann dëst Land deemools schons de Choix geholl huet fir eng Sprooch, déi nët eis Sprooch war, als offiziell Sprooch ze huelen, dann as dat eppes, wat bis haut nach keen eis nogemaach huet, a mir brauchen dat bis haut nach nët ze regrettéieren. Bei all Ouvertür huet dëst Land profitéiert, well och bei all Ouvertür d'Zuel vun dene Leit, déi zum Emdenke bereet waren, grouss genuch war, fir déi ze minoriséieren, déi dës Bereitschaft nët konnten zu Dag leën.

Ech verkennen och nët, dass méng Partei heiansdo Schwiregketen hat domat. Et as nët déi eenzeg. Déi Liberal vun 1919 hun deemools gemengt, et wir nët gutt wann d'Fraen d'Walrecht kréichen. Et war eng Fraktioun dran, déi sech op deem Punkt duerchgesat huet. Datt mir do Onrecht haten, beweist de politeschen Asaz vun engem Colette Flesch, engem Anne Brasseur, engem Lydie Polfer, fir nëmme vun dräi Dammen ze schwätzen, déi an dësem Parlament oder an der Gemeng Lëtzebuerg eng grouss Roll gespilt hun, respektiv nach weider spillen.

Dat wat déi Liberal vun deemools géiert huet, dat as, dass se hiren Iertum agesinn hun. Dee Konflikt, dee mir deemools haten téschent Traditionalisten a Progressisten, dee fanne mir riichtduerch ëmmer erëm bei allen neien Evenementer, déi sech stellen. E stellt sech och esou, a guer nët anescht, bei der Citoyenneté européenne. Wann ech haut de Mëtteg hei däärf schwätzen, dann as et well ech zwee Citoyens européens hun, déi doheem déi Aarbecht a méngem Betrib maachen, fir déi ech keng Citoyens luxembourgeois fannen.

Wa mir dono zur Châmbre erausgin, da komme puer Citoyennes européennes, déi all deen Dreck ewechmaachen, dee mir ze liddreg sin, fir selwer opzerafen. Iwwert d'Halschent vun der aktiver Bevölkerung am Privatsecteur, dat si Citoyens européens, déi heihinner komme Beiträg bezuelen, déi schaffen, an déi lues awer sécher an den Décisiounsprozess a gewëssenen Ebenen erawuessen. Dat as a méngen Aen eng gutt Saach. Géinge mir dat nët maachen, a mir géingen déi aktuell Situatioun op éiweg Zäiten extrapoléieren, da géif et nët méi laang daueren, dann hätte mir opeemol kuwaitesch Zoustänn hei am Land. Dat do as eng Emstellung, déi doudsécher deem engen oder deem anere wéi deet. Ech ka verstoen, dass dat Zäit brauch, fir duerchgesat ze gin. Do erëm eng Kéier, et kann een op sénger Positioun bleiwen oder se lues a lues adaptéieren.

Dat wat ech esou genial fanne bei dene Leit, déi ni ëmdenken, dat as nët nëmmen hir Konsequenz. Dir hut Leit, déi gi mat enger Idée fixe duerch d'ganzt Liewen, mat enger remarquabler Konsequenz, mä dat, wat ech bei dene Leit nach vill méi remarquabel fannen, dat as, datt déi mat fénnef Jor schons esou vill wëssen, wéi mat 65.

Wësse mir wierklech, alleguer heibannen, datt d'Welt ronderëm d'Grenze vun der Europäescher Gemeinschaft amgang as ze verbrennen?

Wësse mir wierklech, wat mir maachen, wa mir niewent dem Sujet schwätzen, niewent de Potentialitéit schwätze vun dësem Vertrag, wann a Jugoslawien 2 Millioune Leit ënnerwee sin?

Wësse mir wierklech wourëm et geet, wann do Kanner erschoss gin, eng Matraque an de Mond gestach kréien, déi dann explodéiert, a Fatzen duerch d'Loft fléien, datt kee méi weess, wem säi Kand et war?

Wësse mir wierklech, wat mir maachen, wa mir laanscht d'Substanz vun dësem Traité schwätzen?

Wësse mir wierklech, wat mir maachen, wa mir nët amstand sin op déi echt Potentialitéit vun dësem Vertrag anzegoen?

Wësse mir wierklech, wat mir maachen, wa mir déi Erwaardunge verkennen, déi vun de Länner vun Zentral- an Osteuropa an d'Europäesch Gemeinschaft gesat goufen, vun de Polen, den Tschechen, den Ungarn, de Rumänen, de Bulgaren, de baltische Republiken?

Den Hans Dietrich Genscher huet eng Kéier gesot, d'Europäesch Gemeinschaft gët an hire Grenzen ënnerschätzt, an ausserhalb vun hire Grenzen iwwerschätzt. Déi Europäesch Gemeinschaft ka wierklech nët alles maachen, wat vun hir erwaart gët, wat se awer muss maachen, dat si Signaler an déi do Richtung setzen. Zu de Pole soen, déi wëllen an d'Europäesch Gemeinschaft kommen, et as nach ze fréi, well dir einfach ekonomesch géingt ënnergoen, mä téschent deem Alles an deem Näscht gin et awer Brécken ënner Form vu Coopération associative, wat jo och d'Europäesch Gemeinschaft mécht, an dat as wierklech keng Saach, déi nëmmen d'CSV an d'LSAP eppes ueget.

Et as ee vun de Grënn, firwat datt een aus dësem Débat keen Débat de politique politicienne soll maachen. Do wou déi Liberal an der Regierung sëtzen, dat as an Däitschland de Fall, do vertrieeden déi och déi Positiounen, a mech stéiert et kee Fatz, wa Leit aus verschiddene politesche Familjen bereet sin zu engem Zäitpunkt, wou et noutwendeg as, hir Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an nët aus falsch verstanenem Stolz eppes anescht ze maachen, wéi dat, wat de gesonde Mënscheverstand imposéiert.

De Mueren huet den Här Mehlen heibanne gesot, d'Europäesch Gemeinschaft, déi misst Stee fir Stee gebaut gin. En huet domat komplett Recht, an dat wat am Vertrag virgesinn as, dat as eng Konstruktions Stee fir Stee, an ech wëll dofir zwee Beispifler eraushuelen.

Dat éischt Beispill, d'Union économique et monétaire. Et si Leit heibannen, déi si vill méi qualifizéiert wéi ech, fir driwwer ze schwätzen, mä den Ursprung, dee läit scho bei der CECA. Etappen hu successiv dozou gefouert. D'CECA as ausgeweit gin op eng Wirtschaftsgemeinschaft. Et kënnt nach d'Etapp vum Système monétaire. Drëtte Steen. Et kënnt d'Etapp vum Acte unique, wou op eemol all Mënsch gesinn huet, et huet kee Wäert, datt mir d'Wuere fräi zirkuléiere loossen an enger Firma, déi an engem Land een Nidderlassungsrecht huet, och den Accès zu denen aneren elef Mäert ze gin, wa mir nët eng Kéier dat mat enger Unité de mesure commune bezuelen, en l'occurrence den ECU. Dat as deen nächste Steen. Wann e bësschen accélériert gët an et gin e puer Steng mateneen opgetässelt, Gott sei Dank.

Hut Dir gelies, wat déi 62 Ekonomisten, ënnert anerem och de Karl Schiller an Däitschland, geschriwwen hun iwwer de Maastrichter Accord? Hut Dir héieren, wat alles gesot gët iwwer déi Esperanto-Währung? Erëm eng Kéier ee Schlagwuert mat deem déi ganz europäesch Konstruktioon wëllt zunichte gemaach gin, well et an Däitschland Leit gin, déi Schwiregketen hun, fir sech a fest europäesch Strukturen ze verankeren.

A mir maachen déi Aussoën Angscht op eng Manéier, op déi aner Manéier och nët. Si maache mer Angscht, well wann dat do Rad erëm eng Kéier kann zréckgedréint gin, da kënnt Der sécher sin, datt aus denen 62 Expären et der garantéiert méi gin.

Mir mécht et och Angscht, wann ech gesinn, datt an Ostdäitschland, an den neie Bundesländer, 16.000 jonk Leit den Eed op den Adolf Hitler ofgeluegt hun. Dat as a sech eng ganz grave Saach. Si hu bis elo nët vill Ausländer begéint. Hire Programm as d'Xenophobie an d'Spekulatioun op dat allermanst, wat am Mënsch stécht: d'Exploitiatioun vum den allerniddregsten Instinkter vum de Leit.

Wa mer dene wiirkelech wëllen d'Handwierk leën, da musse mer verhënneren, datt erëm Strukturen hiergestallt gin, wou esou Leit, sollte se eng Kéier d'Majoritéit kréien, den Alleingang kënne maachen. Dat as fir mech esou elementär, datt ech keng Sekund drun zweifelen, dass dat, wat mer den Owend maachen, eng gutt Saach as.

Et kann een driwwer streiden, ob et ze fréi oder ze spët as. Ech wëll wiirkelech nët den Amalgam maache mat alle Schwiregketen, Argumenter a Géigenargumenter, déi an där Hinsicht erëm kënne ugefouert gin. Ménger Meinung no, och wa mer an 3 Méint géinge ratifizéieren, wir et waarscheinlech dat selwecht, wat mer elo maachen.

An dann: Steen fir Steen. Et kënnt déi éischt Phas vum der Union monétaire, déi zweet Phas, erëm ee Steen, dann déi drëtt Phas, dann déi véiert Phas, wou mer alleguer mat enger gemeinsamer Währung bezuelen.

Ier déi Steng alleguer openegetässelt sin, si mer iwwer d'Joer 2000 eraus. Et kann een also wiirkelech nët vum enger iwwerdriwwener Accélération an deem Kapitel schwätzen, wat Besuch huet op d'Union économique et monétaire. Dat as den Dréi- an Aangelpunkt vum deem ganze Vertrag. Loosse mer eis do näischt virmaachen!

Et gët gesot, dat huet eng Connotatioun vu Materialismus, well do am Fong d'Geld zum Dréi- an Aangelpunkt gemaach gët. D'Geld as neutral, d'Geld as nët gutt an nët schlecht, wichteg as dat, wat een dermat ufänkt. Et kann een d'Geld esou asetzen, dass ee kann eppes Positives dermat maachen, an der Sozialpolitik, am Emweltschutz, fir de Konsumenteschutz, fir d'Zesummeliewe vum de Leit an der Europäescher Gemeinschaft.

En anere Punkt, Madame Presidentin, wou och Steen fir Steen procedéiert gët, dat as d'Politique extérieure et de sécurité.

1954 as et ugaangen, oder villméi huet et opgehale. De Pierre Mendès France goung an d'Assemblée Nationale, huet d'Question préalable gestallt, an do war d'CED, d'Communauté européenne de Défense, zu Fall bruecht. Do as se nët ratifizéiert gin.

Ech weess nët, a wéi engem séngem Intérêt et war, mä ech stelle jhust fest, datt mer 1991 erëm do ufänken, wou d'CED opgehale huet. Wat war d'CED soss wéi de Reflex op d'Angscht vum de Leit, et kënnt erëm eng Kéier zu engem neie Krich kommen? Si huet versicht, déi verschidden Armée vum dene 5 Grënnerlänner mateneen ze interconnectéieren, fir datt herno kee méi d'Logistik hätt, fir géint en anert Land virzegoen. Dat war d'Zil vum der Communauté européenne de Défense. An do solle mer erëm ufänken!

An och do, Här Mehlen, as et keng iwwerdriwwener Accélération. Ier mer déi Steng do alleguer openegetässelt hun, fir e kohärenten Ensembl ze maachen, si mer alleguer 20 oder 25 Joer méi al.

Wéi gesot, 1954 huet et opgehale mat der CED. Et as weidergaangen mat der Union de l'Europe occidentale, déi 30 Joer laang soss näischt gemaach huet, wéi d'Oprüstung vum der Wehrmacht ze kontrolléieren. Si konnt nëmme jhust déi Armée kontrolléieren, well déi aner Länner sech dene Kontrollen entzun hun.

1987: d'Plattform iwwer d'Intérêts de sécurité vum Europa. Déi Plattform as nët hei ratifizéiert gin, mä si as politesch liéiert un de Vertrag vum 1954.

1991 gët zu Maastricht e Vertrag ausgehandelt iwwer d'europäesch Sécherheet, Politique extérieure de sécurité commune PESC, genannt. Do stin am Artikel eng Parti Deklaratiounen, déi äusserst vague sin. Si gin ergänzt, et as also erëm eng weider Phas, duerch zwee weider Steng. Déi zwou Deklaratiounen, déi un dem Traité annexéiert sin, erlaben der UEO, lues a lues um Processus de développement de l'Union européenne deelzehuelen. Et as also e „processus“; dat sin d'Terme vum den Deklaratiounen a vum Traité, wou ee Steen nom aneren opgeluegt gët.

Wann dat alles matenee fäerdeg wir, da wir d'Europäesch Gemeinschaft operationell, fir elo a Jugoslawien zum Beispill anzegräifen. Or, si as et nët. Firwat as se et nët? Well d'Amerikaner soen: Mir sin nët bereet, do anzespriechen, soulaang wéi d'Europäer näischt maachen. D'Europäer kënne näischt maachen, well se keen Organe opérationnel hun, fir dat ze maachen.

An dann e weidere Steen: dat war d'lescht Woch d'Petersberg-Erklärung zu Bonn. Wat steet do dran? Datt eng Cellule de planification kënnt, déi soll d'Etats-majors vum den eenzelnen Armée beienebréngen, fir dass déi kënnten déi eenzel Armée matenee connectéieren.

Ee Steen dertëschent, deen ech vergiess hun, dat as d'Coopération franco-allemande en vue vum enger gemeinsamer Armée. Och dee Steen reit sech an déi europäesch Sécherheetspolitik an. Dat éischt, wat den Här Kohl an den Här Mitterrand gemaach hun, wéi se dat ënnerschiwwen hun, do hu se dem Här Lubbers, dee Président en exercice du Conseil européen war, dat signaléiert. An déi Kooperatioun as och op fir déi aner.

Elo kann een natiirlech domat enorm Demagogie maachen a soen: D'Europäesch Gemeinschaft gët ee militaristesche Klub. Dat as doudsécher nët wouer. Déi Armée, déi doraus wäerd ervirgoen, dat as eng Armée, déi wäerd ongeféier hallef esouvill Leit an hire Reien hu wéi haut, an och nëmmen hallef esouvill Material.

Interessant as do erëm eng Kéier déi Verflechtung vum den eenzelnen Arméien, fir datt herno keen d'Logistik huet, fir géint en anert Land virzegoen. Also, an dene wichtegste Beräicher, Steen fir Steen.

Drëtte Beräich: déi nei Politiken. Ech hun hei gesot als Rapporteur, et as gutt, datt déi nei Politiken nët weider prezisiéiert sin. Firwat? Mä am Respekt vum Subsidiaritätsprinzip. Wir alles prezisiéiert gin zu Maastricht, dann hätten déi selwecht Leit, déi elo kommen a soen, déi Dispositiounen sin ze vague, de Prozess gemaach vum der Europäescher Gemeinschaft, si wëllt alles vum uewen erof diktéieren.

Hei deet sech en Aarbechtsfeld op fir d'Gemengen, fir d'regional Instanzen, an och fir d'national Parlamenter, wou si eng Kéier kënne de Principe de subsidiarité op déi aner Manéier definéieren, nët

nëmmen „en termes de transfert de souveraineté“, mä andeem se den Inventaire maache vun denen Tabuën, déi nët däerfe communautariséiert gin. An do gin et der eng ganz Parti. Wa mir déi Aarbecht nët maachen, et as doudsécher keen, dee se an eiser Plaz mécht.

Nach jhust ee Wuert zur Citoyenneté européenne. Ech sin nët der Meinung - dat as eng ganz perséinlech Meinung - datt mer sollen eis Nationalitéit bradéieren. A wa méng berufflech Obligatiounen mech géingen derzou bréngen, fir an engem anere Land vun der Europäescher Gemeinschaft 10 oder 15 Joer ze liewen, da géing ech och Gebrauch maache vun dene Rechter, déi ech iwwer d'Citoyenneté européenne kréich, an ech géif méng Nationalitéit behalen; a wann ech erëmkeim op Lëtzebuerg, da géing ech mech dann nees an dës Sociéitéit aglidderen, wat mer jo bestëmmt nët géing schwéierfalen.

Mä déi Participatioun, déi och etappeweis, Stee fir Stee, komm as, geet nët elo un. Ech erënneren un de Lëtzebuurger Modell, un d'Tripartite, déi an der Period vun 1974 bis 1979 hei am Land zu där bekannter Concertatioun gefouert huet, mat dene Resultater, déi och kee brauch ze regrettéieren.

Mä deemools hun och iwwer de Wee vun de Gewerkschaften d'Ressortissants communautaires d'Recht kritt, fir en indirekten Einfluss ze huelen op eis Gesetzgebung. An ech fannen, et brauch keen hei am Land dat ze regrettéieren. All dat, wat do gemaach gin as, gouf am Intérêt gemaach nët nëmme vun de Lëtzebuurger, mä vun all dene Leit, déi betraff waren. Et kann een ëmmer soen, et as ze fréi.

Ech hun och Äre Pabeier gelies. Dir hätt am Fong keng Schwiregkeet mat der Citoyenneté européenne, mä si kéim ze fréi. Da sot mer, wann ech glift, ob se soll 2 Joer no deem kommen, wat mir mengen! De Fall gesat, si kéim 1999, as dat ee Joer ze fréi? 5 Joer ze fréi? 10 Joer ze fréi? 100 Joer ze fréi? Oder soll d'Citoyenneté européenne eréischt am Joer 3000 kommen, fir datt Dir Iech kënnt där Positioun ralliéieren? Do hätt ech nawell gären eng Positioun.

Wann ee seet, et kënnt ze fréi, da stellt ee jo de Prinzip a sech nët a Fro. Dir hut dee jo och nët a Fro gestallt, wéi mer beim Staatsminister waren, wéi d'Parteien alleguer do waren, fir doriwwer ze schwätzen. Et je peux citer à témoin alleguer déi, déi do waren. An et kann nët sin, dass déi alleguer matenee géinge léien.

Madame Presidentin. Fir d'Ratifikatioun nët zevill an d'Längt ze zéien, wëll ech zum Schluss kommen a jhust an e puer Sätz d'Konklusioun festhalen: Dat hei as ee „pari sur l'avenir“. A frot kee vun denen, déi hei Rapporteur sin - an ech mengen, ech kënnt do och souguer am Numm vun Fernand Rau a vun Lydie Err schwätzen - si sollen Iech d'Garantie gin, wat an den nächsten 10 oder 15 Joer geschitt. Déi Garantie ka keen Iech gin!

Dat hei as ze vergläiche mat zwee Leit, mat enger Koppel, déi decidéieren, fir e Kand op d'Welt ze setzen. Dat as och e „pari sur l'avenir“. Et weess een nët, wat mat deem Kand gët. A wann ee jhust en negativen Inventaire héit an et seet een, mä dat kënnt herno eventuell Drogen huelen oder et kënnt mat 18 Joer mam Auto bäigoen, da moolt een esou e schwaarzt Bild, datt een am Fong déi Décisioun nët méi bereet as ze huelen.

Mä et kann een och mat enger positiver Approche un dee Problem erугоen. An hei as et jhust dat selwecht: C'est un pari sur l'avenir. Dat hei as en Instrument, a mir musse kucken, wat mir draus maachen.

Ech si jiddefalls sécher, Madame Presidentin, datt déi, déi sech an dësem Débat ofmelden, wa se och nëmmen ee Fonken intellektuell Eierlechkeet hun, sech och fir déi nächst 20 Joer aus allem seriösen Débat ofmelden, well all déi seriö Débatën hänke vun deem of, wat mer haut hei maachen!

Dat hei gët een Test fir d'Lëtzebuurger Economie; et gët och en Test fir d'Lëtzebuurger Finanzplaz. Et gët doudsécher en Test fir d'Demokratie. Ech géing hoffen, datt an deem Zwëschestadium -

a mir sin an engem Zwëschestadium téschent Angscht a Courage - datt sech do genuch Kräfte géingen zesummeffannen, fir dat ganz Instrument a Richtung Courage ze bewegen.

Dat Land hei lieft vum Wëllen, fir aus denen Instrumenter, déi et huet, dat Beschte ze maachen. An dofir kommen ech mer hei nët vir als ee President vun enger Blockpartei. Ech komme mer hei vir als President vun enger Partei, déi hir Verantwortung iwwerhéit.

Dat hei war eng Parenthèse an der Geschicht vun der Oppositionspolitik vun der Demokratescher Partei, déi elo 7 Joer hannerteneen unhält. Dat as a méngen Aë laang genuch. Wa mer den Owend hei erausgin, da maachen ech déi Parenthèse zou, an da wäerte mir an aneren Débatën, wann et sech imposéiert, anescht stëmme wéi d'Regierungsparteien, all Kéiers dann, wa mer mengen, eis Iddië misste sech duerchsetzen a si wire besser wéi de Regierungsparteien hir. A mir wäerten nët versichen, op dee Wee ze verfallen, dee vläicht munch Kollegemengen. Et as och méi einfach, fir alles mat Clichéen a Sloganën ze zerrieden.

Wéi gesot, seriö Saache loosse sech nëmme jhust mat Argumenter verteidegen. Et as schwéier, well et muss een éischstens eng intern Iwwerzeugungsarbecht maachen, an dann och eng extern Iwwerzeugungsarbecht maachen.

Wann een der Tentatioun nët ka resistéieren, fir mat Sloganën a Clichéen all déi Saache futtizemaachen, dann huet een et kurzfristeg vill méi einfach, mä laangfristeg kënnt een emol Problemer kréien, fir sech nach eng Kéier an de Spigel ze kucken.

Ech soen Iech merci.

Mme la Présidente.- La parole est maintenant à l'honorable M. di Bartolomeo.

M. Mars di Bartolomeo (LSAP).- Madame President, dir Dammen an dir Hären. Ech fäärt, dass dee fromme Wunsch vu méngem Virriedner, wat d'intellektuell Eierlechkeet vun dene Leit ugeet, déi mer an dene leschten Deg hei mat Clichéen a Sloganën héieren hun, nët gehéiert gët.

Wann ech kucken, wat an dene leschten Deg eng Rei vun Demagogen hei vu Clichéen, vu Verdréiunge vun Stapel gelooss hun, da kommen ech zur Iwwerzeugung, datt d'Gefor fir eist Land nët vu Maastricht, nët vu baussen, mä vun heibanne selwer kënnt.

Wann ee mat engem komplizéierten Dossier wéi deen heiten esou simplistesesch emgeet, wann een d'Leit veronséichert a manipuliert, wann ee jhust mam Bauch Politik mécht, da kann ee vläicht gutt ukommen, mä et heescht awer dofir nët, dass ee méi Recht huet.

Ech maache mer Suergen. Eis Problemer gin ëmmer méi global, méi vernetzt. A wann ech hei an d'Oppositionsronn erakucken, da gin eis Oppositionspolitiker ëmmer méi klengkaréiert. D'DP huet zwar a leschter Minutt d'Kéier kritt, mä wat ee vun hire Sprächer hei zum beschte gin huet, dat war engem Gaston Thorn, engem Colette Flesch oder engem Charles Goerens nët würdeg.

„Mer sin op no alle Säiten“, huet et do geheescht. Dat heescht esouvill wéi „für jeden etwas“, „brasser large“, Thees an Antithees an een Dëppen eran.

D'DP huet während Woche versicht, politescht Kapital aus der Veronsécherung vun de Leit ze zéien. Ech zéien hirem President op dëser Plaz den Hutt, dass hien d'Steier erëm an déi richteg Richtung kritt huet. Hien huet Iertëmmer zouginn. An et as dofir nët u mir, fir nach weider op där Partei erëmzetrëppelen.

M. Charles Goerens (DP), rapporteur.- Ech kann Iech soen, si hu mer alleguer gehollef. Ech hu Respekt viru ménge Kollegen an der Fraktioun.

M. Mars di Bartolomeo (LSAP).- Ech stelle jhust fest, dass Dir ee vun de wesentlechen Elementer an de Pilieren an där doter Diskussioun waart. Ehre wem Ehre gebührt! Ech wëll dat Wuert vun der „Ambulanz“, dat emol eng Kéier vun engem DP-Sprächer

gebraucht gin as, hei nët gebrauchen. D'DP huet sech selwer genuch an deem heiten Débat gestrooft. Si huet op zwou Säiten den zwete Präis kritt.

Si huet den zwete Präis vis-à-vis vun de Regierungsparteie kritt, déi de Courage haten, vun Ufank u kloer Faarf ze bekennen, a si huet den zwete Präis...

M. Charles Goerens (DP), rapporteur.- Dat do as nët néideg, Här di Bartolomeo!

(Coups de cloche de la Présidence)

Mme la Présidente.- M. di Bartolomeo, veuillez parler au sujet du Traité de Maastricht!

M. Mars di Bartolomeo (LSAP).- Ech kommen direkt op de Sujet, Madame President!

Ech kommen zur Conclusioun, dass et fir keng grouss Partei lounend as, fir sech op den Terrain vu vill méi professionellen Demagogen ze beginn, déi mer och hei am Haus hun. An domat schléissen ech deen doten Dossier.

Zum Fong: An éischer Linn, dat as oft genuch ennerstrach gin, as de Vertrag vu Maastricht een Instrument fir eng Wirtschafts- a Währungsunioun. Zur Wirtschaftsunioun gët et hei zu Lëtzebuerg e wäitgehenden Konzens: d'Noutwendegkeet vun enger Zesummenaarbecht um ekonomesche Plang as evident.

Et as also eng Evidenz fir eng méi staark Kooperatioun um ekonomesche Plang, och wa mir mussen oppassen op déi Dynamik déi an der Kooperatioun entsteet, an ech wëll do just den aktuellen Problem vun der Sidérgie uschwätzen, wou engem d'Dronkenelle kënnen ausgoen wann ee gesäit wéi Eigendynamik an der doter Kooperatioun kann entstoen.

Et as och eng Evidenz dass mer Intéréten un enger Währungsunioun hun wou mer méi Matsproocherecht kréien wéi an der Vergaangenheet. Ech wëll just un dat onglécklecht Kapitel, wat d'Währungspolitik ugeet, am Joër 1982 erënneren, wou mer wuel fest verschweest waren mat eisem Währungspartner, der Belsch, wou mer awer effektiv an der Zeitung gewuer gi sin dass iwwer Nuecht eise belsche Frang em 8% ofgewäert gi war. Dat wäerd eis jiddefalls an dëser Konstellatioun nët méi passéieren.

Et as och eng Evidenz dass mer um soziale Plang eng europäesch Integratioun mussen erbei féieren. Ech fäerten allerdings dass mer och mam Traité vu Maastricht wäerten eng Europe sociale à 2 vitesses behalen bei allem Respekt vun dem Engagement vun eisem Aarbechtsminister op deem dote Plang, mä ech stelle fest, dass Harmoniséierungen zu eisen Ongonschte vill méi einfach duerchzuführen wäärde si wéi Harmoniséierungen zu eise Gonschten. Eng Harmonisation fiscale as vill méi licht duerchzusetzen um europäesche Plang wéi eng Harmonisation sociale, an den Aarbechtsminister huet Recht, wann en ëmmer drop insistéiert, dass deen dee blockéiert um europäeschen Plang, wat d'Sozialpolitik ugeet, nët nëmmen den Englänner as, mä dass et wiesselnd Blockagen gët, just wéi et engem an de Krom eran passt. A bei de Blockéierer gehéieren eng gang Rei vun wiesselnde Partner dozou, just wéi et hinnen an de Krom eran passt.

Regional Zesummenaarbecht gët och ugeschwat am Traité a sollt zum Zuch kommen iwwert den Comité des régions. Wa mer allerdings hei zu Lëtzebuerg un enger regionaler Zesummenaarbecht interesséiert sin, dann däerfe mer eis nët op Institutionen verlossen mä mer mussen d'Initiativ dozou selwer huelen. Mer hun Intérêt un enger regionaler Zesummenaarbecht op enger ganzer Rei vu Gebidder, Edukatioun, Recherche an Environnement, an esou weider an esou fort. Allerdings as et nët esou evident fir zu enger institutioneller Zesummenaarbecht op deem dote Gebitt ze kommen, wëll et as e Fait, Lëtzebuerg als national Entitéit spillt op deem dote Plang an der éischer Divisioun, an déi potentiell Partner an de Länner rondërem eis spillen an der zweter Divisioun, an et as eng Gefor

bei enger ze staarker Integratioun, dass Lëtzebuerg op eemol och an der zweter Divisioun lant, dofir probéiere mer fir d'Initiativ ze huelen, esou wäit wéi dat nëmme méiglech as, um regionale Plang zesummen ze schaffen, ouni awer an enger grousser Regioun als Natioun ennerzegoen.

Zu Lëtzebuerg gët am meeschten an am haartsten iwwert den europäesche Bürger diskutéiert. Déi sougenannt Citoyenneté de l'Union gët an den Artikelen 8, 8A an 8D behandelt. All Bürger, all EG-Bürger kritt an Zukunft niewent sénger egener Nationalitéit déi europäesch derbäi. Déi europäesch Nationalitéit hélt him also näscht ewech, mä gët him héchstens eppes derbäi, genee véier Rechter, si sin alleguer bekannt, „libre circulation“ an esou virun. Zu däre libre circulation brauche mer eigentlech nët méi vill Wieder ze verléieren, wëll si as, si steet am Raum zenter dem Acte unique, dee mir 1987 ennerschriwwen hun. An d'libre circulation gët et wäitgehend och schon, de facto, an eist Land leeft wäitgehend vun der libre circulation. Et muss een ëmmer an ëmmer erëm ennersträchen, eleng am leschte Joër sin hei zu Lëtzebuerg 5700 nei Bürger bäikomm. A wa mer elo a 14 Deg kënnen iwwer eng Krankekeessereform diskutéieren, wou mer d'Beitrag nëmmen em 0,3% erhéijen, wa mer am Januar iwwert en zousätzlechen Pensiounsajustement kënnen diskutéieren, da verdanken mer dat haauptsächlech der libre circulation, der Tatsaach, dass duerch d'libre circulation d'Zuel vun de Cotisantën, d'Zuel vun dene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, ëmmer méi grouss gët, an dass mer zumindest kuurz- a mëttelfristeg den Finanzement vun eisen ëmmer méi groussen Ambitiounen um soziale Plang ofgeséichert hun. Kuurz- a mëttelfristeg soën ech, well laangfristeg as och ze erwaarden, dass déi ëmmer méi staark Zuel vun Assuréeën och eng Kéier hir Rechter kasséiert an dann gët et e bësse méi schwéier fir den Finanzement ze garantéieren, wéi dat elo kuurz- a mëttelfristeg de Fall as.

Ewéi gesot, am haartste gët iwwert d'Citoyenneté européenne an insbesondere d'Walrecht fir d'Birger aus der Gemeinschaft diskutéiert. Dëse Punkt vum Walrecht as an zwee ennerdeelt, engersäits geet et em déi kommunal Walen, anersäits em déi fir d'Europaparlament. Wann een awer kuckt, wat bis elo scho bekannt as iwwert d'Modalitéiten, fir datt en EG-Bürger an engem anere Land ewéi doheim, also dat Land wat him de Pass gin huet, op séi Walrecht kënn, dann huet een op d'manzt zu Lëtzebuerg weiderhin all Intérêt fir d'Lëtzebuurger Nationalitéit zehuelen, well déi kritt ee méi einfach ewéi d'Walrecht.

Nach just e weidert Wuert iwwert d'Walrecht. As et realistesch ze erwaarden, dass den Intérêt vun den EG-Ausländer fir hei zu Lëtzebuerg d'Walrecht ze kréien esou grouss as. Ech mengen nët, dofir as d'Panikmaachen em deen doten Sujet nët ubruecht an ech mengen, esouwuel d'Befürwörter an d'Géigner sollen a Saachen Walrecht emol eng Kéier hiren Langage accordéieren, d'Befürwörter sollen esou éierlech sin an zou gin, dass déi Modalitéiten déi um Walrecht hanken wäit dovun eweg sin, dass et en automatescht Walrecht gët, an d'Géigner sollen endlech zou gin, dass op Grund vun dene Modalitéiten nët déi geringste Gefor fir d'Identitéit vun eise Land besteet. Ech verstin, dass hei zu Lëtzebuerg Leit sech Suergen maachen iwwert d'Konsequenzen vum Maastrichter Vertraagswierk op eis Identitéit, op eis Economie, op eis Kultur. Datt et allerdings keng panikaarteg Reaktiounen gët, dat hun d'Diskussiounen hei am Parlament an dene leschten Deg wuel am beschten bewisen, wëll mat Ausnam vun haut waren relativ weineg vun dene Birger, déi sech anscheinend grouss Suergen maachen, hei op den Tribünen ze fannen. Bei der komplexer Matière wou et fir eis Politiker scho schwéier as, den Duerchbléck ze behalen, as d'Suerg vun de Leit awer normal. Un eis as et, d'Leit ze informéieren an déi Suergen, déi nët berechtigt sin, ze entkräften. Ech kann just feststellen, dass d'Leit aus menger Partei deen Effort gemaacht hun. Ech wëll just drun erënneren, dass eise Fraktionschef an dene leschten Wochen op zwielef verschiddeenen Informationsversammlungen

war an d'Leit iwwert Maastricht informéiert huet, fir nëmmen hien elo ze nennen.

Elo gët am Zesummenhang mam europäeschen Integratiounsprozess oft de Slogan gebraucht: „mär wëlle bleiwe wat mär sin“. Wann domat gemengt as, datt mer eng egestänneg Natioun wëlle bleiwen, déi hir Geschécker um internationale Parquet mat bestëmmt, da kann een deen doten Slogan mat ënnerschreiwen. Déi Ambitioun gët och vun Maastricht nët a Fro gestallt, am Géigendeel. Wann awer domat gemengt as, datt mer eis sollen op eis selwer repléieren, wa mer eis aus dem internationale Concert sollen zeréck zéien, da muss een mat engem ganz kloeren „Nee“ äntwerten. E klengt Land, dat sech isoléiert, geet schnell de Bierg of. Nët fir näischt as e Land mat esou engem ausgeprägten Sënn fir séng Identitéit, wéi d'Schwäiz beméit, fir den Uschloss un Europa nët ze verpassen.

Eng Identitéit vun engem Vollek a séng Kultur sin och näischt Statesches. Lëtzebuerg as scho laang nët méi fir dat Volkstümlecht, fir de volkstümleche Sprach emol ze gebrauchen, as scho laang nët méi „Kachéis, Bouneschlupp, Quetschekraut a Mouselsbéier“, mä as an der Zwëschenzäit och Pizza, Mullen mat Fritten, Hamburger, Sate an esou weider. De Menü as also vill méi räich gin ewéi an der Vergaangenheet, mä dofir kréie mer awer nët méi Indigestiounen. Duerch d'Echangen gët eng Identitéit vun engem Land nët méi aarm, mä méi räich. An dat Europa dat mär wëllen soll jo keen Eintopf-Europa gin, mä éischer dat wat een ënner enger „auberge espagnole“ versteet, wou jidferen eppes matbréngt an sech op der anerer Säit dat kann huelen wat e brauch.

Just ee Wuert nach zuer Sprooch. Eis Sprooch as doudsécher ee wesentlecht Element vun eiser Identitéit an as et och wäert, weider promovéiert ze gin, mä och d'Sproochvillfalt, déi mir hei zu Lëtzebuerg beherrschen, as e wesentlecht Element vun eiser Identitéit. Mir sollen eis emol um europäesche Plang fir eng Unerkennung vun eiser Sprooch asetzen, wat nët onbedingt gläichbedeitend as mat Lëtzebuergesch als Aarbechtssprooch, a mer sollen déi Hëllëfen, déi et um EG-Plang gët fir d'Sprooch vum Regiounen a vun klengen Länner ze ënnerstëtzen.

Zu der Angscht vun der Iwwerfriemung: ech mengen, och 1957 wéi d'Reimer Vertrag diskutéiert gi sin as vill iwwer Iwwerfriemung geschwat gin, a mer hun eis déi eng oder aner Dir doduerch zougeschloen. Mer hun an der Vergaangenheet gesinn, dass d'Gefor vun enger Iwwerfriemung bei Immigratiounen relativ geréng as. Mär stelle fest, dass d'italienesch Immigratioun an der Zwëschenzäit iwwer 100 Joër al as, an dass déi italienesch Immigratioun eist Land nët virun gréisser Problemer gestallt huet, am Géigendeel, si gët an der Zwëschenzäit als Modell-Immigratioun duergestallt, an déi Leit déi soën, dass et ni Problemer mat der italienescher Immigratioun gin huet, déi hun d'Geschicht ni gelies, wëll esou vill Problemer wéi et am Ufank mat der italienescher Immigratioun gin huet, esou vill Auseinandersetzungen, esou vill Problemer huet et bei kengen aneren Immigratiounswellen hei zu Lëtzebuerg gin. Elo gët et Sloganen hei zu Lëtzebuerg déi kurséieren an déi soën, mer si stolz Lëtzebuurger ze sin. De Sproochmates, deen berichtege dat, an e seet, mir sin houfreg Lëtzebuurger ze sin. Als Lëtzebuurger gët ee gebuer, dat as och gutt esou, mä reng de Fait fir Lëtzebuurger gebuer ze gin as nach u sech keng Leeschtung, as keen grouesse Choix. An dofir gefällt mer e Slogan besser oder eng Feststellung besser déi ech an deesen Deg vun engem Mann héieren hun, deen eng Rei vun Joëren hei zu Lëtzebuerg leeft. En Ausländer deen hei zu Lëtzebuerg leeft huet mer gesot, ech si frou hei zu Lëtzebuerg ze liewen. Ech fannen dass dat d'Situatioun besser ërméngt, et dréckt de Choix vun deem Mann aus, de fréie Choix vun deem Mann, hei zu Lëtzebuerg ze liewen an en dréckt aus, dass e gâr hei zu Lëtzebuerg ënnert de Lëtzebuurger leeft.

An ech muss mer d'Fro stellen, firwat dass op Grond vun där doter Situatioun mer déi Angscht weider behalen, dass d'Ausländer, déi hei op Lëtzebuerg wunne kommen, dass déi eis koloniséieren.

Kommt, mir fänken dach un un eis selwer ze glewen, un eis Natioun ze glewen an un d'Integratiounsfäegkeet vun där Natioun.

Ech stelle fest, dass d'portugiesesch Immigratioun an der Zwëschenzäit knapp 30 Jor al as, an ech gesinn, dass an der Zwëschenzäit schon déi éischt jonk portugiesesch Lëtzebuurger hir Première maachen, dass se op d'Universi'téit gin, an dass se Lëtzebuurger sin, wéi all déi aner, dofir wann ech glift nët d'Differenz maachen, téschent gudder a schlechter Immigratioun. Ech sin dervun iwwerzeegt, dass Lëtzebuerg d'Immigratioun ganz gutt ka verdroen, an dass d'integrativ Kraaft vun Lëtzebuurger Vollek méi grouss as, wéi eenzel Leit dat mengen.

Iwwregens, an dat kann een zum Schluss feststellen, besteet dat stärke Land op der Welt, ekonomesch stärke an och och militäresch stärke, quasi zu 99% aus Zougewanderten, aus Ausländer. D'Amerikaner sin an hirem Land ursprüngelech lauter Ausländer gewiescht, wann ee vun dene puer aarmen Indianer ofgesäit. Dat Land huet ee ganz staarkt Identitéitsgefill, an et as doduerch och ni aus den Aangele gehäit gin, wann ee vun de rezenten Onrouen ofgesäit. Dat Land gët vun engem Dram zesummegehalen, den Dram vun den onbegrenzte Méiglechketen.

Ech mengen, dass mir als Lëtzebuurger eis et och emol sollten erlaben heiandsdo ze dremen. Dovun ze dremen, dass et eis gelongen as, a weider wäerd geléngen, Lëtzebuerg, ee klengt Land mat esou engem héije Liewensstandard an engem internationalen Emfeld um Liewen ze erhalen, an een Dram, vun engem Europa ze dremen, mat Fridden, mat Gerechtegkeet, mat Solidaritéit, a virun allem ouni deen Haass, deen eis an der Vergaangenheet esou vill Misär bruecht huet.

Ech soen Iech merci.

Mme la Présidente.- La parole est à Mme Lentz-Cornette.

Mme Marcelle Lentz-Cornette (CSV).- Mme President, dir Dammen an dir Hären. Aussepolitisch Zesummenaarbecht, déi der Gemeinschaft hiert internationaalt Gesicht gët, dovu wëll ech schwätzen.

Duerch déi am Maastrichter Vertrag virgesinne Bestëmmungen iwwert eng gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik gët den Aktiounsradius vun der europäescher Unioun op ee wichtege Beräich ausgedéent, dee besonnesch elo, dat heescht an där heiteger Zäit, am politeschen Emfeld wichteg as.

D'Haaptiddi vun de Grënner vun der Communauté war et, een dauerhafte Fridden téschent dene verschiddene Memberstaten ze garantéieren.

Dofir as den Asaz vun enger gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik, déi da selbstverständlech och eng gemeinsam Verteidigungspolitik begräift, nëmmen eng logesch Suite.

Wann de Gedanke vun enger politescher Zesummenaarbecht am Ufank stong, dann huet et laang gedauert, bis dass konkret Schrëtt an déi do Richtung geholl si gin. Am Davignon-Bericht vum Oktober 1970, do sin Informatiounsverfahren a regelméisseg Konsultatioune virgesinn. D'Zil war et, d'Haltung vun den EG-Statene a Froen internationaler Politik ze harmoniséieren.

Vertraagsbestëmmungen iwwert d'Zesummenaarbecht an der Aussepolitik sin awer créischt ufanks 1986 an dem eenheetlechen Akt vereinbaart gin, allerdings blouf do den aussepolitische Beräich de Regirunge virbehalen. D'Zesummenaarbecht as ausserhalb vun de gemeinschaftleche Strukture geschitt.

Am Verteidigungsberäich sin d'Weihe fir eng künfteg Kooperatioun schons 1948 am Bréisseler Vertrag gesat gin. Doraus as 6 Jor méi spéit d'Westeuropäesch Unioun entstanen. WEU as ee Gremium, deen erëm zu neiem Liewe komm as, an dat ënnert der Presidentschaft vum Charles Goerens, deen als President eng ganz grouss Roll gespillt huet. Déi WEU gewënnt ëmmer méi u Bedeutung, dat besonnesch am Kader vum Golfkrich, do as vill dervu

geschwat gin, mä och scho virdu si gemeinsam Aktioun gestart gin, fir Minnen am Golf ze désarmorcéieren.

Mat Maastricht gët d'Startzeeche gesat fir eng nei Etapp. Do heescht et, dass d'Gemeinschaft hir Identitéit op internationalem Terrain duerch eng gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik behaupt. Dozou gehéiert eng gemeinsam Verteidigungspolitik, déi natirlecherweis zu enger gemeinsamer Verteidigung féiere soll.

Zu den Aufgabe vun esou enger gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik zielt de Vertrag

- d'Wahrung vu gemeinsame Wäerter, déi grondlegend Wäerter an der Ofhängegkeet vun der Unioun

- d'Stärkung vun der Sécherheet vun der Unioun an hire Memberstaten an all hire Formen

- d'Wahrung vum Fridden an d'Stärkung vun der internationaler Sécherheet entspreichend de Grondsätz vun der Charta vun der UNO, de Schlussakt vun Helsinki an den Ziler vun der Charta vu Paräis

- d'Förderung vun internationaler Zesummenaarbecht

- d'Entwécklung an d'Stärkung vun der Demokratie an der Rechtstaatlechkeet, souwéi d'Uechtung vun de Mënscherechter an de Grundfräiheten.

De Vertrag enthält och d'Verpflichtung fir d'Memberstaten, d'Aussen- an d'Sécherheetspolitik aktiv an ouni Virbehalt an Geescht vu géigesäiteger Solidaritéit ze ënnerstëtzen, a selbstverständlech sech aller Gesten ze enthalen, déi den Interesse vun der Unioun kënné schueden.

Wéi gët d'Praxis vun där gemeinsamer Aussepolitik? Den europäesche Rot leet déi allgemeng Leitlinie fest, dat souwuel, wat déi gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik, wéi och déi gemeinsam Aktioun betrëfft.

Op dëser Grondlag trëfft de Rot eestëmmeg déi néideg Entschedunge fir d'Festleën an och d'Duerchféiere vun där Politik.

Eestëmmeg gët entscheed ob eng Fro Géigestand vun enger gemeinsamer Aktioun gët, beispillsweis déi transatlantesch Bezéiungen oder och am KSZE-Prozess. De Ministerrot, dee leet den Emfank vun enger gemeinsamer Aktioun, d'Mëttel, d'Prozedur, d'Konditiounen, esou wéi och den néidegen Timing fest.

Déi gemeinsam aussepolitisch Regelunge schlëssen eenzelstaatlech Direktmoosnamen nët aus. Wa wierklech eng Urgence op Grond vun enger spezieller Situatioun besteet, kann de Stat direkt handeln. E muss awer déi aner doriwwer informéieren.

Am Kader vun der gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik huet déi jeweilig Présidence eng ganz grouss Roll ze spillen. Si dréit d'Responsabilitéit vun der Duerchféierung vun dene gemeinsamen Aktiounen. Si leet de Standpunkt an internationale Gremien duer.

Virginn as eng Troika, vun där hu mir besonnesch héiere während dem Golfkriich, an eise Minister kënné eis ee Liddchen dovun sängen. Déi Troika besteet aus deem aktuelle Rootspräsident, aus deem vun der Présidence virdrun an där Présidence duerno. Déi Présidence muss awer och d'Europaparlament informéieren an unhéieren, esou wéi et am Vertrag berücksichtegt as.

D'Kommissioun vu Bréissel gët hirersäits un den Aarbechte vun der gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik bedelegt.

All Memberstat huet d'Recht, de Ministerrot mat enger Fro iwwert d'Aussen- a Sécherheetspolitik ze befaassen a Virschléi ze ënnerbreden. Hei huet all Land ee wesentlecht Matsproocherecht.

Desweidere wärten sech an der Zukunft, déi Memberstaten, déi Member sin, am Sécherheetsrot vun der UNO ënnerteneen ofstëmmen, an déi aner doriwwer reiseignéieren, an déi, déi stänneg Member si vum Sécherheetsrot, déi setze sech fir d'Standpunkter a fir d'Interesse vun der Unioun an.

Mir kréien also hei ee Matsproocherecht a Matentschedsrecht, wat mir op alle Fall an där do Dimensioun ni haten. Et as also fir eis ee Plus u Souveränitéit.

Ech kommen zum Sécherheetsberäich an zur Verdedegungsolitik.

Duerch déi gewaltig Changementer am Osten hu sech déi ganz Konzepter vu Sécherheet an dene meeschte Länner vun Europa, mä nët nëmmen do, ganz staark geännert.

Déi sowjetesch militäresch Bedroung as souzesoe verschwonnen, an d'Logik vun denen zwee Bléck gëlt nët méi.

Engersäits spiert een de Besoin, sech gemeinsam méi fest Strukturen a puncto Sécherheet ze gin, anersäits awer spiert een Tendenzen zur Renationalisatioun vun de Sécherheetspoliticken oder vu bilateralen Ofkommen, wéi zum Beispill tëschent Frankräich an Däitschland, oft geet Rieds vun enger Reduktioun vun de Militärbudgeten.

Véier Variable vu Sécherheet: een Aspekt, dee méi national as, méi kollektiv, oder méi politesch a méi militäresch, bestëmmen den Débat iwwert d'Organisatioun vun där neier europäescher Architektur.

Déi eng Leit si fir méi eng staark Kooperatioun vun alle Länner vun der KSZE, an anerer awer géife gären der atlantischer Struktur (NATO), méi politescht Gewicht gin.

Vill Leit gesinn awer, ugesichts vun allem, wat sech haut schons an Europa, am Südoste vun Europa ofspillt, a besonnesch dee Risiko, deen sech an Nordafrika kënné zouspëtzen, eng zousätzlech Berechtigung, fir déi zweielef, fir hire Rôle a puncto Sécherheet an domat och a puncto Verdedegung ze vergréisseren.

Am Maastrichter Vertrag as virginn, dass all verdedegungs-politesch Froen, déi déi nationalstaatlech Souveränitéitsrechter a besonneschem Mooss beréieren, eestëmmeg musse geholl gin am Ministerrot.

Och hei verléiere mir guer näischt. Mir hun alles ze gewinnen, well ouni eng Sécherheet am europäesche Kader, si mir verluer.

Ech kommen dann u mäi lescht Kapitel. Dat as dat vun der WEU.

D'WEU as ee Bestanddeel gi vum Schlussakt no dem Vertrag. Heiran erkennen d'WEU-Memberstaten d'Noutwendegkeet un, eng echt Sécherheets- a Verdedegungsidentitéit ze entwéckelen, a méi eng grouss Responsabilitéit a Verdedegungsproben ze iwwerhuelen. Dat Ganzt soll an Zesummenaarbecht mat der NATO geschéien. Mir brauche weider eng staark NATO. Et kann nët sin, dass déi gréisste Wirtschaftsgemeinschaft vun der Welt op d'Protektioun vun den USA fir an all Eiwegkeet ugewisen as.

Mir musse verstärkt, och finanziell a materiell, eis egen europäesch Sécherheet garantéieren. Et bestin nach Problemer, well bis elo nëmmen néng Länner an der WEU sin: Dänemark, Griechenland, an Irland nach nët, an et wäerte ganz sécher nach ganz vill Problemer gin um Gebitt vun dene Memberstaten, déi wellen an d'Gemeinschaft kommen.

All déi Problemer sin ze léisen, wa jiddereen agesäit, wéi buchstäblech liewenswichtig fir all Land vun der Unioun et as, fir dass sech eist Liewen an engem fräien Europa nëmme sech kann an engem sécheren Europa ofspillen. Sécher as Europa awer nëmmen, wann et amstand as, déi Sécherheet, a wann et muss sin, souguer mat der Waff, ze verdedegen.

Dat alles geschitt nët vun haut op muer. Et as een Entwécklungsprozess, dee stufeweis ofleeft. Et as virginn, dass d'Memberstaten sech 1996 iwwert déi erziilte Fortschrëtter wärten auserneesetzen.

Ee gudden Usaz as schons geschitt mat der Deklaratioun vu Petersburg, déi den Här Goerens schons hei ernimmt huet. Dat war den 19. Juni 1992. Doran as eng gutt Basis geluegt gin, fir d'Preventioun vu Konflikter, fir d'Gestioun vu Krisen, an och fir

de Maintien vum Fridden, am Rumm vun der NATO, der KSZE, an der UNO. Et as ze wënschen, dass déi ganz Planifikatioun vun Aktiounen vun der WEU séier ka geschéien. Et as Nout um Mann a Jugoslawien, a mir gesinn aus welchen Emstänn d'WEU do net direkt kann agräifen, mä Europa as gefuerdert.

Et geet net, dass mir do als Spectateur intéressé all Owend d'Televisioun kucken, an déi Schreckensbiller och wierklech ganz schrecklech fannen. Et gët Zäit, dass mir als Spectateur engagé, wéi de Raymond Aron dat genannt huet, Acteur gin, fir de Fridden ze sécheren, respektiv erëm hierzustellen an Europa.

Zum Schluss wëll ech soen, dass mir Lëtzebuurger, a mir nach vill méi, wéi all déi aner, vu Gléck kënne schwätzen, dass et déi Europäesch Gemeinschaft gët, a mir sollen och frou sin, dass mir déi europäesch Institutioun esou laang hei hun, an dass mir eventuell der nach kënne derbäi kréien, an dass mir domat Dausende vu Beamten hei hun, déi frou hei sin, an déi och gär wellen hei bleiwen, a mir hoffen, dass déi néideg Infrastrukture weider ausgebaut gin, fir dass déi Leit bei eis bleiwen. Si sin eng ganz grouss Stäip, fir weider Institutiounen an dëst Land ze kréien.

Ech ka soen, mir si frou, dass mir dee Maastrichter Vertrag iwwerhaupt kënne ennerschreiwen. Fir mech war et schons zënter ville Joren ee Wonner, dass et Lëtzebuerg nach gët, a wa mir da gesinn, watfir Souveränitéitsrechter mir derbäi kréien, da kënne mir wierklech dem Herrgott danken, dass et Europa gin as schons laang, an dass Europa elo nach vill méi gefestegt gët.

Ech soen Iech merci.

Mme la Présidente.- L'orateur suivant est l'honorable M. Wolter.

M. Michel Wolter (CSV).- Madame President, dir Dammen an dir Hären. Sait Wochen a Méint gët an dësem Land, an doriwwer ewech a ganz Europa, iwwer den Traité vu Maastricht leidenschaftlech a kontrovers diskutéiert. Net nëmmen den Inhalt vum Traité selwer, mä och d'Prozedur vu sénger Ratifikatioun stin dobäi am Méttelpunkt vun den Debatten.

Dës Woch si mir als gewielte Verrieder an eiser Châmber derzou opgeruff, duerch eise Vote eis Zoustëmmung oder eis Oflenung zu dësem Vertrag ze gin. Dobäi hu mir net d'Méiglechkeet, déi eng oder aner Saach, déi eis net gefällt, erauszehuelen oder ze amendéieren. Den Text zum Projet de loi, dee mir haut ofstëmmen, huet nämlech nëmme véier Zeilen, déi folgendes soen:

„Article unique: Sont approuvés

- le traité sur l'union européenne

- l'acte final

signés à Maastricht, le 7 février 1992.”

C'est à prendre ou à laisser. Mir kënne den Traité unhuelen oder en oflenen. Ganz oder guer net. An dat as déi Fro, déi all Deputéierte viru séngem Gewëssen, sénger Fonktioun als gewielte Verrieder vum Vollek a séngem Eed op d'Verfassung verantwortete muss. An dat as déi Fro, déi ech mer gestallt hun, an op déi ech versicht hun, eng Äntwert ze fannen. Wat iwwerweit beim Maastrichter Vertrag: déi positiv oder déi negativ Punkten? Oder anescht ausgedréckt: Wat sin d'Konsequenze fir eist Land, je nodeem ob de Vertrag ugeholl oder ofgeleent gët? An aus der Beantwortung vun där Fro sin ech zur Conclusioun komm, dass ech haut mat „jo” wäerd stëmmen, dass déi positiv Aspekter déi negativ Aspekter iwwerwiegen.

Et gi sécher eng Rei Argumenter, fir géint de Vertrag ze sin. Munch si stéckhaltig, munch aner manner, a si si scho vun alle Säiten an dene leschten zwee Deg analyséiert a kommentéiert gin.

Do as zum Beispill d'Fro vun der Violatioun vun eiser Konstitutioun. Ech wëll elo net hei als Dräiavéierzegsten de Me Bonn zitieren, deen eendäiteg der Meinung as - an hien net eleng - dass eis Verfassung haut an der Châmber een décke Schlag an d'Gesicht erleit. D'Regierung, de Conseil d'Etat an och aner Juristen hun eng aner Meinung vertratt, déi sech schlussendlech duerchgesat huet. Als Nët-Jurist schéngt et mir allerdings esou ze sin, dass déi Punkte

vum Traité, déi eis Verfassung änneren, nëmme kënne a Kraaft trieden, wann eis Verfassung deementspriedend geännert gët. Wann et nämlech esou as - an eng Rei Leit schéngen där Meinung ze sin, inklusiv den europäesche Geriichtshaff - dass e Gesetzestext, sief et och nëmme en internationalen Traité, iwwer eiser Verfassung steet, da muss ee sech jo d'Fro stellen, firwat mer iwwerhaupt nach eng Verfassung hun. Déi a méngen Aë propperst Léisung wir déi gewiescht, den Traité ze ratifizéieren mat enger Reserv iwwer d'Akraafttriede vum Artikel 8B, dee jo am Widdersproch zu eiser Verfassung steet.

Ech wëll do den Artikel vum Här Marc Theves zitieren, deen am „Luxemburger Wort” dëse Wee opzeechent: „Une autre solution serait de ratifier le Traité de Maastricht en formulant une réserve sur l'entrée en vigueur de l'article 8B à l'encontre du Grand-Duché. La Chambre pourrait par exemple déclarer qu'elle considère que l'article 8B du Traité de Maastricht ne pourra pas sortir ses effets à l'encontre du Luxembourg aussi longtemps que la Constitution n'aura pas été modifiée, ou bien qu'il n'entrera en vigueur à l'encontre du Luxembourg qu'à partir du 1er janvier 1995. Elle se ménagerait ainsi le temps nécessaire à une révision de la Constitution sans commettre une entorse majeure à l'engagement européen du Luxembourg.”

La formulation d'une telle réserve est parfaitement légitime en droit international et elle est d'une pratique relativement courante.”

E bëssche méi spéit heescht et: „Il est vrai que pour être valable en droit international, la réserve formulée par une partie contractante à un traité doit être acceptée par les autres parties au traité. L'acceptation de ces derniers peut cependant être expresse ou tacite car l'article 20 de la Convention de Vienne de 1960 sur le droit des traités dispose qu'une réserve est réputée avoir été acceptée par un Etat si ce dernier n'a pas formulé d'objection à la réserve, soit à l'expiration des douze mois qui suivent la date à laquelle il en a reçu notification, soit à la date à laquelle il a exprimé son consentement à être lié par le traité, si celle-ci est postérieure.»”

Eng aner grouss Kritik as déi, wéi dat gemeinsaamt Europa opgebaut gët. Vill Leit sin der Meinung, dass Europa ouni d'Biirger gemaach gët, dass sech iwwer den demokratesch gewielte Länner eng ondemokratesch Superstruktur opbaut, déi net ze kontrolléieren an net ze bremsen as. Et schéngt mir eng vun denen déifgräifendste Kriticken ze sin, déi d'Politiker ganz eescht mussen huelen.

As Europa fir d'Leit nach nozevollzéien? Versti si iwwerhaupt nach, wéi Europa sech zesummesetzt, wat fir eng Décisiounen do geholl gin a wéi se ëngesat gin? Wëssen a versti mir als Politiker iwwerhaupt nach, wat alles do op eis duerkënn? Hun d'Politiker nach d'Kontroll iwwer de Mechanismus oder as Europa amgaangen, en Europa vun Technokraten a Beamten ze gin?

Gin an där Gemeinschaft, déi ëmmer méi grouss gët, d'Interesse vun dene klenge Länner nach verteidegt, sou wéi dat cernol war, oder as et-esou, dass d'Gewiicht vun dene grouse Länner ëmmer méi grouss gët an déi kleng zu einfache Statisten degradéiert gin?

Gët an der Vitesse vum Ausbau vun Europa net iwwerdriwwen? Gët net einfach alles vill ze séier an iwwerstiirt ugaagen, amplatz sech Zäit ze loossen, ze konsolidéieren, wat erreecht as, de Leit kloerzemaachen, wou et higeet, hinnen awer och Zäit ze loossen, sech dësen Entwécklungen unzepassen a se mat ze vollzéien?

Ech sin der Meinung, dass et dës Froë sin, déi d'Leit dobausse sech stellen, net nëmmen an eise Land, mä och an denen anere Länner vun Europa. A wann Dänemark sech zu 51% géint de Vertrag ausgeschwat huet, wir et net de Moment gewiescht, wou déi führend Leit op europäeschem Plang sech missten d'Fro stellen, ob si net eppes falsch gemaach hätten?

An eben dës Gewëssenserfuerschung schéngt net stattzefannen. Wéi anescht kënnt een interpretéieren, dass elo gesot gët, d'Däne

sollen eben nach eng Kéier ofstëmme goen, well si hätten näischt verstanen, hinne vu verschiddene grouse Länner souguer gedreet gët, se aus der EG erauszugeheien, wa si hir Meinung nët géingen änneren.

Gespaant dærf ee sin, wéi d'Reaktiounen bei engem eventuellen Nee vun de Fransousen am September géing ausfallen, ob och mat der „grande nation“ esou géing verfuer gin oder ob si nët mat vill méi Bëuechtung behandelt géif gin.

Dir Dammen an dir Hären. Europa kënnt nëmme weider, wann et mat de lokale Politiker a mat de Leit gemaach gët, an enger raisonnabler Vitesse a mat Strukturen, déi ze kontrolléieren an ze dirigéieren sin. De Wand vu Kontestatioun, deen amgaangen as iwuer ganz Westeuropa ewechzegoen, an deen de Rietsextremismus a bal all Länner a Gemengen a Parlamenten bréngt, muss eis als Demokraten ze denke gin. Et as a méngen Aën den Ausdrock vun der Veronsécherung vun de Leit, déi mat grousser Vitesse aus hire Liewensgewinnéchten erausgerappt gin, an déi nët wëssen an nët verstin, wou d'Rees soll higoen. Dat soll eis ze bedenke gin, well mer nët nees eng Kéier an Zäite vu Chaos a Willkür wëlle kommen.

E bësschen an déi selwecht Richtung schéngt mer déi ganz Diskussioun iwuer d'Ausländerwalrecht ze goen. Et as en heikelt Thema, dat mat grousser Virsiicht unzegoen as. Leider as den Terrain zur Zäit vun Demagogen a rietspopulistesch Gruppe besat, déi mat hirer Politik vu Schlagwierder den Terrain vun der politescher Auseinandersetzung besetzen, jo souguer an den Aë vun der Bevölkerung en zum wichtigste Punkt vum Maastrichter Vertrag eropstiliséiert hun, wat en nu wirklech nët as. Op där aner Säit dærf een awer och nët einfach esou maachen, wéi wann et de Problem nët géif gin, an och nët all déi Leit, déi Problemer mam Ausländerwalrecht hun, an dat selwecht Dëppe geheien.

Mir wunnen an deem Land vun der Europäescher Gemeinschaft, an deem bei wäitem déi meescht Ausländer par rapport zur Gesamtbevölkerung liewen, ronn 30%, an ënnert hinnen eng grouss Majoritéit vun EG-Ausländer, 90%. Derbäi kënnt, dass mir zu Lëtzebuerg nëmme zwou Ebene vu politescher Gewalt kennen, an zwar eis Gemengen an eis Chämber. Et felen also Zwëschengestanz wéi an dene grouse Länner, wéi zum Beispill an Däitschland, wat zwëschen der Gemeng an dem Bundestag nach zwou aner Etappe kennt, an zwar de Kreis an d'Land. Och sin an dene verschiddene Länner d'Kompetenze vun den eenzelne Composantën deelweis anescht geregelt wéi bei eis. Esou zum Beispill huet e franséische Bürgermeeschter ganz aner Pouvoire wéi e Lëtzebuurger Bürgermeeschter. Differenze gët et och bei der Kompetenz vum Gemengerot. Et bestin also grouss Kompetenzdifferenzen tëschent denen eenzelne Länner an d'Afëierung vum Ausländerwalrecht op Gemengeplang huet dann och verschidden Auswierkungen an dene verschiddene Länner.

Et as iwuerhaapt interessant ze gesinn, dass am Virfeld vum Maastrichter Vertrag keng Etude comparative gemaach gin as, fir dës Ennerscheder erauszukristalliséieren, an eréischt elo, op Grond vun de Bedenken, notament vun der Lëtzebuurger Regierung, fänken och aner Länner un, dës Punkt vum Maastrichter Vertrag méi genau ze analyséieren.

D'Afëierung vum Ausländerwalrecht stellt bei eis also Problemer duer, déi sech an anere Länner nët esou oder guer nët stellen.

Ech gehéieren enger Partei un, déi bis zu de Wale vun 1989 inklusiv ëmmer d'Thees vertrat huet, dass d'Ausländerwalrecht bei Gemengen- a Chämberswalen nët diirft ageféiert gin. Eise Walkampfprogramm as jo och schon hei ausféierlech zu dësem Thema zitëiert gin. Et as also richtig, datt een dervu ka schwätzen, dass d'Deputéierte vun der CSV den Optrag vun hire Wieler hun, fir nët fir d'Afëierung vum Ausländerwalrecht ze sin, dass mir als CSV-Deputéierten also haut am Widdersproch zu eisem Walprogramm an als Majoritéitspolitiker am Widdersproch zum Regierungsvertrag stin.

Wann ech dat haut akzeptéieren, sou wëll ech dat ganz haart an daitlech soen, dass et aus zwou Haaptmotivatiounen eraus geschitt: 1. Et huet sech, international gesinn, säit 1989 munches verännert. D'Berliner Mauer as gefall, grouss Changementer sin amgaangen an Osteuropa stattzefannen, denen hir praktesch Konsequenzen haut nach nët auszemaache sin. Dës Changementer hun eng Rei Reaktiounen ervirgeruff, an a méngen Aën as de Maastrichter Vertrag och eng Reaktioun op dës Changementer, nämlech dass Europa nach méi no zesummeërcke muss, nach méi solidaresch wéi bis elo handelen an agéiere muss.

Dozou gehéiert d'Responsabiliséierung vun de Leit, an a gewësse Grenzen och d'Abeséie vun eisen auslännesche Matbürger bei verschiddenen Entschedungen.

2. Dat heescht an eisen Aën awer nët, datt elo egal wien ënnert egal wat fir enge Bedingungen zu Lëtzebuerg iwuerall dëst fundamentaalt Recht soll zougestane kréien. Mir sin der Meinung, dass eng genügend Integratioun muss virleien, an dass virun allem och déi Akten, déi hoheitsrechtlechen Aspekter Rechnung droen, weiderhin exklusiv vu Lëtzebuurger mussen ausgefouert gin. An eisen Aë mussen also eng Rei vu Konditiounen un d'Ausübe vum Walrecht gebonne sin.

Perséinlech konnt ech feststellen, dass eng objektiv a sachlech Diskussioun mat de Leit dobaussen, wou een hinnen erkläert, wéi d'Ausländerwalrecht praktesch soll ausgesinn, hinne vill vun denen Ängschten ewechhëlt, déi si op Grond vun eiser spezifischer demographescher Struktur hun.

Ech hu mer dann och erlaabt, eng Motioun auszuschaffen, an där steet, ënner wat fir enge Bedingunge mir domat d'accord sin, dass d'Ausländerwalrecht zu Lëtzebuerg agefouert gët. A méngem ganz perséinlechen Numm wëll ech hei betounen, dass et och dës Bestëmmunge sin, déi et mer erlaben, dem Artikel 8B vum Maastrichter Vertrag méng Zoustëmmung ze gin. Mäi Jo soll a kann nëmme am Zesummenhank mat dëse Bestëmmungen analyséiert an interpretéiert gin. Et handelt sech also kengesfalls ëm en absolute Jo ënnert egal wat fir enge Konditiounen.

(M. Edouard Juncker prend la Présidence)

Ech géing mer dann erlaben, den Text vun dëser Motioun hei virzedroen:

Motion 5

La Chambre des Députés,

Considérant l'importance vitale pour notre pays de ratifier le Traité de la Communauté européenne tel qu'il est modifié dans le cadre du Traité sur l'Union européenne,

Considérant que le Luxembourg justifie assurément de problèmes spécifiques au sens du texte de l'article 8B du traité précité,

Considérant que des problèmes analogues se présentent en vue de l'exercice du droit de vote et d'éligibilité des citoyens de l'Union aux élections au Parlement européen,

invite le Gouvernement

** à oeuvrer en sorte que les modalités d'exécution, voire les dérogations minimales suivantes en faveur du Luxembourg tiennent compte des revendications légitimes de notre pays, à savoir:*

- conditionner l'inscription des citoyens de l'Union dans les listes électorales à un acte politique volontaire et à la production des certificats documentant une résidence ininterrompue dans le pays, la jouissance des droits civiques au Luxembourg et au pays d'origine, ainsi que la renonciation au droit de vote communal dans le pays d'origine;

- exiger pour le droit de vote actif une durée de résidence minimale de 10 à 12 ans et pour le droit de vote passif de 12 ans;

- limiter le pourcentage de candidats non luxembourgeois sur une même liste à 50%;

- retenir comme langue véhiculaire des débats au sein du Conseil communal la langue luxembourgeoise;

- exclure les éligibles non luxembourgeois des fonctions de bourgmestre et d'échevin;

- limiter le nombre des élus non luxembourgeois à 25% des mandats du Conseil;

* à user de son droit de veto au cas où les modalités d'exécution, voire dérogations minimales énoncées ci-avant ne sont pas acceptées à l'unanimité par le Conseil européen,

* à oeuvrer en sorte que des modalités voire dérogations analogues soient applicables aux élections au Parlement européen.

(s.) Michel Wolter, Marcel Glesener, Marie-Josée Jacobs, Ady Jung et Lucien Weiler.

Dës Motioun as also vu méng Fraktionskollege Marcel Glesener, Ady Jung, Marie-Josée Jacobs, Lucien Weiler a mir selwer ënnerschriwwen.

(Interruptions)

Wann een den Text vun der Motioun liest, esou stellt ee fest, dass en näischt anescht wëll wéi dat, wat d'Regierung an denen leschte Méint geschriwwen huet a seet, an nach zulescht e Méinden bei der Réunioun vum Syvicol um Kierchberg virun de Vertrieder vun eise Gemengen. Et liest een nämlech am Bericht vum Lëtzebuurger Wort, Bericht, dee mer vu Leit déi och do waren, och bestätegt gin as, dass déi Hären Santer a Poos am Numm vun der Regierung an domat am Numm vun de Regierungsparteie folgendes gesot hun:

„Im einzelnen erläuterte Poos dann die aus Luxemburger Sicht geplanten Ausnahmeregelungen zu Artikel 8B des Maastrichter Vertrages, die vor dem 31. Dezember 1994 für die Gemeindewahlen - und spätestens am 31. Dezember 1993 für die Europawahlen - in Form einer EG-Direktive rechtskräftig sein sollen. Je nachdem was die EG-Kommission vorschlägt will Luxemburg für das aktive Wahlrecht eine Wohnsitzpflicht von 12 bzw. 10 Jahren verlangen. Für das passive Wahlrecht sollen in allen Fällen 12 Jahre gelten. Das Amt des Bürgermeisters und die Schöffenposten sollen Luxemburgern vorbehalten bleiben. Der Anteil von Bürgern aus den 11 anderen EG-Mitgliedstaaten in den Gemeinderäten soll auf 25% beschränkt werden, währenddem mindestens 50% der Kandidaten auf einer jeden Liste Luxemburger Staatsbürger sein müsste. Um Wähler zu werden, müssen sich die EG-Bürger in die Wählerliste eintragen, und zugleich auf das Wahlrecht in ihrem Herkunftsland verzichten. Die Debatte in den Gemeinderäten soll in der Nationalsprache Luxemburgs geführt werden.“

An bëssche méi weider steet:

Aussenminister Poos sicherte zu, dass er eine Reihe der gemachten Anregungen mitnehmen werde in die Debatte über die Ausnahmebestimmungen. Auch nach der Ratifizierung der Maastrichter Verträge soll der demokratische Meinungsaustausch fortgesetzt werden. Es folgte die Ankündigung, dass Luxemburg von seinem Veto-Recht Gebrauch machen wird, falls ihm die Ausnahmeregelungen für deren Annahme, die Einstimmigkeit im EG-Rat gefordert, nicht gefallen sollte.“

Desweidere kann e feststellen, dass sämtlech Parteien déi sech haut zum Maastrichter Vertrag bekennen, an hiren Informatiounsversammlungen nodrécklech op dës Derogatiounen higewisen hun. Mir wäere frou wann eis Regierung hei an der Châmber dës Engagementer, déi si vis-à-vis vun de Gemengepolitikker agaangen as, och vis-à-vis vun den Deputéierte géif agoen.

1. géif si domat d'Loft aus de Segele vun dene Leit eraushuelen, déi mat den Ängschte vun de Leit spillen, a mat Demagogie géint d'Ausländerwalrecht virgin;

2. géing d'Regierung géigeniwwer den Deputéierten an dem Land e kloert Signal setzen, wéi si zu Bréissel wëilt verhandelen, an

3. ka si sech dann an der Diskussioun zu Bréissel, nët nëmmen op den Accord vun denen eenzelne Parteie stäipen, déi jo probéiert gët an der 7. Ronn erauszeschielen, mä och op e Mandat dat déi gewielte Vollécksvertrieder hinne gin hun.

Op Grond vun der Situatioun an där mer haut an der Châmber sin, wou d'Nerve vu verschiddene Leit blank leien, hun ech d'Impressioun, géif ech dofir plädéiere vu mir aus, fir déi Motioun hei an déi zoustänneg Kommissioun, déi sech mam Traité vu Maastricht beschäftegt huet, zrëckzegien, an mam Vote vun där Resolutioun hei an der Châmber ze waarden, bis déi 7. Ronn déi vun der Regierung ageruff gin as, zu enger endgültiger Konkusioun géif kommen. Ech géif awer soen, datt dat hei méng Menung plus déi Menung vun enger Rei vu Kollegen as.

(Interruption)

Här Lux, et si genau déi eng Saachen, nët méi an nët eng manner wéi déi Saachen, déi de Chef vun Ärer Partei, den Här Poos, e Méindeg virun de Vertrieder vun de Gemengen hei zu Lëtzebuerg am Numm vun der Regierung verteidegt huet.

M. Lucien Lux (LSAP).- Liest eng Kéier den Numm vum Här Glesener! Déi portugiesesch Memberen aus dem LCGB...

M. Michel Wolter (CSV).- Madame President, dir Dammen an dir Hären. Mat engem Argument wat hei gebraucht gin as, fir d'Ofstëmmung vum Lëtzebuurger Parlament ze verhënneren, kann ech nët d'accord sin. An dat as dat Argument wou gesot gët, duerch den negative Vote vun Dänemark bréichten déi aner Länner nët méi den Traité unzehuelen, well e jo nët a Kraaft géing trieden.

Abbee, ech sin der Menung, dass all Land séng Menung soll soen. Onofhängeg vum Vote vun dësem oder deem anere Land. Well ët as jo eréischt den 31. Dezember, wou de Kont gemaacht gët, wéivill Länner den Traité ratifizéieren, a wéivill nët. Vlächit sin et der 12, vlächit sin et der 11, vlächit nëmmen 7 oder 8. Wee kann dat haut soen? Mir sollen hei zu Lëtzebuerg eis Aarbecht maachen, egal wat déi aner Länner maachen.

Dofir as a méngen Aen och déi Diskussioun eng akademesch déi seet: mir sollen eréischt am Hierscht ofstëmmen. Ech gesinn nu wierklech nët wat fir eng nei bis elo onbekannten Argumenten iwwert de Summer komme sollen, déi d'Menung vun denen eenzelne Parteien oder Deputéierten annere soll.

Madame President, dir Dammen an dir Hären,

Dëst sin e puer vun dene Remarquën a Kriticken, op déi den Traité vu Maastricht hei zu Lëtzebuerg gestouss as. Et kommen der sécher nach dobäi. Esou de Fait, dass esou vill verschidde Problemer an dësem Text beienee behandelt gin, wou een sech d'Fro stelle muss, ob dat an deem Mooss néideg gewiescht wier. Et gët een der Impressioun nët lass, dass eng Rei Saachen an den Text iwwerholl gi sin, well ët nëmme méiglech war, datt si vun alle Länner a Facibilitäten am ganze Pak géingen ugeholl gin, an nët wann een déi eenzel Punkten a verschiddenen Dokumenter festgehalen hätt. Op där anerer Säit as et nët gelongen, esou wichteg Domäner ewéi d'Sozialpolitik an d'Umweltpolitik op eng zefriddestellend Aart a Weis ze behandelen. Dat beweist och, dass d'Europäesch Gemeinschaft nët un engem Enn ukomm as, mä nëmmen un enger Etapp vun hirer Evolutioun, an dass weider an der Zukunft un der Ausriichtung a Gestaltung vun dëser Gemeinschaft gefeilt muss gin.

Déi kruzial Fro, déi sech all Deputéiert virun dem Vote vun dësem Gesetz ze stellen huet, ech hun et schons am Ufank vu ménger Ried erviergestrach, dat as déi, ob dës Schwaachpunkten, Problemer, Kriticken, Remarquën an Objektivitéit méi staark weien, wéi d'Avantagen déi eist Land aus dem Vertrag erauszitt.

A méngen Aen huet Lëtzebuerg guer keng Alternativ zum Maastrichter Vertrag an dat souguer aus politescher ewéi och

ökonomescher Sicht. E schnelle Bléck op eis geografesch a wirtschaftlech Realitéit geet duer, fir dëst ze gesinn.

Mat 2586 km² a knapp 400.000 Leit, ëmgin vun 3 Länner déi och wéi mir Grënnungsmitglied sin, ass Lëtzebuerg dat klengsten a schwachste Land an der EG. D'Tatsaach, dass mir 92,3% vun allen Importen aus der EG, an 80,8% vun eisen Exporter an d'Länner vun der EG tätigen, beweist souwuel déi europäesch Ausrichtung vun eiser Wirtschaft, wéi och eis absolut Ofhängegkeet vun den auslänneschen Marchéen vun Produkter an Dingschtleeschungen. Dës Prozentsätz wäerden sech nach weider erhéijen, wann d'Schwäiz, Eisterräich, Norwegen a Schweden, fir nëmmen déi ze nennen, an d'EG bäikommen.

Vun Ufank un derbäi, huet eist Land an dene leschte Joerzëngten extrem héich Gewënner aus dëser Memberschaft gezun. Den europäeschen Engagement vun eisem Land, kombinéiert mat sénger gënschter geografescher Lag, waren d'Trompkaarten beim Ausbau vun eisen industriellen an Dingschtleeschungszentren. Dës Facteurën verdanken mir et, zu dene räichste Länner op der Welt ze gehéieren, mat gesonde Staatsfinanzen, mat engem héijen Duerchschnittsakommen an enger klenger Aarbechtslosegkeet.

En Neen zu Maastricht géif all dës Errungenschaften, all dës Atouën, déi mer och nach an Zukunft hun, vernichten. Ouni EG keng industriell Betriber, keen Ausbau oder Konsolidatioun vun eiser Finanzplaz, keng Marchéen fir eise Stol, keng Marchéen fir eis landwirtschaftlech Produkter, mä au contraire, Ofbau op der ganzer Linn, wirtschaftlech Rezessioun a Krisis.

Dobäi kënnt, dass eist Land wéi keen anert op politeschem Plang profitéiert huet. Europa kombinéiert mat der NATO huet Sécherheet a Stabilitéit an de westlechen Deel vun Europa bruecht, an déi lescht 50 Joer Géigner a Feinde vu gëschter un een Dësch bruecht, a si geléiert zesummen ze schaffen, an sech méi no ze kommen. A wien huet da méi vun sou enger Situatioun profitéiert, ewéi eist Land, dat jorhonnertelaang de Spillball vun den Interessen vun den europäesche Muechten war, a méi wéi eng Kéier a Kricher eragezu gin as, mat denen et näischt ze din hat, déi et weinst sénger Gréisst awer iwwert sech ergoen huet misse loossen.

Dat op d'Spill se setzen, wat mer bis elo erreicht hun, eis Chancen an déi vun eise Kanner ze hypothekéieren, dat ass zevill en héijen Präis fir déi negativ Punkten, déi sech eis stellen. Un eis als Politiker as et, innerhalb vun der Gemeinschaft e Wee a Mëttelen ze fannen, d'Intérêtën vun eisem Land ze verrieden an ze verteidigen. Léiwer e puer Privilegien manner an der EG wéi doraus eraus. Wat ënnert dem Stréch erauskënnt ass fir eist Land a séng Bevëlkerung ëmmer nach lagement positiv.

Madame President, dir Dammen an dir Hären.

Dat Gesetz wat mir haut stëmmen, ass wuel mat dat wichtegst, wann nët dat wichtegst Gesetz iwwerhaupt wat mir an dëser Legislaturperiod an der Châmber stëmmen. Wann ech mäin Accord zum Text gin, dann ass dat weder mat grousser Hurra, nach mat enger onbegrenzter Begeescherung, mä aus enger realistischer Aschätzung vun de Méiglechketen an dem Potential vun eisem Land.

En Oflenen vu Maastricht duerch dat klengste Land aus der Gemeinschaft, dat méi ewéi all aner Länner an denen 35 leschte Joren vun dëser Gemeinschaft profitéiert huet, wier souwuel politesch wéi wirtschaftlech fir eist Land eng Katastroph. Souguer e Réckschritt an Zäiten an denen d'Politiker an eisem Land virun allem domadder beschäftegt waren, fir Lëtzebuerg iwwerhaupt op der internationaler Landkaart ze behalen.

An engem Moment wou ëmmer méi Länner un d'Dir vun der Gemeinschaft klappen, well si agesinn, dass si nëmmen eng Zukunft an der Gemeinschaft hun, wir et e politeschen a wirtschaftleche Selbstmord fir ze mengen, mir kéinten Bande à part maachen.

Lëtzebuerg huet guer keng Alternativ wéi séng konsequent Abannung an e grousser politeschen a wirtschaftlechen Raum, deen

eis Onofhängegkeet, Fridden, politesch Stabilitéit a wirtschaftlech Mäert garantéiert.

Dat Europa muss awer oppassen a wat fir eng Richtung et sech entwéckelt. Nët iwwert de Kapp vun der Bevëlkerung a séng gewielte Verrieder, mä nët géint déi kleng Länner an hier spezifesch Problemer, méi Schrëtt fir Schrëtt am Accord mat den Leit hiren Traditionen an Aspiratiounen, op eng Aart a Weis, déi nozevollzéien an ze kontrolléieren ass, dat ass dee Wee, deen ech mer virstelle kann. Geléngt dat nët, gesinn ech schwéier Wollécken op eis duerkommen.

Ech soen Iech merci.

Mme la Présidente. - La parole est à l'honorable M. Goerens en sa qualité de rapporteur.

M. Charles Goerens (DP), rapporteur. - Madame Presidentin. Jhust ee Saz zu dem Här Wolter sénger Motioun. Ech wëll hei drun erënneren, dass den Här Staatsminister an den Här Ausseminister d'Parteipresidenten an d'Fraktiounspresidente vun allen hei an der Châmber vertrauenden Tendenzen op eng Table ronde invitéiert hun, an ech muss soen, dass mer do mat eisen Aarbechte gutt viru komm sin. Mir hun eischtens en Accord fond iwwert de Prinzip, en „accord unanime“, a mir hun eis vertaagt, fir iwwert d'Modalitéiten e Konsens ze fannen no enger nächster Sitzung.

Et geet also nët, dass elo een Deputéierten, deen awer misst un d'Disziplin vu sénger Partei gebonne sin, dass dee mat 4 Kollegen eppes hei déposéiert wat déi Konklusiounen, déi an der Table ronde musse kommen, préjugéiert. Entweder gët déi Motioun do vertikal klasséiert, oder déi Table ronde do ass geplazt.

Plusieurs voix. - Très bien!

Mme la Présidente. - La parole est maintenant à l'honorable M. Bausch.

M. François Bausch (GAP). - Madame Presidentin, ech hat am Fong och nët wëlles ze schwätzen, mä ech hu mech elo ageschriwwen, weinst dem Herr Wolter sénger Motioun.

Ech mengen, mir Gréng hun hei gesot während dene leschten zwee Deg, dass mat géint den Traité do sin, well mer eng ganz Rei Bedenken hun um ekologeschen a soziale Plang, a mir hätten et léiwer gär gesinn, dass Maastricht misst nei verhandelt gin, dass Maastricht misst korrigéiert gin an där Richtung, wéi mir eis dat virgestallt haten.

Eis Bedenken, déi mir abruecht hun, déi hun eis hei oft, ganz ganz schaarf Kriticken a gehandelt, doduerch wou mer virgeworf kritt hun, mir wieren Anti-Europäer. Mir hun dat zwar oft genuch zréckgewisen a gesot, dass dat nët de Fall ass, an ech mengen, mir hun aus enger ganz éierlecher politescher Haltung déi Décisioun geholl, fir den Traité do nët haut hei ze ratifizéieren.

Mä ech muss awer soen, déi Motioun, déi duerch den Här Wolter hei deposéiert gin ass, déi ass awer fir mech kloer, do ass awer kloer; dass dat wat vum Här Wolter hei gemaach gët, jhust een eenzegen Zweck huet, nämlech Stëmmen ze fänken, op Käschen vun eisen auslänneschen Matbürger, an ech muss soen, ech fannen dat ganz bedauerlech, an ech bedauern och deementspriedend, dass elo nët dee gréissten Protest hei aus der Châmber kënnt dee mir als Gréng hu missten eis anhandelen an dene leschten zwee Deg, well mir aus aneren Ursachen géint Maastricht sin.

Ech bedauern, dass nët hei e grousst Raunen duerch de Sall geet, fir dem Här Wolter séng Motioun hei zréckzewisen, well wéi gesot, ech hun Respekt och virun dene Leit, déi hei eng Menung ausdrécken, souguer fir den Traité stëmmen, ech sin nët mat hirer Menung d'accord. Mä ech hu kee Respekt, absolut kee Respekt virun engem, deen hei op d'Tribün kënnt, nëmmen ausschliisslech fir op Käschen vun eisen auslänneschen Matbürger herno Stëmmen ze fänken.

An dat ass den Zweck vun där Motioun, a soss guer näischt anesches. Well wann dat nämlech nët de Fall wär, hätt den Herr Wolter och gesot, da soll se hei ofgestëmmt gin, well ech fannen

dat lamentabel, datt en och nach um Schluss seet, si soll emol nët hei votéiert gin, an duerfir géng ech och opfuederen, am nämlechte Sënn wéi den Här Goerens, hie soll déi Motioun schleunegst zrëckzéien.

Mme la Présidente.- La parole est maintenant à l'honorable M. Asselborn.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Mme Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Mir sin elo an der Schlussphas vum der Endphas vum der Approbatioun vum Traité genannt „Maastricht“.

Den Débat dee war animéiert, heiandsdo passionéiert, e wäerd och bis zum Schluss passionéiert bleiwen, well ech maachen de Wee haut op d'Pult nët fir näischt.

Et brauch ee keen Ayatollah ze si vum de Verträge vu Maastricht, och keen Hurra-Europäer wéi déi jo genannt gin, fir dese Vertrag, wat kee Konschtwierk as, wat och nët d'Prentioun huet e perfekte Vertrag ze sin, guttzeheeschen.

Nët aus Gefalen fir d'Regierung oder e Minister, och nët aus chronescher Allergie eraus géint déi, déi Maastricht als e Schandvertrag ugesinn, seet méng Fraktioun jo zu der politischer Unioun.

Dat Wuert „Schandvertrag“ huet iwwregens eng ganz staark Bedeitung, wann den Här Krieps hei wier, géif ech him de vive voix soen, domadder soll een nët spillen, soss huet een e ganzt Liewe gelieft ouni dass een eigentlech verstanen huet firwat dass een dat gemaach huet, oder et spillt ee ganz bewusst mat der Geschicht, mat der jéngster an Europa.

Mat Maastricht as e weidert Glidd an enger Ketten, dass mer kee Kanounenhiwwel méi brauchen, keen neien, dass mer keen neit Hinzterkräiz méi brauchen, keen neit Mauthausen, keen Tambow; fir eng Gesellschaft opzebauen, déi och keng Anciens Combattantën méi ze feiere brauch, dat as d'Zil vum engem géenten Europa, an dese Vertrag dréit derzou bäi.

Dese Vertrag vu Maastricht as ewéi ech gesot hun eng Etapp no villen aneren, an eng Etapp viru villen aneren, fir en Europa ze bauen, dat fir séng ege Biirger an och fir d'Welt keng Katastroph méi produziéiert an eng gesond Liewensbasis opbaut fir den europäesche Biirger an och hiren Noperen eng beschtméiglech Chance ze bidden, sech a Fräiheet kënnen ze entwéckelen.

Maastricht, dir Dammen an dir Hären, hängt och nët an der Luucht, - ech kommen zu méngem éischte Punkt - Europa huet eng Geschicht um Plang vu sénger politischer Konstruktioon.

Zu Sarajewo 1914 as de Krich ugaangen, deen éischten, deen opgebaut war op der Arroganz vum dem nationalisteschen Denken.

Milliounen Doudeger am Eischte Weltkrich, duerno eng Supermuecht déi USA geheescht huet, eng nei Muecht déi um Entstoë war, d'UDSSR, an Europa dat am Koup lug.

D'Leit: deen alleréischte war eigentlech den Cudenhoven Kalergi, en éisteräichesche Comte, deen den europäesche Mouvement gegrënnt huet 1923 zu Wien, an heen huet schon d'Lutte ugefaangen géint d'Nationalismen an Europa.

Leit ewéi den Aristide Briand, ewéi de Stresemann, déi, wat ëmmer gesot gët, Prédécesseure ware vum De Gaulle a vum Adenauer, hun dofir geschafft.

Mir wësse wat geschitt as, „Über-alles-Extasen“ vum den Naziën hu prädominéiert, d'Wirtschaftskris as komm, et as en Zwete Weltkrich ze verzechn gewiescht mat 50 Milliounen Doudeger, erëm opgebaut op de Nationalismus.

No deem Krich war et den Churchill dee fir d'éischt 1946 gesot huet, et missten dach Etats-Unis d'Europe fäerdeg bruecht gin. D'Politiken déi sollte kënnen harmoniséiert gin op alle Pläng an dat éischt Organ wat entstanen as war de Conseil de l'Europe 1948 zu La Haye, wou den Adenauer an de Schuman derbäi waren.

An alle Gebitter sollt de Conseil de l'Europe d'Soen hun ausser am Domaine militaire. De Conseil de l'Europe huet och d'Partikularitéit, op eng Assemblée parlementaire opgebaut ze sin.

D'CECA dun, war jo déi éischt Institutioun, déi 1950 vum Robert Schuman an d'Liewe geruff gin as, an d'Zilsetzung vum der CECA as jo eendäiteg:

Et war fir d'alleréischte de Contrôle vum de Fransousen iwwert déi preisesch Schwéierindustrie.

Et war awer och fir d'Amitié téschent de Fransousen an den Däitschen hei unzekuerbelen a fir eng ekonomesch Solidaritéit opzebauen.

1953 huet Lëtzebuerg „jo“ gesot zu der Communauté européenne de Défense, déi Communauté européenne de Défense, déi 1954, dat wat den Här Charles Goerens elo grad gesot huet, jo a Frankräich gestuerwen as.

Et war e Réckschlag fir Europa, mä Messina as komm 1955 mat der Relance an d'Réimer Verträge sin ënnerschriwwe gin 1957.

Am Vertrag vu Roum as dat wat am Vertrag vum der CECA dra stung fir d'Schéierindustrie, verallgemengert gin op d'ganz Economie. Protektionismus, libre circulation, Douanen, Taxen, Aiden, Fiskalitéit, Monnaie unique, alles Sachen, déi schon am Traité de Rome ugeschnidde goufen.

D'Politique monétaire, de Plan Werner 1969 zu La Haye.

De Rapport deen ugeholl gin as am Oktober 1970 war virgesi fir eng fix Paritéit, fir d'Convertibilitéit vum de Geldër, a fir de Rapprochement vum de Budgetë fäerdeg ze bréngen. Mä mer wëssen, dass den Dollar ganz staark gefall as an de siwenzeger Joëren, dass eng ganz staark Spekulation op d'Mark war, an aus dem Plan Werner as näischt gin.

Wa mer awer och kucken d'Evolution vum Europa. Mir waren zu 6 wéi ët ugaangen as, 6 Länner, d'Benelux, Däitschland, Frankräich, Italien. Et huet laang gedauert, bis 1972, bis 4 Länner derbeikomm sin, England, Irland, Dänemark, Norwegen. Norwegen as duerch Referendum erëm erausgetrueden. Du sin dräi nei Demokratien, dräi Diktaturen an de siwenzeger Joëren an Europa bäikomm:

Portugal - 't as nach keng Eiwegkeet hir, dass de Salazar do war, - Griechenland - de Papadhopulos as och nach keng Eiwegkeet hir, - a Spuenien, - do wësse mer, dass de Franco laang do Terror gemaacht huet. D'CECA also, d'Réimer Verträge an elo Maastricht: d'politesch Unioun.

Wann ech soën däerf, an domadder halen ech dann den éischten Deel op, mir hun elo an der Communautéit de Genie vum de Fransousen, de Fläiss vum den Däitschen, mir hun d'Zéiheet vum den Englänner, mir hun d'Dynamik vum den Italiéiner, mir hun déi dräi nei Demokratien, mir hun e räicht Land hoffentlech nach am Norden, Dänemark, mir hun Irland, wat en originellt Land as, mä en aremt, a mir hun déi dräi räich Länner aus dem Benelux.

D'Zilsetzung vum Europa war de Krich evitéieren, mä et geet nët duer mat Romanzen, fir dat ze assuréieren, et hu misste Strukturen geschafe gin.

An ech kommen elo zu dräi Punkten vum diesem Traité, deen eng wichteg Etapp as bei dese Stukturen.

• Fir d'éischt, Europa a séng Politique étrangère.

All Mënsch seet dat, an all Mënsch weess et och, dass de Golfkrich gewisen huet, dass Europa keng Aussepolitik huet. An der décisiver Phas wéi ofgestëmmt gin as am Conseil de Sécurité zu New-York, hun déi zwee europäesch Länner déi do dra sin, nämlech Frankräich an England, verschidde Richtungen ageholl.

A wann ech dierf zum Golfkriech eng Parantees opmaachen, da fillen ech mech net wuel op deem Pult, wou ech och, wéi de Kriech ugaangen ass, heiriwwer geschwat hun, a gemengt hun, wann de Kuwait vläicht Orangen ze verkafen hätt, anstatt Pétrol, wär kee Kriech gin.

De Kriech am Kuwait ass net eleng gefouert gin, fir Demokratie anzefieren. Mir wëssen, dass dat haut net de Fall ass. D'Haaptsaach ass fir eis Europäer, vläicht och fir d'Amerikaner, mir kréien erëm de Pétrol zu engem verstännege Präis, all de Rescht wat mat de Leit do lass ass, interesséiert eis net méi ganz staark.

D'Kooperatiounspolitik an Europa, d'Entwécklungshëllef ass net koherent. Wann Europa, wat jo muss iwwert säin egene Süden erauskucken, bis an d'Maghreb-Länner eriwwer kuckt, da gesäit et, dass do am Joer 2000, 250 Milliounen Leit an engem immense Misär musse liewen.

Mir wëssen, dass de President Boudiaf an der Algérie ermuerd gin ass, a mer wëssen, dass den Integritismus do um Virmarsch ass.

Am Osten vun Europa, dohinner brauch een nëmmen ze kucken, fir dass ee ganz schnell versteeft, dass Europa erëm muss léieren delen, soss laut d'Péiss net eleng zu Schieren, wéi den Henri Grethen gemengt huet.

Mir brauchen eng europäesch Aussepolitik, dat gesi mer a Jugoslawien. Et kann ee soën, dass, wann d'Mauer zu Berlin net gefall wir, an d'Bléck wieren nach do, da wir vläicht kee Kriech a Jugoslawien, da wieren d'Serben op der kommunistescher Säit, an d'Kroaten an d'Slowake wieren op der kapitalistescher Säit.

Ech mengen d'Zäit ass eriwwer, endgültig eriwwer, dass een d'Welt a Bléck kann andelen. Europa muss mat kënnen hëllefen, déi nei Welt opriichten, d'Welt vum Joer 2000, an do sin d'Demokratiën gefuerdert, net nëmmen fir sech selwer ze regeneréieren, mä si mussen et virun allem fäerdeg bréngen, de Problem ze léisen, deem sech allen Demokratiën stellt, nämlech deem, mat hire Minoritéiten anständig emzegen.

D'Demokratie ass, wann een et reng mathematesch kuckt, jo Diktatur vun der Majoritéit iwwer d'Minoritéit. 51% derfir, - 49% dergéint, - huet d'Recht an der Demokratie. Ech gleef net, dass mir mat deem System kënnen an den Demokratiën weider regéieren.

Den André Hoffmann, vun der Kommunistescher Partei, huet geschter eng intellektuell Analys hei gemaach, déi sécher stéckhalteg war. En huet a bezuch op d'Dänen gesot, dass mer an Europa amgang wieren, dass net d'Vollek séng Regierung géif bestëmmen, mä dass d'Regierung wëllt en anert Vollek wielen, fir dass se endlech och denen kënnte „jo“ soën zu Maastricht, vläicht um Enn vum Joer.

Nun de Sproch, vum Vollek wielen a vun der Regierung wielen, dee kënnt jo awer, Här Hoffmann, aus dem Osten.

Ech sin eréischt 8 Joer an der Chämber; ech wëll lech jhust soën, dass Är Virgänger hef eis dacks geschwat hun iwwer Bienfaitën aus der Sowjetunioun, aus Polen, aus der Tschechoslowakei, aus Bulgarien, aus Rumänien, Dir kënnt dat eng Kéier noliesen, wat se virun e puer Joer hei gesot hun, an ech mengen, Här Hoffmann, et kënn een net ganz einfach higoën, a soën, mir hun eis geiert, dat ass eriwwer.

Ech kéint komplett mat lech d'accord sin, wann der sot, dass Europa kéint, wat d'Gestioun vun sénger Economie ugeet, besser géiert gin.

Et ass falsch am Kader vum Traité vu Maastricht eng Katastrophenstëmmung opkommen ze loossen, an nëmmen eng kapitalistesche Unterwelt ze gesinn an deem Traité.

Eis Kollegen vun dene Gréngen hun d'Transportpolitik kritiséiert. Ech froë jhust ob d'Transportpolitik ouni Maastricht an Europa da besser ze bewältege wir.

Sischwätzen vun enger grousser Emverdeling, vun der 35 Stonne-Woch a ganz Europa, vu méi sozialer Gerechtegkeet, wie wëllt dat net, mä ech mengen iwwer, téschent 1968 an 1992 leien bal 25 Joer, a leider gët et keen Traité deem een einfach esou stëmme kënnt, deem de Maart esou reguléiert, wéi een dat gären hätt.

Dat ass weder mam Gosplang ze realiséieren gewiescht, an och net mam wëlle Liberalismus, wéi de Reagan an d'Thatcher et ee Moment gewisen hun. Ech mengen eise Wee, deem am Traité vu Maastricht dran ass vun der sozialer Machtwirtschaft, dat ass schon dee richtegen.

E puer Wuert och zur Union monétaire.

D'Union monétaire ass jo opgebaut op dräi Phasen.

Déi éischt Phase ass laanscht, den 1. Juni 1990, d'libre circulation des capitaux.

Den 1.1.1994 kënnt eng automatesch Etapp, do gët den Institut monétaire européen agefouert, wou schon eng Koordinatioun téschent den Budgetspolitiken vun den europäesche Länner ka gemaacht gin, allerdings ouni dass kënn iwwer Sanktiounen geschwat gin.

Den 1.1.1997, resp. den 1.1.1999, da soll d'Banque centrale européenne an d'Liewe geruff gin an den ECU soll dat Geld gin, wat am Joer 2000 soll an Europa zirkuléieren.

Nieft dem Yen am asiatesche Raum an dem Dollar an dem amerikanesche Raum, hätte mer dann hei an Europa eng Währung, eng vun de stäerkste Währungen doudsëcher vun der Welt, déi géif ECU heeschen.

Fir déi Währung op d'Been ze setzen, brauche mer Richtlinien. Et gët z.B. gesot, dass déi Gesamtschuld net darf méi sin wéi 60% vum PIB, an domadder hu mer jo am Moment hei zu Lëtzebuerg kee Problem, mä mir hu Länner wéi z.B. d'Belsch, déi zu 128% de Moment verschélt sin.

Den Defizit vum Budget dierf net méi sin wéi 3% vum PIB am Joer, dat huet selbsterständlech eng Inzidenz op eis Investitiounsprogrammer.

Fir wat eigentlech solle mir als Lëtzeburger Désavantages hun, wann dee System agefouert gët. Hu mer iwwerhaupt de Choix, ass méng Fro.

Wann d'Belsch, déi jo eng führend Natioun sin, fir d'Union monétaire ze realiséieren, wann déi de Choix maachen, fir sech un den ECU unzeschléissen, wann dee besteet, dann hu mir iwwerhaupt kee Choix, et gët kee Lëtzeburger Frang ouni dee belsche Frang, an deem Stadium, an ech mengen, wa mer kënnen als Lëtzeburger 0,15% vum Kapital kréien vun där Banque centrale européenne, dat sin ongeféier 250 Milliounen déi mer do misste verséieren.

Wa mer och misste Reserven bezuelen téschent 2 an 3 Milliarden, déi awer Friichte bréngen, wa mer awer denken, dass mer 1 Gouverneur kréien fir déi 0,15%, déi Däitsch kréien der vläicht 2 fir 25% vum Kapital, da sti mer net do am Eck.

Den ECU soll d'Geldwährung gi vum 20. Joerhonnert, dat ass eng Chance unique, déi net méi erëm kënnt, an et ass onverantwortlech, soën ech de Kollege vun de 5/6, wann se hei téine gin, a soën, et wir eng Chance, wa Maastricht géif am Ausland ofgeleent gin.

Eise Finanzminister, deem ech merci wëll soë, fir säin Asaz op deem Gebitt, huet et mam Ausseminister Jacques Poos fäerdeg bruecht, dass bei der Fiskaliteit d'Unanimitéit erhale gët.

Et sin domadder grouss Problemer, déi mer kriteren, zum Beispill mat der Quellesteier, ofgewiert sin.

Soulaang d'Lëtzeburger Land weess, dass d'Fransouse Monte-Carlo hun, dass d'Hollänner an dass d'Engländer Inseln hun, brauche mer keng falsch Schimnt op deem Punkt ze hun.

De Secret bancaire zu Lëtzebuerg ass eng legitim a legal Waff, déi mir als Lëtzeburger Land och weiderhin dierfen, ouni rout am Gesicht ze gin, a setzen.

Dir Dammen an dir Hären. Ech kommen zur Citoyenneté européenne, wat a méngen Aën de Schlëssel as vun deem ganze Vertrag.

D'Reaktioun op déi Citoyenneté européenne weist, ob een Europa, ob ee séng Unioun verstanen huet a sénger Droweit an a sénger Essenz.

Den Traité seet am Prinzip vum Artikel 8B 1, dass Europäer, déi an engem europäesche Land wunnen, sech un de Gemengewale kënnen bedelege sou wéi d'Indigènes aus deem respektive Land.

Deen zwete Saz seet, dass d'Modalitéite vun denen 12 Länner müssen à l'unanimité akzeptéiert gin. Dat soll geschéie virum 31. Dezember 1994.

Een drëtte Saz seet, dass Derogatioune méiglech sin an dass déi Derogatioune agesat gi sin, well Lëtzebuerg eng ganz spezifesche Situatioun huet.

Hei wunne 400.000 Mënschen. Duvunner sin 270.000 Lëtzebuurger, 113.000 Leit aus der Gemeinschaft an 13.000 Leit aus anere Länner.

Iwwer d'Modalitéite gët et eng Direktiv, déi awer geholl gin as virum Fall vun der Berliner Mauer am Oktober 1989:

- iwwer d'Inscriptioun,
- iwwer d'Conditions de résidence,
- iwwer d'Sprooch,
- iwwer eng Limitatioun vun nët-Lëtzebuurger Conseilleren an de Gemengeconseilleren,
- ob se kënnen Buurgermeeschter oder Schäfte gin.

Ech wëll hei och mäin Erstaunen zum Ausdrock bréngen iwwer d'Virgoënsweis vu verschiddene Kollegen aus der CSV. Ech war am Bild, wat géif geschéien, ech wëll dat jo och nët bremsen.

Effektiv hu mer eng Table ronde, déi agesat gin as vum Staatsminister mam Ausseminister. All Stréimungen hei an der Châmber si convoquéiert gin. Mir hun eis iwwer de Prinzip géenegt an iwwer d'Modalitéiten - ech ka mech erënneren, et war de Parteipresident vun der CSV, deen dat gesot huet - sollte mer refuséieren, eng offiziell Pièce ze maachen an hei an der Châmber an deem Stadium driwwer ze schwätzen.

M. Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances.- Et as gutt, dass Dir dat nach eng Kéier widderhuet, Här Asselborn, da brauch ech dat nët ze soen.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Ech géif dem Kolleg Wolter dat selwecht soë wéi dat, wat den Här Goerens hei gesot huet, an nach en anere Kolleg, dass ech nët d'accord wir, dass déi Motioun och an der Kommissioun géif diskutéiert gin. Ech mengen, dat soll een „non paper“ bleiwen, deen horizontal soll klasséiert gin.

Am Kontext vun deem Artikel 8B 1 as jo virum allem ee Punkt ervirgestrach gin: dat as dee vun der Verfassungswiddregkeet.

Et besteet de Prinzip, dass Nët-Lëtzebuurger hei zu Lëtzebuerg op Gemengeplang kënnen mat wile goen, wann et Europäer sin. Dee Prinzip as awer nët aklobar, soulaang d'Modalitéiten nët en musique gesat sin.

De Conseil d'Etat seet weider näischt, wéi dass deen éischten an deen zwete Saz ee Ganz formuléieren. Dofir soë mer hei an der Châmber, op Proposition vun der Commission spéciale „Maastricht“ - an den Här Goerens huet eng Resolutioun an eng Motioun deposéiert -:

1. dass eis Verfassung revisabel erkläert muss gin, fir dass d'Modalitéiten, déi a Kontradiktioun si mat eiser Verfassung, kënnen op een Nenner bruecht gin;
2. mir soen och an enger Motioun, dass mer d'Regierung opfuerderen, dass déi Direktiv iwwer d'Modalitéiten nët ka geholl gin, ier eis Verfassung géännert as, also virum 31. Dezember 1994.

Elo dierfe mer domadder awer kee juristeschen Tutti frutti maachen. Wat hei gefrot gin as, dat as keng kloer Suspensivklausel. Mir solle seriö bleiwen. Déi Resolutioun an déi Motioun as jo nët

egal wat. An der Resolutioun wësse mer, dass mer deen een oder deen aneren Artikel mussen revisabel erklären. Dat Engagement wëllt dës Châmber och ouni Zweifel anhalen.

Dës Châmber wärd dat revisabel deklaréieren. Dann as et um Wieler, fir ze tranchéieren bei de Walen am Juni 1994, ob et richtig war, dass dës Parteien, déi grouss Parteien héchstwahrscheinlech, hei am Parlament Maastricht guttgeheescht hun, an déi nei Châmber mécht d'Revisioun.

Nun, den Här Weiler huet d'Fro opgeworf: Wat geschitt wann...? Dat nämlech kënn ee soen, wa mer elo Neiwale gemaach hätten. Wir dann eng Majoritéit komm, déi den Traité hei ratifizéiert hätt? Déi Fro kënn een och nët mat „jo“ beäntweren.

Wann déi nächst Constituante d'Verfassung nët ännert an a Concordance setzt mat de Modalitéiten, da si mir nët méi mat zwee Féiss an Europa. Dat soen ech hei! Déi éischt Konsequenz wir déi, dass mer absolut keen Argument méi hätten, fir nach irgendeer Siège ze revendiquéieren.

Ech géif souguer esou wäit goen, dass och eis Bankplaz a Gefor wär an dass mer och um ekonomeschen a monetäre Plang déi Konsequenze ganz séier ze spire kriteren.

Europa kënn funktionnéieren ouni Lëtzebuerg, mä Lëtzebuerg kënn nët laang ouni Europa bestoen!

Et brauch een och an deem Kontext heibanne keen ze entbanne vu séngem Eed. Och den Här Mehlen an den Här Simon kënnen weiderhin de Feierwon sangen, ouni mussen rout am Gesiicht ze gin, wa se deen Traité hei stëmmen.

D'Verfassung as nët violéiert gin, mä verschiddene Leit hun hei Intox gemaach, fir d'Leit ze veronsécheren.

An all déi Verfassungsspeleologen, déi Höhlenforscher, zemol déi vum Aktiounskomitee 5/6, déi mer hei hun, wëll ech drun erënneren, dass si den zweten Dënschteg vum Oktober 1989, wéi se an der Trap souzen, d'Châmber wollte verhënnere, fir hir Aarbecht opzehuelen. Dat war, Här Mehlen, eng flagrant Verfassungsverletzung! Dir sollt lech hidden, eise Parteien, wa mir hei Maastricht stëmmen, esou eppes wëllen an de Kapp ze geheien. Dat as eng Plack, déi dréint. An déi kann elo nach 5 Joer dréinen, eis as et Wurscht!

Mam Här Georges Margue - et as schued, dass hien nët hei as - sin ech nët averstanen, wat hien hei gemaach huet, a wat hien hei gesot huet.

Hie seet: Ech stëmmen de Vertrag vu Maastricht, mä à contre-cœur. Hien zitíert de Wilhelm Busch: „Es steigert sich jedoch die Lust, wenn man immer sagt, du musst“.

Wann een den Här Margue kennt, da kënn ee sech nët virstellen, dass hien enner Fraktiounszwang ka gestallt gin. Et kënn ee sech awer och nët virstellen, dass den Här Margue op déi gutt Iddi komm wir, fir ze soen: Bon, ech wëll nach 2 Joer hei bei de Kollege bleiwen an da maachen ech alt dat, wat déi aner och wëllen, wat ech soll maachen.

Ech ka mer awer och nët virstellen, dass séng krëschtlech Gesënnung him dat géif verbidden. De Contraire as vu Leit vun der CSV geschriwwen a gesot gin, nämlech dass d'Walrecht fir d'Europäer hei zu Lëtzebuerg an d'Konzept vun de Krëschten hei zu Lëtzebuerg passt, am Sënn, dass d'Mënschen alleguer solle gläich sin a gläich behandelt gin.

Mä et as eng Positioun, déi den Här Margue hei a séngem Genre gesot huet, déi awer no baussen nët ongeféierlech as. Et mengt een, hannert all Deputéierte vun der Majoritéit sténg ee mam décken Hummer a géif soen: Du muss, du muss dat do elo stëmmen!

Europa heescht, Solidaritéit och um mënschleche Plang an d'Praxis ëmsetzen, heescht och fir Lëtzebuerg, nët nëmmen ze kréien, mä och ze gin.

Eng politesch Stréimung heibannen, dat wësse mer, huet sech mat där Fro der Obstruktioun verschriwwen. D'Leit vum Aktiounskomitee 5/6, an de Gast Gibéryen un der Spëtz, hun de Culot, als Syndikalist gëschter hei vu sozialem Dumping ze schwätzen am Kontext vu Maastricht.

Ech froen den Här Gibéryen, wat hien dann hält vun deem, wat hien a séng Compagnonë maachen, nämlech mënschlechen Dumping.

Den Hannergedanke vun de 5/6-Spiritualisten as jo och deen, datt mat de Renten zu Lëtzebuerg kee Krich méi ze wannen as. Dës Regierung huet de Rentner 5 Milliarden u Kafkraaft bäiginn. Wann d'Leit vum Aktiounskomitee 5/6 géife fir d'nächst Walen all Lëtzebuurger fir sonndes een Auto a fir d'Woch ee Quickly versprechen, da géife si de Krich nët méi wannen.

Si brauchen also eng ganz nei Spillwiss. An et as eng geféierlech, déi se huelen. Si maachen nämlech de Lëtzebuurger Angscht, si provozieren, si soen, Lëtzebuerg géif un d'Ausland ausverkaaft gin.

(Interruption)

Här Mehlen, lauschtert ee Momentchen no!

Dir Dammen an dir Hären. Mat de Renten a mat de Steieren, mat deem Materielle kann ee spillen, souvill wéi ee wëllt. Et as een allerdings op engem ganz geféierlechen Terrain, och vis-à-vis vu séngem Gewëssen, wann een d'Leit hierarchiséiert, wann ee seet, mam Haass, deen ee provozéiert, wëll ech Stëmme kréien. Dat as geféierlech, dat hut Dir ze veräntwerte mat Ärem Gewëssen!

Dir Här Mehlen, deen hei ëmmer optrëtt wéi e Schoulmeeschter, Dir sollt Iech dat dote mirken an doriwwer emol e wéineg nodenken!

(Interruption)

Herno kritt Der d'Wuert, elo nët!

M. Robert Mehlen (Aktiounskomitee 5/6).- Kann ech dem Här Asselborn eng Fro stellen?

M. Jean Asselborn (LSAP).- Roueg!

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Mme la Présidente.- M. Asselborn...

M. Jean Asselborn (LSAP).- Dir kënnt op der Weed blären. Do fäerten d'Béischte vläicht, ech fäärten elo nët hei!

(Coups de cloche de la Présidence)

Mme la Présidente.- M. Asselborn, adressez-vous à la Chambre, s'il vous plaît!

M. Jean Asselborn (LSAP).- Jo, mä wann hie mech hei freet, da muss ech him jo soen, wat ech wëll.

M. Gast Gibéryen (Aktiounskomitee 5/6).- Huel emol e Schotz, da geet et besser!

M. Jean Asselborn (LSAP).- D'Leit vum Aktiounskomitee 5/6 zielen eis hei, si hätten 3.500 Äntwerte kritt vun hirer Referendumsaktioun. Wat as dat? Ech soen: Dat as glat näischt!

Wou as nämlech de positiven Apport vun de 5/6, fir den Traité vu Maastricht de Leit méi nozebréngen?

Ech maachen elo keng Selbstbestäubung hei, mä ech sin an e puer Versammlunge gaangen, ech hu mat 500 Leit geschwat während 2 bis 3 Stonnen iwwer Maastricht. Ech hu mat de Leit iwwer d'Suerge geschwat, déi se mat Maastricht hun. Ech hat der zwee, déi hat Dir aus der Vitrine geholl, wou et e wéineg schifgaangen as. Een dervun as souguer mam Stull op mech zougangaen. Deen huet nach ëmmer nët gewosst, dass de Krich eriwirer wir. En huet mer awer gesot, dass e bei de 5/6 op der Lëscht gewiescht wär. Dat huet mer genuch gesot!

(Hilarité)

Iwwer Maastricht mat de Leit schwätzen, iwwer hir Suerge, dobäi hun ech eng positiv Reaktioun iwwerall verspuert, nämlech déi, dass Är Intox nach nët wäit verbreet as.

Och méng Partei an ech selwer hun e grouse Feler gemaach beim Recht fir Europäer, fir d'Ausländer am allgemengen, dass déi kënnen d'Walrecht hei kréien. Mir hu vill zevill laang dat wéi eng waarm Gromper am Mond gehalen oder wéi e waarmt Eisen an de Fangere gehalen. Dat stëmmt!

Et dierf een nët mengen, wa bei eis professionelle Politiker de Frang gefall as fir eng Saach, dass dann de Frang och misst beim Vollek gefall sin. Mä wann ee mat de Leit schwätzt, et explizéiert een hinnen, firwat dass dat esou as, et seet een hinnen och, dass dobäi eng mënschlech Komponent as, dann akzeptéiere se et bal alleguer.

Nach ee Wuert iwwer de Referendum.

Mir hun eng Décisioun hei geholl den 22. Abrëll 1992. Et waren zwou Attitude beim Referendum hei an der Châmber ganz kloer ze erkennen:

- Den DP-Präsident wollt de Referendum, fir d'Lëtzebuurger ze sensibiliséiere mat Europa. Hien huet offiziell gesot, mir soë „jo“ beim Referendum. Dat war de Parteipresident vun der DP.

- D'5/6 an anerer wollten de Referendum, jhust fir d'Leit opzehetze géint d'Citoyenneté européenne, a weider guer näischi.

(Interruption)

Här Mehlen. Wat as d'Alternativ zu Europa, wann een de Leit seet, wann Der „jo“ sot, geschitt dat an dat, wann Der „neen“ sot, geschitt dat an dat! Dat kënnt Dir mer nët soen.

Ee grousst Land wéi Frankräich kann dat maachen, ee grousst Land wéi England kann dat maachen, ee grousst Land wéi Daitschland kann dat maachen, mä mir kleng Lëtzebuurger isoléieren eis!

Gitt elo emol e Stage an Albanien maachen, awer elo direkt, an da kuckt Der, wa Lëtzebuerg 5 Joer isoléiert wir, da léiert Der elo bei den Albaner, wéi se aus dem Schlamassel kënnen erauskommen!

M. Gast Gibéryen (Aktiounskomitee 5/6).- Dir maacht de Leit Angscht!

M. Jean Asselborn (LSAP).- Ech soen elo ee Wuert zum Conseil d'Etat.

Et gët hei geschwat vun engem „avis de complaisance“. Et sin 21 Leit am Conseil d'Etat. Et as nët Usus, dass hei vum Pult aus de Conseil d'Etat ugegraff gët. Dat as nach ni an där Form gemaach gi wéi bei dësem Traité vu Maastricht. Firwat? De Conseil d'Etat ka sech an der Öffentlechkeet nët wieren. Dat musse mer eis emol erëm eng Kéier an de Kapp setzen.

An ech soen elo eppes.

Ech huelen un, dass et nët zevill perséinlech geholl gët, mä ech muss dem Kolleg Josy Simon soen, dass dat, wat hien de Mueren hei gemaach huet, vläicht och onbewosst, lamentabel war. Dat war eng lamentabel Ried, déi nët wierdeg as enger Partei, dat as Cacophonie, déi nët an eng Châmber gehéiert, wa mir nach Konfetti hei gehat hätten, dann hätte mir eng Kapesetzung kënnen maachen. Esou eppes mécht een nët. Et rappt een sech e wéineg um Bidon, et kuckt een e wéineg, an et iwwerleet een e wéineg, wat ee seet, zemoools wann engem säi Chef dohannen hänkt, an et gesäit een deen an d'Aen.

Dir hut de Grand-Duc sechsmol erwähnt. Dir hut och den Ierfgroussherzog erwähnt, e puermol. Dir wësst vläicht nët, Här Simon, dass den Ierfgroussherzog ee volle Member as vum Conseil d'Etat. Wann Dir dat gewosst hätt, dann hätt Dir vläicht e wéineg anescht geschwat, wéi vun engem Avis de complaisance.

Ech gin elo seriö. Wa mir higin, a mir soen all Kéier bei engem Avis vum Conseil d'Etat, et as een Avis de complaisance, oder mir soen als Majoritéit, et as een Avis d'obstruction, da leie mir dach falsch, da si mir guer nët méi an deem Engrenage, a mir si guer nët méi an där Konstruktioon, déi d'Verfassung eis gin huet. De Conseil d'Etat as een Organ, wat politesch onofhängeg soll eis Avië maachen zu Gesetzer, an dass mir eis kënnen iwwert déi Aviën ewechsetzen, wa keng Opposition formelle derbäi as, dat wesse mir alles, de Veto as suspensif a soll der Châmber een Délai de réflexion gin, fir wann de Conseil d'Etat anerer Meinung as iwwer d'Verfassung zum Beispill, dass mir kënnen driwwer nodenken. Mä mir sollen dat do nët maachen, well ech mengen, am Conseil d'Etat sëtze Juristen, déi nët vun der Heck gepléckt sin. Déi maachen hir Aarbecht gewëssenhaft. Et sin och Leit am Conseil d'Etat, Här Mehlen, déi grad esou vill verstin, wéi vill vun eis heibannen, déi doriwwer hierfalen, mat Plattitüden, déi ouni Nährwäert hei vum Stapel gelooss gin.

Mir haten - ech soen dat elo an engem anere Kontext - eng Table ronde beim Staatsminister fir d'lescht de 4. Mee 1992. Ech soen Iech wien do derbäi war.

Vun der CSV waren derbäi den Här Santer, selbstverständlech, deen eis geruff hat, den Här Juncker, den Här Biltgen.

Vun der DP, den Här Goerens an den Här Grethen.

Vun der LSAP, den Här Fayot an ech, den Asselborn.

Vun der GLEI, den Här Nick Clesen an den Här Félix Braz. Vun der GAP, den Här Bausch an ech weess nët wien nach derbäi war.

Vun der KPL, den Här Bisdorff an den Här Hoffmann. Vun de 5/6 waren derbäi den Här Gibéryen an den Här Mehlen.

Mir waren eis do, an déi Leit, déi do derbäi waren, déi kënnen dat bezeien, iwwer zwee Punkten absolut eens gin.

Mir waren eis eens, dass de Prinzip vun der Citoyennetéit géif esou à l'unanimité akzeptéiert gin. Iwwert d'Modalitéite ware mir eis nët eens. Mir sollten nach doriwwer schwätzen.

Wann den Här Gibéryen also elo seet, dass et nët wouer wir, dass mir eis nët eens waren, da litt e manifestement, dat kënnen alleguer déi aner, déi derbäi waren, bezeien.

Här Gibéryen, ech weess, wéi Dir Politik maacht, wéi Dir se offaasst. Dir kennt mat Ligen operéieren. Mir alleguer déi derbäi ware wëssen, dass dat eng manifest Ligen as, wann Dir dat haut nët méi wëllt wëssen.

Ech wëll och ee Wuert soen iwwer d'Naturalisatioun an iwwer d'europäesch Staatsbürgerschaft no dem Traité vu Maastricht. Et gët eng Differenz tëschent Naturaliséieren an dem Recht Europäer ze gin, an hei matzewielen.

Ech gin Iech emol ee klengt Beispill am ëmgedréintene Sënn. Stellt Iech vir, et géing een Deputéierten aus eise Reien eng Plaz zu Bréissel op eemol kréien. Da géif e mat sénger Famill op Bréissel plënnere, an d'Gemeng vun Anderlecht wunne goen, et géif him gutt do gefalen. E wir nët nëmmen zwee Jor do, mä wann d'Leit e géingen do toleréieren, da wär en der vläicht souguer siwen do, an da géif en emol op d'Iddi kommen, fir mat wielen ze goen um Gemengeplang. Déi Persoun kéim awer nët op d'Iddi fir hir Nationalitéit, an deem Fall d'Lëtzebuurger Nationalitéit opzegin. Mir kënnen also och nët verlaange vun engem Portugis, vun engem Griich oder engem Englänner, deen hei op Lëtzebuerg kennt, fir dass dee séng Nationalitéit opgët, wann e wëllt um kommunale Plang mat wile goen. Mir sollen also deen Amalgame ni maachen, well deen as falsch.

Mir haten an der Châmber, ech weess nët méi genau wéini datt et war, 1986 oder 1987, ee Gesetz iwwert d'Naturalisatiounen, wou mir d'Prozedure vereinfacht hun. Mir waren deemools um Punkt fir vun zéng Jor op fënnf Jor erofzuegoen. D'Conditions de durée de résidence sin 10 Jor. De Conseil d'Etat huet gesot, d'accord op

fënnf, mä da mussen déi Leit d'Lëtzebuurger Sprooch kënnen. Et misst een Test gemaach gin, ob se der Lëtzebuurger Sprooch mächtig sin. Do hu mir, an d'Parteien alleguer hu gesot, déi Diskriminatioun kënnen mir awer nët maachen. Mir kënnen nët higoen an dene Leit, déi ee Bagage intellectuel hun, deen iwwert dem Duerchschnitt as, déi vläicht eng Aarbecht hun, déi hinnen et erlaabt fir owens an ee Cours ze goen, par rapport zu de Leit, déi um Chantier schaffen, déi eis Haiser an eis Stroosse bauen, déi owens an hirer Famill nët Franséisch schwätzen, mä grad wéi op hirer Aarbecht weider Portugisesch oder Italiéinesch schwätzen, an d'Zäit nët hun, fir dat ze maachen, mä d'Zäit kennt, wann nët an deser Period, dann an där nächster, wou d'Durée de résidence erofgesat gët vun zéng op fënnf Jor, mä nach ëmmer solle mir eis devoir hidden, fir déi zwou Saache mateneen ze vermëschen.

Den Enjeu politique.

Fir mech as et klor, egal wat ech op méngem rietse Bord héieren, dass een Neen zu Maastricht een Neen zu Europa as, an een Neen zu Europa as een Neen zur Souveränitéit vun eisem Lëtzebuurger Land.

(Interruptions)

D'Europäer kréien nei Rechter am Vertrag. Europa besteet aus Mënschen. 340 Milliounen Europäer hu mir. Ech hu schon eng Kéier ugedeit. Ech soen et nach eng Kéier ganz däitlech. Hei zu Lëtzebuerg hu mir dräi Pilierën. Dat eent, dat sin d'Banken. D'Fortuna géing duergoe mat hire Strukturen, fir d'Dépôté vun alle Lëtzebuurger gutt ze géréieren. D'Sidérurgie mat der Produktioun, déi mir maachen zu Lëtzebuerg, kënnen mir an e puer Méint eist ganz Land zounelen.

D'CLT as nët grouss gin an nët staark gin an der Villa Louvigny, mä an der rue Bayard zu Paräis.

Eis Spideler géifen nët méi funktionnéieren. Eis Flegeheimer an eis Altersheimer och nët. Eis Stroosse géingen nët méi gebaut gin, och eis Haiser nët méi. Lëtzebuerg funktionnéiert nët ouni Europäer. Lëtzebuerg as nët auslännerfeindlech, absolut nët, well soss wire keng 30% hei. Wann der nach e puer hei wiren, wéi Dir, Här Gibéryen, da wire vläicht keng 30% hei.

Déi éischt Demokratie, wéi mir geléiert gi sin an der Schoul, dat war dat aalt Athen. An deem alen Athen hun zwou Zorte Leit verbuede kritt, fir un der Demokratie sech ze bedelegen, nämlech wielen ze goen. Dat eent, dat waren déi Aarm, déi keng Suën haten. Den Zens as ofgeschaaft. Dat anert dat waren d'Métèques, déi Friem. Et hieft mir, soen ech hei ganz éierlech, wann ech Spréchelcher héieren a Floskelen héieren, wéi d'Auslänner beräicheren sech um Lëtzebuurger Stat, oder mir sin als Lëtzebuurger trotzdem anerer wéi d'Portugisen oder wéi d'Italiéiner. Schlemmer nach, wa se d'Wuert „Fräiheet vu Lëtzebuerg“, d'Wuert „d'Souveränitéit vu Lëtzebuerg“, d'Wuert „Lëtzebuerg de Lëtzebuurger“ am Kontext vu Maastricht benotzen. Ouni europäesch politesch Unioun huet de Lëtzebuurger Stat keng Chance ze iwwerliewen. Da kréie mir nämlech dat, wat den Här Rau scho gesot huet, de Wuppertalsyndrom, mä ouni Schwebebahn. Da weess och kee méi an 20 Jor an Europa, wou déi Spezifitéit Lëtzebuerg eng Kéier bestanen huet. Et dauert vläicht emol keng 20 Jor. Dat as d'Realitéit dach. An déi Kuebelbootsche voller Kiirchtuermspolitik, déi mam Mëschtgreesch verspreet as gin, as utopeschen Egozentrismus. Lëtzebuerg gët absolut näischt op mat Maastricht. Mir hun eng Kéier eppes opgin an Europa, 1951, wéi mir an d'CECA gaange sin. Dum hu mir dat Eenzezt opgin, wat mir haten, nämlech eis Eisenindustrie, an et as eis gutt derbäi gaangen.

Maastricht daarf kee Boulevard gi fir d'Kropemänner um nationalistesche Bord. Mir solle mat Toleranz, mat Offenheet a mat Wäitsücht an dat drëtt Jortausend eragoen, an dofir stëmme mir hei Maastricht.

D'GAP. Den Här Bausch an den Här Huss hun ugekënnegt, dass se géife fortlafen, wa mir stëmme, mat de 5/6 an och mam Här Emile Krieps, wéi en dat hei ugekënnegt huet. Eng schéi Koalitioun.

Firwat leeft d'GAP fort? Well am Traité d'Recht dra steet, dass d'Europäer zu Lëtzebuerg um Gemengeplang kënnen wéi geen? Lafe se fort, well d'Kriibsbekämpfung an d'Bekämpfung géint den Aids mam Traité vu Maastricht vereinfacht a verbessert kënnen gin? Well eng staark europäesch Währung geplangt as? Well mir eng besser Entwécklungs- a Kooperatiounspolitik méiglech maache mat Maastricht? Oder lafe se fort, déi zwee Hären, fir erëm kënnen eng Pressekonferenz ze halen, an dann zielen se op där Pressekonferenz, wat se dobausse geschwat hun oder wat fir Witzen de Koeppé Jemp hinne gezielt huet, wéi mir heibanne gestëmmt hun?

Zur DP. De Parteipresident vun der DP, deem wëll ech merci soen, fir s Béng Asicht, dass en och no aacht Jor Opposition an der Châmber de Reflex behalen huet, dass een och an der Opposition jo soe kënn, ouni dobäi d'Gesicht ze verléieren, wann d'Zilsetzung vu vitalem Interesse fir d'Land um Spill as. Maastricht huet déi Eegenschaft.

No bausse kléngt d'Ried vum Fraktiounspresident, dem Henri Grethen e wéineg anescht, mä wann een op rader Place Winston Churchill wunnt, an all Dag deen Numm héiert, Här Grethen, da weess een, dass zu Schiren och d'Welt nët mat Brieder zougencelt as, an dass een dee Wee ka matgoen, deen de President vun där Partei virschléit.

Ech wëll allerdings dem Fraktiounspresident Henri Grethen, nët well ech grouss Erfarungen op deem Gebitt hun, ech hu lauter fein Jonge bei mir, soen, dass séng Roll nët einfach as, fir all Schof beim Trach ze behalen, mä dat wat bleift, dat as säi Jo, dat as de Jo vu sénger Fraktioun zu Maastricht, all dat anert as en fin de compte verbaalt Emgeréits, wat an e puer Méint kee méi zur Kenntnis huele wäard. Den Här Grethen huet mat séngem Gewiicht, wat en op d'Wo bréngt d'ABS-Bremse quiitsche gedoen, mä en huet d'Kéier kritt, an dofir mengen ech, soll een hien a säi Parteipresident nët géintenaner ausspülen.

Déi nächst Woch, a speziell déi Woch drop, wa mir iwver d'Krankekeesse schwätzen, Här Grethen, da kënn Dir d'Vannen erëm grouss opdréinen, an da kënn Dir eis et erëm lafe loossen.

Dës Debatt, an ech soen dat grad esou éierlech, wéi dat wat ech elo virdru gesot hun, déi huet mech trotzdeem méi traureg gestëmmt, wéi frou, well ech mir nët erwaart hat, no dene ville Versammlungen, wou ech konnt mat de Leit schwätzen, wou ech ëmmer gesinn hun, dass d'Leit méi positiv zu Europa waren, wa se gaange sin, wéi wa se komm sin, wa se also Informatiounen an Erklärunge kritt hun, dass se fir Europa grad esou passionnéiert sin, wéi fir hiert eget Land, dass Europa fir d'Leit kee Friemkierper as, och wa se dat vu Verschiddenen agetriichtert wëlle kréien, dass ech eigentlech heibannen esou vill konzentréiert Negatiivt ze héiere kritt hun. Onofhängeg vun deem Vote, dee mir elo huelen, a wou d'Resultat, géif ech mengen, feststeet, sin hei zu Lëtzebuerg ausserhalb vun der Châmber méi Leit zeideg fir Europa, wéi vläicht heibannen.

Dat Spontaant huet heibanne gefeelt. Dat Mussen an dat Mussen, dat huet mir e wéineg komesch an den Ouere geklongen. Dat as schued, mä ech hoffen, dass dat mat der Zäit besserbar as, well wann nët, ech soen dat och riicht eraus, dann hun ech jiddenfalls näischt méi heibanne verluer, da géif ech mech méi wuel ausserhalb fillen.

Politik as ee Mëttel fir d'Visioun Europa, well Europa as eng Visioun, fir déi opzefüllen, fir se nët eidel ze loossen. Ech ka keng Suckler an der Politik verdroen. Ech soen zum Schluss alle Kollege merci an der Spezialkommissioun Maastricht, déi do matgehollt hun. Dene Gudden an och dene Schlechten.

Speziell wëll ech merci soen, dene Rapporteurs, dem Lydie Err, wat sech eng formidabel Aarbecht gemaach huet mat der politescher Unioun. Dem Fernand Rau, deen eng gutt Aarbecht gemaach huet bei der Union économique et monétaire. Dem Charel Goerens. Dem Charel Goerens as an der éischter Sitzung „Maastricht“ proposéiert

gi vu séngem Fraktiounspresident, fir ee Rapport unzehuelen. Ech muss soen, dass ech keng dräi Sekonne gezéckt hun, an ech geduecht hun, halt, dat wär keng schlecht Saach, nët nëmme well ech weess, dass de Charel Goerens eppes vun Europa versteet, mä well mir doduerch et een zimlecht groust Gefill vu Responsabilitéit fir Maastricht kënnen opbauen.

Ech wëll och merci soen dem Här Weyland, dem Här Miersch an dem Här Jaans. Merci och dem Här Staatsminister fir séng Disponibilitéit fir d'Kommissioun, dem Finanzminister, deen un den ECU an un d'Union économique et monétaire gleeft. Och merci dem Ausseminister Jacques Poos. Hien huet mat vill Kompetenz an ouni vill Gedäisch mat grousser Notoriétéit, déi en elo an Europa huet, den Traité vu Maastricht virbereet.

Ech soen Iech merci, an hoffen als President vun där Kommissioun, dass an der Châmber eng grouss Majoritéit fir dee Vertrag wäard zoustane kommen, an dann hu verschidde Leit och an déi richteg Richtung oeuvréiert.

Mme la Présidente.- La parole est à l'honorable M. Gibéryen, au nom de son groupe.

Je propose à la Chambre de faire une interruption d'une demi-heure après ce dernier orateur, avant d'entendre le Gouvernement.

M. Gibéryen, vous avez la parole.

M. Gast Gibéryen (Aktiounskomitee 5/6).- Madame President. Merci fir d'Wuert. Mir delen eis déi Riedezäit, well mäi Kolleg Mehlen schwätzt och nach e puer Wuert.

Ech wollt elo nët méi op déi ganz Diskussioun vum Kolleg Asselborn agoen. Ech mengen, hien huet séng Roll als Fraktionschef gespillt. An hien hat och gesot, hie géif haut gären d'Schlusswuert schwätzen. Mir wëssen och, bei deem, wat hien esou seet, do as hien zum Schluss e bësschen un deen humoristeschen Deel komm. Et hätt een elo e bëssche Konfetti kënnen geheien, dann hätt dat gepasst.

Ech wollt awer zwou Kloerstellunge maachen. Déi eng war déi, wou hie mech hei als Ligner betitelt huet.

Ech wëll nach eng Kéier déi Wieder widerhuelen, déi ech den 22. Mee beim Staatsminister an der Sitzung, an och gëschter hei gesot hun. Déi hun nët geännert vun deemools un, a wäerten och haut nët änneren.

Mir waren an där Sitzung derbäi an hu fir d'éischt begréisst, dass de Staatsminister déi Sitzung aberuff hat. Zwetens hu mer ons och bereet erkläert, iwver Derogatiounen ze diskutieren.

Dat setzt viraus, Här Staatsminister, well mer eis bercet erklären, iwver Derogatiounen ze schwätzen, dass mer och nët géint de Prinzip vum Walrecht sin, soss géife mer nët fir Derogatiounen schwätzen. Ech mengen, dat hu mer nach ëmmer gesot, an dat hun ech och gëschter hei gesot. Dat ännert nët!

Awer iwver d'Derogatiounen selwer hu mer eis nët ausgeschwat. Mir hun et ënner zwou Konditiounen gesot. Mir hu gesot:

- Eischens hätte mer gären, d'Verfassung misst respektéiert gin, dat heescht, dass fir d'éischt d'Verfassung misst geännert gin, ier den Traité géif ratifizéiert gin.

- Zwetens hätte mer gären, dass iwver de Wäert vun den Derogatiounen misst geschwat gin, och wa mer eng Enegung iwver den Derogatiounen géife fannen, fir dass dann och eis Regierung sech géif verpflichten, déi Derogatiounen an där Form duerchzesetzen, a wa se nët duerchgin, ob se da géif vum Vetorecht Gebrauch maachen.

Keng vun denen zwou Konditiounen as erfüllt gin, sou dass mir soen, dass mir näischt mat denen Derogatiounen do ze doen hun.

Bei deem Prinzip, dee mir gemengt hun, hätte mer Derogatiounen ausgehandelt, mir wire virun de Biirger getratt a mir hätte gesot: Hei sin d'Derogatiounen, déi en Accord fond hun. Elo schwätzt Dir Biirger Iech iwver de Wee vun engem Referendum oder iwver

de Wee vun Neiwalen doriwwer aus! Dann hätt de Bürger e Matsproocherecht kritt. Dat war eis prinzipiell Fuerderung, an déi as nët erfëllt gin.

Ech wollt dat nach eng Kéier hei kloerstellen: nët méi an nët manner hu mer den 22. Mee gesot. Dat selwecht zielt haut och nach ëmmer hei op dëser Plaz.

Den Här Asselborn huet mech nach ugeschwat als Gewerkschaftler. Ech hu gëschter hei gesot, dass de Volet social, deen am Traité as - an ech hu mech beruff op eng Ausso vum Här Aarbechtsminister, déi hien den 29. Juni an der Commission de Travail et de l'Emploi gemaach huet - fir mech als Gewerkschaftler nët kann a Fro kommen, datt ech deem Traité hei zoustëmmen. Fir mech bedeit e „Jo“ zum Traité e „Jo“ zum sozialen Ofbau hei a Lëtzebuerg. Zu dene Wiederderstin ech och nach haut!

Madame President. Méng Zäit leeft fort. Ech wëll dem Kolleg Mehlen nach 5 Minutte loossen.

Ofschléissend géif ech soen, datt den Här Asselborn hei e bëssche méi déi riets Säit attackéiert huet. Ech sin iwweezeegt, dass hien am Laf vum Mëtteg 20 Saite vu sänge Preparatiounen ewechgeworf huet. Dat waren déi Säiten, déi preparéiert ware géint d'DP. Mä vü datt d'DP de Mëtteg jo zevill wibbeleg gi war, huet hien déi dann e bëssche verschout. Hien huet si hei e wéineg geheemelt; et war esou wéi eitz-eitz. Et huet een et gespiirt, wéi dat tëschent hinnen zwee gaangen as.

Ech sin awer iwweezeegt, Här Grethen, datt spéitstens, wann Der bis „jo“ gesot hut, den Här Asselborn séng Ziedelcher erëm opreeft, an dass Der der an dene nächsten Deg wäerd laansch d'Bake kréien, wou hien Iech haut dermat geschout huet.

Mir géifen op jidde Fall, Madame President, eis Fuerderung oprechterhalen, déi mer virgëschter am Ufank gestallt hun, dass de Vote soll reportéiert gin. Mir géifen och haut verlaangen, datt kee Vote iwwe den Traité vu Maastricht geholl gët. Mir stellen heimadder d'Fuerderung, datt dee Vote reportéiert gët.

Mme la Présidente.- La parole est à l'honorable M. Mehlen, dernier orateur.

M. Robert Mehlen (Aktiounskomitee 5/6).- Madame President, dir Dammen an dir Hären. Ech si frou, dass ech d'Geleënheet hun, op e puer Saachen ze äntweren, déi hei nët richteg erëmgé sin.

Ech muss fir d'ëischt dem Här Goerens widerhuelen, wat ech de Mueren a ménger Ried gesot hu vun engem Opbau Stee fir Steen. Ech sin am Prinzip mat Iech d'accord, mä Dir hut d'Essenz vu ménger Ausso nët verstanen.

Mir hun nach ni esou e Pak vu Mesüren ënnerschiddlechster Natur an engem eenzege Projet virgeluegt kritt. Dat selwecht maache mer och nët hei am Parlament, datt een Äppel a Biren, a Gromperen a Kréischele beieneen an e Pak mécht. Mir maachen och hei nët d'Agrargesetz, de Musée Pei an d'Reform vun der Post an ee Projet an da soë mer: Elo gët dat gestëmmt. Dat wollt ech mat där Ausso soen.

Här Asselborn, Dir hut mech an engem Punkt ugeschwat, mam Feierwon. Ech weess nët, wou Dir dat hier hut. Ech refuséieren, am selwechten Otemzuch mat deem Här hei genannt ze gin, deen de Mueren de Problem mam Feierwon hat. Ech hu kee Problem mam Feierwon.

Ech wëll Iech awer och soen, wann Der mengt, de Rententema wir eis ausgaangen, mir kommen nach eng Kéier op de Rententema ze schwätzen, nët dass Der mengt, mir bräichten esou eng Auswäichméiglechkeet, fir eis hei an der Politik kënnen ze behaupten. Dat as en Thema, dee bleibt. E bleibt och am Zesummenhank mat eisem Budgetsdefizit, dee jo an Zukunft, wa mer vun enger gemeinsamer Währung schwätzen, vu Konvergenzkritäre schwätzen, eng Fro as, déi ganz sécher aktuell bleibt.

Dann as eis virgeworf gin, mir hätten Haass geséint. Et as eigentlech dat, wat mech erausgefuerdert huet, fir hei op d'Tribün ze kommen. Ech fannen dat ganz schlëmm!

Madame President! Wann den Här Asselborn heihinnerkënnert an e werft engem Grupp oder eenzelne Leit vir, si géingen Haass dobausse séinen, da muss hie sech dofir verantweren. Dat as dat schlëmmst, wat een engem Mënsch kann ënnerstellen!

(Interruptions diverses)

Da justifizéiert et!

Mir hu jhust gesot, an ech mengen, den Här Gibéryen huet et kloergestallt, datt mer zu dësem Moment d'Afëierung vum Walrecht an de Gemengen verfréit fannen.

Ech mengen, am Sënn vun der géigesäiteger Toleranz, déi jidferen hei priedegt, soll och een deem anere séng Meinung respektéieren, an nët deem anere virwerfen, hie géing Friemenhaass priedegen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Wéini dann? Den Här Goerens huet Iech dat gefrot! Dann äntwert drop!

Mme la Présidente.- M. Mehlen, continuez avec votre discours!

M. Robert Mehlen (Aktiounskomitee 5/6).- Ech weess nët, wéivill Zäit ech nach hun.

Mme la Présidente.- Vous avez encore 5 minutes.

M. Robert Mehlen (Aktiounskomitee 5/6).- Et as de Mueren eng Fro hei oppgeworf gin an deem Zesummenhank. Wa mer e gemeinsaamt politescht Europa wëlle bauen, da fannen ech, datt mer eis a munchen Hinsichte fir d'ëischt méi no komme mussen.

Ech froen d'Regierung, wat an deem Zesummenhank gemaach gin as, fir sech emol op eng gemeinsam zweet Sprooch an Europa ze enegen.

Den Här Margue huet gëschter ganz däitlech gesot: Hei gët hannevir ugefaangen. Hei gët um ënneschten Niveau, bei de Gemengen ugefaangen, an um Niveau vun den Europawalen, mam Hannergedanken, fir et spéider op d'Parlamentar auszedenen. Mä dat wiirklecht Zesummewuesse vun Europa, wat d'Sprooch an d'Kultur bëinhalt, dat gët lénks leie gelooss.

Ech wëll zum Ofschloss nach ee Wuert soen. Här Asselborn, wann ech Iech gutt verstanen hun, dann hut Dir behaupt, mir hätte gesot, et wär eng Chance, wann déi aner Länner den Traité nët géifen unhuelen. Ech mengen, Dir hut de Muere schlecht nogelauschtert. D'Dänen hun nee gesot. Et steet en Neen am Raum. Dat as fir eis Lëtzebuerg ganz entscheidend.

Et steet an de bestehende Verträge, an notamment am Vertrag vu Roum, dass mer mussen eng Unanimitéit hun, fir kënnen weiderzegoen, fir kënnen Ännerungen un de bestehende Verträge virzehuelen. Jo oder neen? Wann et jo as - an do schéngt mir keen Zweifel drun ze bestoen - da schéngt et mir vun allergréisster Wichtigkeet ze sin, datt déi bestehende Verträge respektéiert gin, dat heescht, dass mir och als Lëtzebuerg nët maachen, wéi wann näischt geschitt wär. Et as e ganz geféierleche juristeschen Terrain, wa mer soen: Dänemark as en Akzident; dat as esou, wéi wann näischt geschitt wär, mir ratifizéieren trotzdeem.

A wann hei geschwat gët vun der Gefor, déi op d'europäesche Institutiounen zoukënnert, déi hei zu Lëtzebuerg sin, déi jhust hei verankert sin, op Grond vu bestehende Verträge, wou mer Pabeieren an der Hand hun, wou mer eis kënnen drop beruffen, da solle mer oppassen, datt mer nët dat, wat geschriwwen as, duerch eng oniwweiluegten Aktioun eis selwer futti maachen. Dat as den Enjeu, wa mer haut den Owend hei de Vote huelen. Dir stellt dat, wat geschriwwen as, a Fro. Dir ënnergrueft déi Situatioun, déi eis ganz eleng d'Fundament bitt, fir an där Gemeinschaft kënnen weiderzebestoen.

Dann zum Schluss, an dat as och d'Ursach, firwat mir hei froen, fir datt de Vote soll reportéiert gin, well et eng Mëssuchung vun de bestehende Verträge duerstellt.

Ech kann d'Menung vun Här Asselborn net delen, wann hie seet, et wär vill Negatives hei geschwat gin. Ech stelle fest, an ech hu vill nogelauschert, et as vill konstruktiv Kritik hei gemaach gin. Ech fannen, dat as engem Parlament würdeg. Et wär traureg, wa mer alleguer enger Menung wären an alleguer géingen, aus enger falsch verstanener Europaeuphorie an enger falsch verstanener Solidaritéit, fein hei dee selwechte Piedchen trëppelen.

Konstruktiv, sachlech, éierlech Ausernanersetzung muss sin. A wann dat an deem Parlament hei an Zukunft net méi soll spillen, da wëll ech och net méi Member vun dësem Parlament sin.

Ech soen Iech merci.

Mme la Présidente.- La séance est suspendue jusqu'à 19.15 heures.

La séance publique est reprise.

La parole est maintenant au Gouvernement, au Ministre des Affaires étrangères.

M. Jacques F. Poos, Ministre des Affaires étrangères, du Commerce extérieur et de la Coopération.- Madame la Présidente, Madame et Messieurs les Députés, chers collègues. Après plus de 13 heures de débat, sans compter le temps de parole des rapporteurs, j'essaierai d'être bref et d'éviter des redites.

Tout d'abord, je voudrais remercier la Chambre, toute la Chambre, pour l'efficacité avec laquelle elle a organisé les travaux parlementaires en vue de la ratification, en temps utile, de cet important Traité.

La Commission spéciale „Maastricht“, présidée par M. Jean Asselborn, a tenu 15 réunions. A la fin de ses délibérations elle a rendu public un rapport de 166 pages.

Ce rapport écrit, complété par les explications orales des trois rapporteurs, au même titre d'ailleurs que par l'excellent avis du Conseil d'Etat, constitue désormais un important ouvrage de référence luxembourgeois sur le Traité instituant l'Union européenne.

Rien n'est bâclé, rien n'est laissé dans l'ombre, aucun détail, fût-il minime, de ce Traité n'a été caché à la face du public.

Ceux des citoyens qui s'intéressent à la chose publique - et plus particulièrement à la politique européenne - ont pu, à travers la presse, s'informer sur les innovations du Traité, ainsi que sur ses avantages - et à écouter ses détracteurs - également sur ses désavantages pour notre pays.

Après le large débat public, qui se déroule depuis des mois, il n'est plus permis à quiconque d'affirmer qu'il n'est pas informé, qu'il lui faut un temps de réflexion supplémentaire et qu'il faut surseoir au vote.

Pourquoi ne passerait-on pas au vote, alors que la procédure luxembourgeoise est terminée? Le Conseil d'Etat a rendu son avis. Les rapports de la Commission spéciale ont été longuement discutés, puis adoptés à une grande majorité.

Les champions de la souveraineté luxembourgeoise attendraient-ils un coup de main, voire une ingérence étrangère pour faire triompher leurs thèses?

Dans l'ensemble, nos journalistes ont bien fait leur travail. Ils ont, par leurs commentaires, contribué à l'information des électeurs.

Evidemment personne n'est obligé de lire les journaux!

Que les trois rapporteurs, Mme Lydie Err, M. Charles Goerens et M. Fernand Rau soient donc chaleureusement remerciés pour avoir rendu compréhensibles et pour avoir vulgarisé des notions apparemment compliquées et pour avoir souligné - chacun en des

termes différents, chacun dans son style - qu'un vote positif sur le projet de loi d'approbation consolidera le rôle et la place du Luxembourg dans l'Europe et lui évitera le sort que la politique étrangère luxembourgeoise depuis 1839 s'est efforcée de conjurer: à savoir l'isolement du pays.

Sorti de l'Europe, le Luxembourg retomberait dans l'insignifiance.

Je souligne cette évidence primaire à l'adresse de ceux des députés qui ont cru déceler dans les soi-disants „abandons de souveraineté“ la raison de leur refus du Traité:

La souveraineté ne s'abandonne pas, mais dans un monde interdépendant elle se partage. Dans l'Europe communautaire elle s'exerce en commun.

Pour un petit pays, comme d'ailleurs aussi pour un pays de taille moyenne, l'alternative de cet exercice en commun de certains attributs de souveraineté nationale n'est nullement la pleine indépendance, mais la domination étrangère!

Ceci est souligné à suffisance de droit dans un rapport qu'a déposé le Gouvernement de la Confédération helvétique en même temps que sa demande d'adhésion aux Communautés européennes. Et je me permets de citer deux phrases de ce rapport du Gouvernement suisse: „Letztlich steht unsere Unabhängigkeit auf dem Spiel. Durch unsere Beteiligung an der Erarbeitung und Verabschiedung der EG-Entscheidungen, wären wir besser imstande, unsere Unabhängigkeit zu wahren, als durch den Versuch, abseits zu stehen, mit dem faktischen Zwang, solche Entscheide nachzuvollziehen.“

Je m'interdis de revenir sur la fausse querelle constitutionnelle ravivée par certains.

Les reproches que notre Constitution est violée et que l'Etat de droit est menacé sont grotesques à la lumière des développements juridiques du Conseil d'Etat, qui souligne dans son avis unanime que le Traité de Maastricht, et notamment son article 8 B, n'est pas contraire à la Constitution!

C'est d'ailleurs la première fois qu'un avis du Conseil d'Etat a été traité à cette tribune d'„avis de complaisance“. Le Gouvernement regrette cet écart de langage de la part de ceux-là même qui ne manquent jamais de se référer au Conseil d'Etat, s'il est favorable à leurs propres vœux politiques. Je laisse les 21 membres de la Haute Corporation apprécier l'affront qui leur est fait.

Aucune preuve, aucun début de preuve n'a d'ailleurs été apporté à l'affirmation gratuite que les représentants luxembourgeois aux conférences intergouvernementales auraient „mal négocié“ ou „mal défendu les intérêts du pays“.

Je voudrais, à cet endroit, marquer l'accord - sans réserves - du Gouvernement avec la résolution sur la révision constitutionnelle ainsi que les motions élaborées par la Commission spéciale „Maastricht“.

La résolution n'est pas pour surprendre le Gouvernement qui avait déjà souligné dans son exposé des motifs du 9 mars 1992: „Il est entendu que la Chambre issue des prochaines élections devra procéder à une modification de la Constitution pour la rendre conforme aux dispositions du présent Traité.“

Le Gouvernement se félicite que la Chambre s'oblige elle-même, et dès aujourd'hui, à déclarer revisables les articles impliqués avant la fin de la présente législature.

Il est toutefois évident que cette résolution n'est pas à interpréter, comme l'a fait l'honorable M. Ripinger, comme „condition suspensive“ pour tout le Traité.

On ne badine pas avec le droit international. Et pour le Gouvernement en tout cas, seul le texte de la résolution l'a fait foi, et non pas l'interprétation quelque peu osée de tel ou tel intervenant.

Parmi la longue série de digressions sur le thème de l'Europe, dont notre discussion de trois jours a été si riche, je voudrais retenir celle de M. Goerens, co-rapporteur.

Dans une déclaration personnelle courageuse, sans doute adressée aux euro-pessimistes et euro-sceptiques de son propre parti, il a mis en garde contre l'entreprise de démolition du Traité menée par d'aucuns à grands coups de slogans et de clichés.

Un vote positif, a-t-il souligné, est d'un intérêt vital pour le Luxembourg, car, „si l'Europe peut se passer du Luxembourg, le Luxembourg ne peut pas se passer de l'Europe”.

A écouter toutefois certains orateurs, son plaidoyer contre la politique politicienne n'a pas été entendu, voire compris par tout le monde!

L'honorable M. Grethen a certainement commis un faux pas en accusant la majorité gouvernementale de faire de la démagogie avec le Traité de Maastricht. Car la croix avec la démagogie est qu'un démagogue trouve toujours un démagogue et demi!

La contagion et la surenchère se mettent en marche. Et à ce jeu de massacre, c'est toute la classe politique qui perd.

Avec les députés des 5/6 - et je ne citerais aucun nom - le populisme - avec tout ce qu'il peut avoir de primitif, d'excessif voire de provocateur - est entré avec grand fracas dans notre Parlement. Et je crains que les Luxembourgeois aient à le regretter.

Je ne répondrai pas aux clichés ni aux slogans échangés à tour de bras. D'autres, et notamment M. Asselborn et M. Goerens l'ont fait avant moi.

Je me dois cependant de réfuter les affirmations de M. Grethen sur deux points précis:

1. L'attaque que j'estime inadmissible contre un fonctionnaire du Ministère des Affaires étrangères - certes membre du Conseil d'Etat, comme beaucoup d'autres Conseillers d'Etat issus de la Fonction publique - mais qui n'est responsable ni du texte du Traité de Maastricht, ni de l'avis unanime du Conseil d'Etat;

Il y a à Luxembourg, comme dans toutes les démocraties, une responsabilité politique; et c'est cette responsabilité politique qui est assumée par le Gouvernement. Il faut toujours tirer sur les ministres, il ne faut jamais tirer sur les fonctionnaires!

M. Henri Grethen (DP). - M. le Ministre, est-ce que je peux poser une question?

M. Jacques F. Poos, Ministre des Affaires étrangères, du Commerce extérieur et de la Coopération. - Bien sûr, je vous permets de poser une question à ce sujet.

Mme la Présidente. - M. Grethen, vous avez la parole.

M. Henri Grethen (DP). - M. le Ministre, je voudrais seulement redresser: je n'ai pas lancé une attaque contre un fonctionnaire, mais j'ai cité un article publié la semaine dernière par un journaliste libre au „Lëtzebuurger Land”. Rien d'autre!

M. Jacques F. Poos, Ministre des Affaires étrangères, du Commerce extérieur et de la Coopération. - Eh bien, vous avez cité ce journaliste, c'est vrai, et mes remarques s'adressent aussi à l'auteur de cet article.

2. La deuxième bêtise de M. Grethen concerne la genèse de la „citoyenneté européenne”. D'après lui, il s'agit d'une sorte de manigance des socialistes espagnols. C'est ce que vous avez dit!

Or, l'honorable président du Groupe parlementaire du Parti démocratique ignorerait-il que cette proposition apparaît pour la première fois dans le Rapport Tindemans, adopté en 1976, alors que M. Gaston Thorn était Président du Gouvernement et Ministre des Affaires étrangères, et que cette même notion de citoyenneté européenne a été reprise dans le Rapport Adonino de 1985? Et M. Adonino n'est ni espagnol, ni socialiste, que je sache!

L'attitude des deux partis dits „verts” était caractérisée par une certaine schizophrénie: Ils déclarent refuser le Traité de Maastricht parce que l'écologie n'y aurait pas la place qui lui revient.

Quelle erreur de jugement de la part de ceux qui se prétendent les défenseurs exclusifs des principes écologiques! Car voilà un Traité qui, dans son article 130 R, proclame que l'objectif de la Communauté est

- un environnement à un niveau de protection élevé,
- la correction à la source des atteintes à l'environnement et
- le principe du pollueur-payeur.

Et les verts politiques disent non à ces principes!

Voilà un Traité qui prévoit que toutes les décisions en vue de réaliser ces objectifs - avec trois exceptions cependant - seront prises dorénavant à la majorité qualifiée et que donc, le veto d'un seul ou de quelques pays ne peut plus bloquer le progrès.

Et les verts politiques refusent de franchir cet important pas qualitatif sur la voie d'une harmonisation européenne des normes de protection de la santé des personnes et des animaux ainsi que l'amélioration de l'environnement européen et mondial.

Certes, ici comme dans le domaine social, on aurait pu faire plus, mais le blocage de tel ou tel Etat ne permettait pas ces pas supplémentaires. Et une renégociation, je vous le dis sincèrement, ferait tout voler en éclat. On aurait moins, on n'aurait pas davantage.

De toute façon, je crois qu'il est impossible d'expliquer à des „soixante-huitards” qu'en politique, le mieux est l'ennemi du bien!

Le représentant du Parti communiste luxembourgeois a raté une bonne occasion de renier son passé stalinien. Car voilà un parti qui, avec un esprit de logique implacable, a radicalement opposé son veto à tous les traités européens, de la CECA à l'Acte unique, en passant par la CEE votée ici même en 1957.

Aujourd'hui le PCL affirme être pour l'Europe, mais contre Maastricht.

Or, aujourd'hui justement l'Europe n'est plus une notion abstraite imaginaire. L'Europe existe!

L'Europe, c'est la CEE, c'est l'Acte unique, c'est Maastricht! Ou pour employer une expression peut-être plus familière aux communistes: „Maastricht, c'est l'Europe réelle”.

En disant non à Maastricht, vous dites non à l'Europe réelle! Et avec M. Marchais, vous persistez dans votre refus historique.

Je vous en donne acte, mais je le regrette sincèrement.

Mme la Présidente, permettez-moi d'aborder brièvement trois problèmes soulevés par de nombreux orateurs:

- la citoyenneté européenne, véritable point de fixation de notre débat;

- le problème du siège et la position luxembourgeoise après le Sommet de Lisbonne et enfin

- la politique extérieure de sécurité commune ainsi que la situation actuelle en Yougoslavie.

On ne répétera jamais assez que la création d'une citoyenneté européenne n'entend pas se substituer à la nationalité d'un ressortissant d'un Etat membre. Le lien d'allégeance du citoyen par rapport à l'Etat de sa nationalité n'est en rien affecté. La nationalité reste un domaine exclusif des Etats membres.

La création de la citoyenneté européenne procède d'une idée généreuse et fondamentalement juste, celle d'accorder des droits aux nationaux des Etats membres sur une base réciproque dans les autres Etats membres de la Communauté. La libre circulation et le libre établissement des professions étant pratiquement acquis, il semblait cohérent d'ajouter une nouvelle dimension, découlant de l'appartenance à la Communauté. Celle-ci se traduit par un certain

nombre d'avantages: libre circulation, droit de séjour, protection diplomatique, droit de pétition, recours à un médiateur. Ils y ajoute le droit de vote actif et passif aux élections communales et aux élections européennes.

Il faut clairement distinguer principe et modalité d'application.

L'article 8B pose le principe du droit de vote actif et passif aux élections communales et aux élections européennes. Ce principe n'est pas directement applicable. Il n'est pas exécutoire immédiatement, ni même à partir du 1er janvier prochain, car les modalités de mise en oeuvre de ce principe devront encore être décidées à l'unanimité et ceci avant une date limite, le 31 décembre 1994, par le Conseil sur proposition de la Commission et après consultation du Parlement européen. Il est clair que l'article 8B ne peut recevoir une application sans qu'il y ait accord de tous les Etats membres sur les modalités d'application.

La Commission est tenue de présenter une proposition, mais elle n'est pas liée par des propositions antérieures de 1989 et de 1990.

L'article 8B, paragraphe 1er introduit la possibilité pour les élections municipales et européennes de prévoir des dispositions dérogatoires pour tenir compte des problèmes spécifiques à un Etat membre. Le Luxembourg, bien que non cité, non individualisé dans le texte, est le premier visé par cette disposition.

Cette clause d'ailleurs, Mesdames et Messieurs, a été introduite à la demande du Luxembourg, dont la situation particulière a fait l'objet d'une grande compréhension de la part de ses onze partenaires. Et je peux vous assurer que le Gouvernement veillera à la défense des intérêts luxembourgeois avec toute la diligence nécessaire.

Sur le plan national, il est prêt à poursuivre la table ronde avec tous les partis politiques sur base des propositions qui sont actuellement sur la table.

Une dernière petite parenthèse sur la citoyenneté.

Les porte-parole d'un comité d'action, qui n'est même pas un parti, ont reproché aux partis de la majorité et à un parti de l'opposition de n'avoir pas prévu la citoyenneté européenne dans leur programme électoral. Quelle imprudence de la part des députés 5/6! Ils se sont fait élire eux, avec un seul point au programme. Ils n'ont donc aucun mandat des électeurs pour proposer quoi que ce soit, mis à part la pension 5/6 pour tout le monde. Je leur conseille donc un peu de modestie lorsqu'ils s'érigent en donneurs de leçons, par exemple en matière de politique étrangère, dont leur programme n'a soufflé mot!

(Interruptions diverses)

Mme la Présidente, en matière de siège rien n'est joué et le Luxembourg garde tous ses atouts.

La Présidence portugaise a formulé une proposition et a fait circuler un „non-paper”. La proposition n'a pas été acceptée. Elle est donc caduque et la Présidence britannique doit remettre l'ouvrage sur le métier.

La position luxembourgeoise, à l'heure où je prends la parole, est claire et nette. Elle peut être résumée en quatre points:

1) Nous avons pris acte avec satisfaction que la proposition de la présidence sortante reconnaît le droit de la Ville de Luxembourg d'accueillir le siège de l'Office de Marques, organisme juridique ou quasi juridique au titre de la décision „siège” de 1965, mais nous n'avons pas donné notre accord au paquet global de la Présidence portugaise.

2) L'acquis de 1965 doit être entièrement et totalement préservé, notamment en ce qui concerne les services de la Commission, installés à Luxembourg et les réunions du Conseil dans notre capitale.

3) Il faut que l'accord définitif précise que le Secrétariat du Parlement européen dans son entièreté reste fixé à Luxembourg.

4) Pour aboutir à une solution de compromis, le Gouvernement luxembourgeois reste disposé à faire preuve de flexibilité, comme nous l'avons d'ailleurs indiqué dans l'aide-mémoire remis à M. le Président Andreotti.

Mais il doit être entendu à l'égard de quiconque que le Gouvernement luxembourgeois opposera son veto à toute solution de compromis qui ne prévoirait pas des compensations adéquates et qui ferait fi des arguments juridiques, historiques et économiques en matière de siège des institutions européennes.

Je terminerai par quelques considérations sur la politique extérieure commune et sur notre politique à l'égard de l'ex-Yougoslavie.

Un an de conflits en Yougoslavie a démontré à suffisance combien une véritable politique étrangère et de sécurité commune de la Communauté européenne était nécessaire.

Certes, il n'a pas été possible de prévoir, dans le Traité de Maastricht, que les décisions fondamentales en matière de PESC pourraient être prises à la majorité qualifiée. L'élaboration des positions communes et la mise en oeuvre des actions communes prévues aux articles J.2 et J.3 ne sera donc pas chose facile, même après l'entrée en vigueur du Traité de Maastricht.

Il nous apparaît toutefois clairement que si l'Union européenne avait été dotée, il y a quelque temps déjà, de compétences nouvelles du Traité et de la déclaration UEO, la mise sur pied immédiate d'un contingent destiné au maintien de la paix ou à l'acheminement de l'assistance humanitaire à Sarajevo aurait été largement facilitée.

Anticipant en cela aux dispositions du Traité de Maastricht, la Communauté européenne et ses Etats membres ont mis en place une action commune comportant quatre éléments, à savoir,

1) la négociation de cessez-le-feu; le fait qu'il ait fallu s'y prendre à de nombreuses reprises en Croatie et que les combats se poursuivent en Bosnie-Herzégovine, témoigne du fanatisme des combattants, mais ne met pas en cause la justice de l'approche européenne;

2) l'envoi d'une mission d'observation européenne, dont l'action en Croatie a été déterminante pour signaler la rupture des cessez-le-feu, organiser les échanges de prisonniers ainsi que l'évacuation des réfugiés et assurer le respect d'un minimum de normes par les parties combattantes;

3) la mise en place d'une Conférence de Paix, aujourd'hui seul forum où les parties en cause se retrouvent autour d'une table de négociation;

4) l'adoption de sanctions en vue d'exercer une pression sur l'agresseur.

La Communauté a investi une énergie et des moyens considérables dans la gestion de la crise yougoslave. Une politique étrangère et de sécurité commune aurait-elle changé les données fondamentales du problème yougoslave? Certes non. Mais il me paraît que la seule présence d'un ensemble de sécurité européen fort et déterminé aurait pu inciter les parties, et plus particulièrement celle responsable de l'agression dont nous constatons les effets en Bosnie, aurait donc pu inciter les agresseurs à réfléchir par deux fois avant de s'engager dans leur aventure militaire.

Mme la Présidente, le Traité sur l'Union européenne que le Gouvernement vous demande d'adopter n'est ni une révolution, ni une menace pour notre identité nationale. Il n'est pas une révolution car il ne constitue qu'une étape nouvelle sur la voie de l'intégration européenne.

Il ne menace ni notre existence nationale, ni notre paix sociale.

Comme l'a écrit le directeur du journal „Le Monde”, M. Jacques Lesourne, „le Traité de Maastricht est notre avenir”.

Il est bien sûr un nouveau défi et en même temps une chance pour le Luxembourg.

Un défi et une chance de consolider la paix en Europe, un défi et une chance de consolider en même temps notre niveau de vie et notre progrès social, un défi et une chance de participer activement, dans le cadre d'institutions, dont tout le monde connaît les règles du jeu, à l'élaboration de la politique européenne dans tous les domaines relevant du Traité.

Mme la Présidente, Mesdames et Messieurs les Députés, oui, la Chambre est placée aujourd'hui devant un choix extrêmement important, extrêmement grave, devant un choix historique.

Mais le choix dramatique pour le Luxembourg serait le non!

Le oui est le choix de l'espoir!

Je vous remercie.

Mme la Présidente. - La parole est à M. le Secrétaire d'Etat Georges Wohlfart.

M. Georges Wohlfart, Secrétaire d'Etat aux Affaires étrangères, au Commerce extérieur et à la Coopération. - Madame Presidentin, Madame, dir Hären Deputéierten. Ech hätt mir d'Wuert nët gefrot, mä verschidden Aussoen iwwer d'Wälrecht vun europäesche Matbiirger an deem Land, brénge mech dozou trotzdem verschidden Iwwerleungen an dës Diskussioun eranzebréngen, déi mengen ech, sollten nach eng Kéier ganz klor ënnerstrach gin.

Während dräizéng Stonnen as an deem héijen Haus kontradiktöresch, mä wäitgehend, vu verschiddenen Ausnamen ofgesinn, konstruktiv a kritesch diskutéiert gin iwwer Maastricht, an den Haaptdiskussiounspunkt as dee vun dem Ausländerwalrecht bei de kommunale Walen. Ech hun opmierksam nogelauschert, an et as keng Partei oder Gruppéierung an deem héijen Haus, déi am Prinzip, wann ech gutt verstanen hun, wat den Här Gibéryen nach eng Kéier ënnerstrach huet op dëser Tribün, am Prinzip betounen ech, géint esou een Ausländerwalrecht bei de kommunale Wale wir.

Mir kréie gesot vun de Kollege vum Aktiounskomitee 5/6, et kéim ze fréi. Ech wëll nët polemiséieren, well nach ëmmer d'Kollege vum Aktiounskomitee 5/6 d'Antwort schëlleg sin op d'Fro vum Här Goerens: wéini dann, wann nët haut?

Ech géif jhust versichen a ménger kuerzer Interventioun, d'Argumenter duerzeleën, firwat dass ech mengen, dass et misst elo sin. Et wiren dat Argumenter vun dräi Zorten:

Mir hun de Mëtteg héiere vum President vun der DP, dem Frënd Charel Goerens, eng Ausso, déi positiv as an deem Sënn, dass e gesot huet op dëser Tribün, hie kënnt de Mëtteg d'Wuert ergräifen, well en auslännesch Matbiirger vun der EG a séngem Betrib beschäftegt huet. Ech wëll drun erënneren, dass vun 180.000 Aarbechtsplazen an deem Land wäit iwwer 45% vun onsen auslännesche Matbiirger besat gin. Dat as een Argument, wat nët vun der Hand ze weisen as. Déi Leit, déi hëllefen onse Bruttosozialprodukt op deem Niveau ze halen an ze steigern, dee mir kennen, an de Wuelstand vun all Lëtzebuurger an deem Land ofzesécheren.

Een zweet Argument, an dat soen ech, well ech d'Eier hu mam Ierfgroussherzog oft genuch duerch d'Welt ze resen, - et si Leit, déi soen, ech wär ee vun dene gréisste Resender vum Lëtzebuurger Land, - fir ze kucken, dass mir nei Aarbechtsplazen op Lëtzebuerg kréien, also d'Diversifikatioun vun onser Ekonomie weiderzedreien, muss ech feststellen, dass vun dene 60.000 zousätzlechen Aarbechtsplazen, déi am Land geschafte goufen an dene leschte 15 Jor, mat Ausnam vun Handel an Handwierk zu méi wéi 90% mat auslänneschem Kapital konnten ofgesécheret gin. Dat sin Argumenter, déi mir sollen als Lëtzebuurger nët aus den A verléieren; solle mir nët dat vergiessen, wat mir gelescht hun, mä awer bescheiden um Buedem bleiwen.

Da soe mir d'protugisesch Mataarbechter an deem Land, déi kënne jo ons Aarbechtsplaze besetzen. Mä ech froen d'Chamber, wat maache mir an zéng Jor? Wou gi mir dann déi Leit sichen, fir déi Aarbechtsplazen ze besetzen? Wann ee weess, dass Portugal

momentan een Zouwuess vum PIB vun 10% pro Jor huet, hu mir also nët Intérêt drun, haut deen Effort ze maachen, fir dene Leit, eng minimal, an ech betounen eng minimal Bedelegung un onsen Liewen an de Gemengen zouzesécheren, ënner Modalitéiten, déi nach auszehandele sin, mat denen Derogatiounen, déi mir alleguer kennen?

Een drëtt Argument: Et as hei geschwat gi vum Siège vun den europäeschen Institutiounen. Ech géif mengen, dass déi 7.300 Fonctionnaire vun den europäeschen Institutiounen, déi momentan hei zu Lëtzebuerg schaffen, mat hirer Famill, déi sech zu Lëtzebuerg integréieren, déi sech wuel bei ons fillen, et gesäit ee jo, dass déi Leit wëllen zu Lëtzebuerg bleiwen, ons natiirlech Alliéiert sin an engem Moment, wou iwwert de Siège Lëtzebuerg diskutéiert gët, a wou mir müssen derfir suergen, dass mir d'europäesch Institutiounen zu Lëtzebuerg behalen.

Ech sin also der Meinung, dass mir sollen an deem Moment, aus denen dräi Grënn, déi ech ugefouert hun, ënnert minimale Konditiounen, dene Leit ee Matsproocherecht gin an onse Gemengen, déi dozou bäidroen onse Wuelstand all Dag ze erschaffen, déi dozou bäidroen hei zu Lëtzebuerg Milliarde Kapital pro Jor ze investéieren, dass mir déi sollten zu onsen Alliéierte maachen, wat ons géif erlaben an denen nächste Joren, dee Potential ze halen, deen ons et erlaabt och an Zukunft 5/6 Pensiounen ze bezuelen, a méngem Frënd Koeppe Jemp géing ech soen, och erlaben, dass an de Restauratiouns- an an den Hôtelbetriber de Bifdeck nët ze deier gët, an erlaben, dass mir zu Lëtzebuerg esou kënne weiderfueren, wéi mir dat bis elo gemaach hun, a wa mir dat nët wëlle maachen, da soen ech Iech éierlech, dann deet et mir leed; mir sollen haut de Courage hun zu där Décisioun ze stoen, ouni „Wenn und Aber“.

Maastricht, as vu verschiddene Leit gesot gin, geet nët wäit genuch, aner soen, et geet ze wäit, ech soe jhust dat hei, Maastricht as ee gutt Resultat fir Lëtzebuerg, a mir sollen alleguer zesumme stoen, an do gin ech dem Här Goerens Recht vun der DP, dee seet, fir ee Moment maachen ech als Oppositioun d'Klammer op, an ech stin zesumme mat der Regierung, well hei geet et ëm d'Zukunft vun der Lëtzebuurger Wirtschaft, vun der Lëtzebuurger Industrie, vun de Lëtzebuurger Aarbechtsplazen. Deen sech dat nët wéi soe loosse, an dee wëllt Demagogie bedreiw mat engem Punkt vun deem Traité, do soen ech awer éierlech, ech bedauern deen, jiddendfalls hoffen ech, dass mir déi Majoritéit an dëser Chamber fannen, déi ons et erlaabt an Zukunft dem Lëtzebuurger Land säi Wuelstand ze halen.

Mme la Présidente. - La parole est à M. le Ministre des Finances.

M. Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances. - Madame Presidentin, dir Dammen an dir Hären, léif Kollegen. Ech hu mech fir d'éischt bei Ärem Parlament ze entschëllegen, dass ech krankheitshalber nët der Integralitéit vun dëser Debatt konnt bäiwunnen, besonnesch nët, wat ech bedauert hun, de Rappore vun denen dräi Kollege Lydie Err, Fernand Rau a Charel Goerens. Ech wärd mir dat mat gebuedener Opmierksamkeit no uliesen, ouni awer kënnen dorop ze äntweren, mä déi schréiftlech Rapporen, déi mir virlongen, losse schons erkennen, dass d'Qualitéit vun deem Gesprachenen eng gutt war.

Iwwer d'Wirtschafts- a Währungsunioun huet eigentlech, wann ech vun deem Deel vun den Debatte ka schwätzen, déi ech hei konnt materliewen, nët jidderee geschwat, deen sech zu Wuert gemellt huet, fir iwwert de Vertrag vu Maastricht ze referéieren, aner Aspekter hu méi Opmierksamkeit fond, mä déi, déi sech zu der Wirtschafts- a Währungsunioun geäussert hun, an dat waren der nët wéineg trotzdem, déi hun dat mat enger positiver Grondstëmmung gemaach. An no deem Rapport, deen de Kolleg Rau virgeluegt huet, as et waarscheinlech nët méi de Moment, an d'Erwaardung kann nët déi sin, dass een do nach eng Kéier duerch den Detail trëppelt vun all dene Felder, déi do geplout gi sin, wéi et drëm gaangen as, der Europäescher Gemeinschaft eng Wirtschafts- a Währungsunioun bäizegin, fir se méi komplett ze maachen.

Ech hun an enger Ried vum 5. Dezember 1991, am leschte Jor also, relativ laang, während zwou Stonnen, wa méng Erënnerung richtig as, op all eenzel Aspekter, déi sech an der Wirtschafts- a Währungsunioun stellen, opmierksam gemaach, fäerdeg Froe behandelt, an déi offe Froe genannt, déi nach an dene leschten Deg virun dem Sommet vu Maastricht ze kläre waren, sou dass ech och mengen, dass vu Regierungssäit aus eng Rei vu wichtige Indikatiounen an där Debatt gi goufen.

Et as im übrigen symptomatesch wa mat enger, mech jiddendfalls ëmmer réiernder, ökumenescher Geeschteshaltung sich driwwer beklot gët, d'Regierung hätt schlecht informéiert, einfach nët zur Kenntnis geholl gët, dass hei am Haus laang an öffentlech Debatte stattfond hun, an eigentlech solle mir eis als zwou Institutiounen Parlament a Regierung d'Fro stellen, ob déi Debatten, déi hei gefouert gin, och séier oft am Virfeld vu wichtige och internationalen Décisiounen, ob déi nët an d'Rubrik vun der Informatioun gehéieren, well se dobaussen op esou weínege Echo stoussen. Iwwer näischt as an dene leschten zwee Jor zu Lëtzebuerg méi gesot, hei am Haus an op anere Plazen, a geschriwwen gin, wéi iwwert dee Vertrag vu Maastricht, an dee Virwurf, et wir nët genuch informéiert gin, dee stëmmt ëmmer, dee Virwurf, un déi, déi sech sollen informéiere loosse, dee stëmmt och, dass ee muss nolauschtere fir eppes gewuer ze gin.

Vill Froe sin déi lescht Woche gestallt gin an dene Versammlungen, déi nët nëmmen den Här Asselborn ofgehalen huet, mä och anerer hu Versammlungen ofgehalen, déi si mat enger Akribie sonnergläichen an dene leschten siechzëng, siwenzëng Méint hei am Land behandelt gin, sou dass ech mech un där Lamentatioun iwwert déi mangelhaft Kommunikatiounsbereitschaft vun der Regierung a vun der politescher Parteien iwwerhaapt nët kann uschléissen. Et as méi geschitt, wéi haut wéilt zur Kenntnis geholl gin, jhust as et elo esou, dass elo eréischet nogelauschtert gët.

Déi Wirtschafts- a Währungsunioun huet besonnesch am Mond vun denen, déi méi kritesch der gesamteuropäescher Konstruktioon an hirer Ausrichtung géinteniwwer stin, de Virwurf fond, dass dat eng technesch Konstruktioon wir, dass dat eng europäesch Architektur wir, déi vun Technokraten entworfen gi wir, déi méi ëm d'Zuele géing dréinen, ëm schwirig vermittelbar a verständlech Konzepter, ëm d'Gréissenerdnungen mat denen nët jiddere kënn eppes ufänken, mat Begrëffer, déi friem Begrëffer wieren. Doraus gët dann déi scheinbar logesch Konsequenz gezun, am Schnellschluss und Schuss, dass dat also eng Konstruktioon wir, déi mat de Mënschen näischt ze din hätt, mä dass et eng Konstruktioon vun Technokrate wir, vu Leit, déi wäit vun der Realitéit ewech op Räissbrieder géingen iwwer d'Zukunft vun der Welt befannen, ouni sech mat der Welt selwer ze beschäftegen, oder sech an hir ze bewegen. Ech muss soen, dass alleguer déi Recht haten, déi leichtfüsseg eigentlech deen dach wichtige Saz hei formuléiert hun, dass d'Wirtschafts- a Währungsunioun d'Häerzstück vun deemem Vertrag as. Nu geet et nët duer fir ze soen, ouni widdersprach ze gin, d'Häerzstück vum Vertrag as d'Wirtschafts- an d'Währungsunioun, fir se da séier mat dem Cortège vun all dene Problemer, déi déi Wirtschafts- a Währungsunioun opwerft, erëm ze verloossen.

Richtig bleift a richtig as, dass d'Wirtschafts- a Währungsunioun, un där Europa laang gebastelt huet, wierklech d'Kärstück vun deemem Vertrag vu Maastricht as, an eigentlech och dat Stück as vum Vertrag, wat alleguer déi aner Aspekter, déi an deemem Vertrag nach ugesprach gin am Beräich vun der politescher Unioun, eigentlech eréischet explizéiert, well et d'Währungsunioun as, a si eleng, déi op eng absolut aner Aart a Weis, déi aner Beräicher vum Vertrag zur politescher Beackerung fräi gestallt huet, an déi Chance huet misse genotzt gin, well déi Währungsunioun a sech een Todläufer as, eng Konstruktioon, déi nët aus sech selwer ka liewen, wa se nët dee politeschen Ennerbau kriit, dee se brauch.

Mä déi Wirtschafts- a Währungsunioun, déi mat hir zesammenhängt, dat as nët d'Europa vun de Kapitalisten, dat as nët d'Europa vun den Händler, dat as nët d'Europa vun de Bankieren a vun den Devisenhändler. Och bei der Wirtschafts- a Währungsunioun geet et an der Essenz an an der Substanz ëm déi Mënschen, déi an Europa liewen, an ëm déi Mënschen, déi an Europa schaffen. Et geet ganz konkret ëm d'Liewensbedingungen, déi an der Europäescher Gemeinschaft an och souguer op dem Glacis vun der Europäescher Gemeinschaft am Joer 2000 an an dene Joren duerno wäerte virherrschen.

Een, dee mengt, d'europäesch Wirtschafts- a Währungsunioun wär eng abstrakt Entreprise, déi mam konkrete Mënsch näischt ze din hätt, déi nët ëm de Mënsch besuergt wir, déi nët grad de Mënsch an den Zentrum vun der Konzentratioun a vun der Iwwerleueung stellt, dat as een, deen déi eigentlech Stoussrichtung vun där gewaltiger politescher Entreprise, déi d'Zesumnefüge vun den europäeschen Natiounen zu engem einheitleche Währungsraum betrëfft, an d'Essenz an d'Substanz vun där politescher Entreprise nët verstanen huet.

Mir hun an der Welt haut schon dräi grouss Bléck, wirtschaftlecher a monetärer Natur:

- Dat sin d'Verenegt State vun Amerika, mat dem Dollar an deem Raum, dee vum Dollar ofgedeckt gët;
- mir hun den ostasiateschen, de pazifesche Raum, mat Japan a mam Yen;
- a mir hun d'Europäesch Gemeinschaft, déi déi stäarksten Handelsmacht vun der Welt as, déi déi stäarkste Wirtschaftsmacht vun der Welt as, déi monetär awer op extrem schwache Féiss steet am internationale Concert an an dem Sechmoossen ënnertenee vun de Wärunge vun deser Welt.

Een, dee sech beméit, e Gedankesprong ze maachen an eng Landschaft, déi 10 oder 15 Joer vun eis ewechläit, dee kënn zu kenger anerer Schlussfolgerung a kann zum kengem anere Befund komme wéi deen, dass d'Europäesch Gemeinschaft, déi europäesch Wirtschaft, déi Mënschen, déi an Europa liewen, monetär, politesch, wirtschaftlech an a leschter Konsequenz och sozial friem bestëmmt gin an an 10 oder 15 Joer duerch aner mächtig an aflossräich Wirtschafts- a Währungsbléck an der Welt, soulaang wéi déi Europäesch Gemeinschaft et nët fäerdegbréngt, sech och um monetäre Plang, deen alleguer déi aner conditionnéiert a wou alleguer déi aner Politike leschten Enns zesummelafen, sech déi Aflossméiglecheten ze assuréiere wéi déi, déi mer soss doruechter hun.

Ech ka ganz gutt verstoen, wann een iwwer dat schwätzt, wat an 20 Joer eréischet stattfënt, dass dat nët déi ongedeelten Opmierksamkeit vu jidferengem ka fannen. Dat Kuurzfristeg, déi Wale vu mar de Mueren, si selbstverständlech wesentlech méi interessant. An och den Emgank mat Motiounen, déi een an 10 oder 15 Minuten ze maachen huet, dat passionnéiert déi, déi dobaussen als politesch Klass beschriwwen gin, wesentlech méi, wéi d'Beschäftegung mat deem, wat nach méi wäit ewech as. Mä trotzdem as dat, wat sech haut unhéiert wéi eng indirekt national Frostellung, leschten Enns dat, wat mar eng Fro as, mat direkten nationalen Impakter. An dofir as d'Noutwendegkeet grouss, fir sech permanent domat ausernaneresetzen, aus dem Bléckfeld vun engem klengen Land eraus, wat an der Europäescher Gemeinschaft evoluéiert, wat do séng Plaz huet, séng Plaz all Dag muss nei sichen.

Wa mer also mengen, déi Problemer, déi sech wéi eng grouss Lawin leschten Enns op Europa zoubewege kënnen, doduerch ze konteren, dass mer an enger zersplitterter Währungslandschaft international optrieden, an där 11 Wärunge ënnertenee a mat alleguer denen anere probéieren eens ze gin, dann as dat eng akzeptéiert Faiblesse, déi ech mer nët fir d'Europäesch Gemeinschaft an och nët fir eist Land wënschen.

An dofir plaidéieren ech mat Beharrlechkeet, zënter längerer Zäit eigentlech schon, fir dee monetären Zesummeschloss vun der Europäescher Gemeinschaft, well ech fannen, dass et de monetären Zesummeschloss vun der Europäescher Gemeinschaft as, mat all deem, wat och am Rapport vum Här Rau duergestallt gin as als Konsequenzen, well et dee monetären Zesummeschloss as, dee leschten Enns de Schlëssel bitt, fir och d'Wuelstandsgestaltung vun de Joren 2000 an duerno kënnen a gesécherte Kategorien unzegoen.

Wann ee mengt, déi Währungsunioun hätt nëmme mat Mënschen ze din, déi an deem geographesche Beräich wunnen, deen déi Währungsunioun ofdeckt, da mengt een och eppes, wat nët richtig as, well och déi Mënschen, déi nët op dem geopoliteschen Territoire vun där Währungsunioun liewen, sin op eng séier direkt Aart a Weis betraff duerch d'Potentialitéiten, duerch d'Chancën, duerch nei Aflossméiglechketen, déi sech fir d'Europäer aus där Währungsunioun do ergin.

Et as ganz kloer, dat weist jo och d'Geschicht vum Alldag, dass deen, dee monetär staark as, och séng politesch Gewichtung an dem Weltequilibrium wesentlech kann änneren. Et as ganz kloer, dass dee säin Afloss kann op eng ganz aner Aart a Weis abringen an déi grouss Froen, déi op eisem Planet ze léise sin.

Ech gin iech ee Beispill. Mir sin an der Europäescher Gemeinschaft, wann een alles zesammenhëlt, déi stäarksten Handels- a Wirtschaftsmacht, an trotzdeem as d'Europäesch Gemeinschaft wäit dervun ewech, d'Wirtschaftsgeschehen op der Welt op eng décisiv Aart a Weis kënnen ze kodeterminéieren.

Wann d'amerikanesch Wirtschaft den Houscht huet, wa se méi lues dréint, wann et hinne méi schlecht geet, dann as déi stäarksten Handels- a Wirtschaftsmacht an der Welt halt erstaunlecherweis nach nët staark genuch, fir de Relais down ze huelen, fir da Motor vun der Weltwirtschaft ze sin. Déi Europäesch Gemeinschaft mat all hirer Kraaft, mat all hire Méiglechketen, bréngt et haut nach nët fäerdeg, eng Rezessioun, déi d'Weltwirtschaftskris iwwerfällt - selte geschitt dat iwwer Nuecht - opzefänken, an d'Plaz ze sprangen, wann deen ee Motor ausfällt, dann deen anere Motor unzufänken. Mä et as esou, wann deen amerikanesche Motor ausfällt, dass séier oft och Europa vu rezessiven Tendenzen heemgesicht gët, déi mer dann och zu Lëtzebuerg, wéi d'Aktualitéit iwwerens weist, ganz daitlech ze spire kréien.

Et brauch een also monetär Aflossméiglechketen; et brauch ee monetäert Gewiicht an der...

(Interruptions diverses)

Ech weess nët, wat mech drun hënnert, eigentlech dat ze soen, wat mer am Hals stécht, mä ech fueren dann emol virun!

Ech wëll soen, wann een d'Méiglechketen alleguer wëllt beieneebelen, fir aus där Europäescher Gemeinschaft eng staark Handels- a Wirtschaftsmacht, de Motor vun der Weltwirtschaft ze maachen, da gët et kee Wee laanscht eng europäesch Wirtschafts- a Währungsunioun; an da gët et och kee Wee laanscht dese Vertrag, well dee sech a sech an an all sénge Bestanddeleer erhält an dréit.

A wann ee sech mat de Problemer - eenzelner hun dat jo och hei gemaach - vun der drëtter Welt op eng séier an zu Recht besuert Aart a Weis auseruesetzt, muss ee wëssen, dass och d'Steigerung vun den Aflossméiglechketen vun den Europäer bei dem Hierrichte vun enger méi gerechter Weltwirtschaftsuerdnung selbstverständlech och den obligatoresche Passage iwwer d'europäesch Wirtschafts- a Währungsunioun aus dene genannte Grënn noutwendeg mécht.

An déi, déi mengen, mam Mënsch hätt dat näischt ze din, hun eng schlecht Kenntnis, sou fannen ech, iwwer de realen Zoustand vun der Europäescher Gemeinschaft. Well déi Wirtschafts- a Währungsunioun as jo keng abstrakt Konstruktioun fir sech, niest dem eigentleche Liewen. Dat as jo eng Konstruktioun, déi fir dat eigentlecht Liewe geduecht as. Dat as jo eng Konstruktioun, déi wëllt Afloss huelen op d'Emgestaltung vun der Realitéit.

An déi Realitéit as, dass d'Europäesch Gemeinschaft - an dat dierf een nët vergiessen, an och nët einfach erwähen, fir et dann erëm ze vergiessen - eng staark Wirtschaft as, déi sech duerch en aussergewéinlech héijen Aarbechtslosesaz auszeechent. An déi Wirtschafts- a Währungsunioun, well se d'Verlängerung as, d'Vervollständigungmaachung as vum Bannemaart, dee mer 1985 décidéiert hun, probéiert mat dene Méiglechketen, déi déi vun der Europäescher Gemeinschaft sin, eng Äntwert ze formuléieren, och op déi fundamental Erausforderung vun der Aarbechtslosegkeet, déi nach bleift.

A wann eenzelner sech beängstegt d'Fro gestallt hun, wat mat deem Term „croissance durable“ gemengt as, dann as finalement dat, wat gemengt as, eng beschäftigungsfördernd inflatiounsfräi Wuesstumspolitik ze bedriewen, déi d'Beschäftigung vu méiglechst villen zur Zilsetzung huet. An dat huet se nëmme, wa se „durable“, „sustainable“ as, wa se unhält, wa se nët Schwächeuffäll kritt, wa se nët duerch konjunkturell Nuancen zevill kann a Gefor bruecht gin.

D'Aarbechtslosegkeet an Europa, dat as ee Bild mat ganz ville Faarwen. Mir hun 1,5% Aarbechtslosegkeet zu Lëtzebuerg. Dat geet iwwer 20% Aarbechtslosegkeet an Irland bis op 29,5% Aarbechtslosegkeet an Andalusien. Dat as an engem séiere Saz a mat dräi geographesch nët niewenteneeleiende Segmenter gewisen, wéi sech d'Aarbechtsproblematik an der Europäescher Gemeinschaft duerstellt.

Mir hun 19 Regiounen an der Europäescher Gemeinschaft. Do as d'Aarbechtslosegkeet méi héich wéi 25%. An déi disparat Landschaft as nët nëmme d'Landschaft vun der Aarbecht a vun der Beschäftigung, déi disparat Configuratioun fënt een an alle Beräicher vun sozial relevante Liewen. Et huet een ee Gefäll am Liewensstandard eleng vun den Industrieaarbechter - well sech hei iwwer Sozialdumping zu Recht Gedanke gemaach gi sin - vun 1: 3. Den duerchschnëttlechen industrielle Revenu zu Lëtzebuerg läit exakt dräimol méi héich wéi den duerchschnëttlechen industrielle Revenu a Portugal.

Aus denen Zuelebeispiller, erausgeholl aus der Zalot vu villen Donnëen, déi ee kann op den Dësch leën, wann een déi Thematik do usprécht, gët daitlech - an doriwwer as awer wirklech nët vill an dëser Debatt geschwat gin, och wann et erwähnt gin as - firwat dass esouvill Gewiicht an deem Vertrag op de sozialen an de wirtschaftlechen Zesummenhalt an der Europäescher Gemeinschaft geluegt gin as, op d'Cohésion économique et sociale.

Déi europäesch Wirtschafts- a Währungsunioun bleift onverständlech a gët als Konzept, als Muster vun Zukunftsgestaltung nët korrekt erfaasst, wann ee se nët ergänzt duerch d'Noutwendegkeet vun enger verstärkter wirtschaftlecher a sozialer Cohésion tëschen denen 12 Länner an dene ville Regiounen vun der Europäescher Gemeinschaft.

Et as zu deem Zweck, wou mer haut scho Strukturfragen hun. Et as zu deem Zweck, wou déi Strukturfragen elo finanziell méi muss kreditéiert gin. Et as zu deem Zweck, wou ee Cohésionsfong am Vertrag vu Maastricht geschafe gët. Et as zu deem Zweck, wou dee Cohésionsfong, dee jo awer Umweltprogrammer soll finanzéieren, a grouss Réseauën an Europa soll finanzéieren, och muss eng substantiell finanziell Dotatioun kréien, wann ee wëllt d'Engagement, déi zu Maastricht geholl gi sin, respektéieren.

Dat Gespréich iwwer sozial Ennerscheder an iwwer sozial Faarwen an der Europäescher Gemeinschaft bréngt selbstverständlech och en Niewesaz, dee vläicht méi as wéi en Niewesaz zu der Sozialpolitik an der Europäescher Gemeinschaft.

An do wëll ech emol soen, dass ech hei mat kengem Sträit driwwer ufänken, dee mech korrekt oder nët korrekt als ee skeptesche Mënsch am Beräich vun der europäescher Sozialpolitik zitëiert. Ech gehéieren effektiv heimeen an och soss zu de Skeptiker an där Fro, Skeptiker an deem Sënn, dass ech fannen, dass de Vertrag vu Maastricht -

an d'Lëtzebuurger Regierung seet do iwwregens näischt anescht wéi hiren Aarbechtsminister - keng adequat Äntwert op d'sozial Erausfuerderung liwwert. Dat mécht dee Vertrag vu Maastricht net.

Aus der Enttäuschung, dass mer do nëmmen zu enger Konstruktioun zu 11 fäeg waren, an aus dem Bedauern, dass ee grousst Land vun der Europäescher Gemeinschaft sech einfach esou aus engem Gronduleies vun der Politik verabschied huet, an dass déi 11 aner dat net grad einfach esou zougelooss hun, also aus der Enttäuschung iwwer all déi Missbildungen, déi architektoneschen Feelgrëffer do, därer een awer net d'Konklusioun zéien, Europa an d'Europäesch Gemeinschaft, sou wéi se haut as, sou wéi se mar wäerd sin, dat géif eng zoubëtonnéiert sozial Wüste gin.

An doraus därer een och net d'Konklusioun zéien, et wir am Laf vun der Geschicht ageschriwwen, dass de Sozialdumping, deen ech als Risiko duerchaus gesinn, sech och effektiv tendentiell an am konkreten, alldeeglech Spierbaren géif, ouni opgehale ze gin, duerchsetzen.

Onofhängeg dervun, dass mer an deem Parlament als Regierung zënter 1986 ee konstanten, kontinuierlechen Discours iwwer d'europäesch Sozialpolitik féieren, déi net ëmmer d'Opmierksamkeet vum Haus fond huët an deem Mooss, wéi dat déi lescht Méint an déi lescht 2 Joer eigentlech de Fall as; onofhängeg dervun, dass mer do, wou mer an Europa d'Verantwortung ze droen haten, mat ganz vill Effort leschten Enns probéiert hun, dat ze maachen, wat machbar war, as et esou, dass een, dee fënt zu enger Gestaltung vun enger Gesellschaft, och wann et eng as, déi déi national Grenzen dépasséiert, géif gehéieren, dass een och fir d'Atmosphär vun deem ze miwweléeierende Raum zouständeg wir, géif gehéieren, dass een deen dann och sozial gestalt; onofhängeg vun all deem muss ee soen, dass zu Maastricht trotzdem Fortschrëtter an der Sozialpolitik erziilt gi sin, net déi, déi ech fir noutwendeg fannen, net déi, déi ech mer virstelle kann, mä awer Fortschrëtter.

Den Acte unique, deen ënner lëtzebuergescher Presidentschaft ausgehandelt gin as, huet scho wesentlech Fortschrëtter am Beräich vun der Aarbecht, vun der Sécherheet, vun der Gesondheet vun deschaaffende Leit bruecht. A Maastricht geet op deem Wee, doduerch dass et verdéift gët, an Deelaspekter virun, well och an Zukunft d'Aarbechtskonditiounen kënne mat qualifizierter Majoritéit vum Ministerrot décidéiert gin.

Dat war zum Beispill eng Positioun, déi 1985 beim Acte unique nach net duerchgesetzt war, dass iwwer Aarbechtskonditiounen kënnt am Ministerrot mat „majorité qualifiée“ décidéiert gin.

Jidferree mécht sech Illusiounen iwwer déi méiglech Intensitéit vun der europäescher Sozialpolitik, dee sech virstellt, et géif duergoen an ee Vertrag ze schreiwen, elo maache mer eppes, fir dass eppes geschitt.

Et gët an dëser Debatt, wéi a villen aneren Debatten iwwer d'Europäesch Gemeinschaft, esou geschwat a raisonnéiert, wéi wann dat ee Gebilde wir, wat sech net géif aus Leit zesummesetzen an den décisionnelle Gremien, an domat och an den décisive Stonnen, déi hir Nationalitéiten hun, déi hir Iwwerzegungen hun, déi hir Sensibilitäten hun an déi hir Nuancen hun.

Ech wënsche jidferengem d'Chance, dee sech emol gären en Iwwerbléck doriwwer verschafft - déi Méiglechkeet maache sech jo op - fir emol un esou enger Ministerrootssitzung vun den Aarbechtsministere beispillsweis deelzehuelen, wou een dänesche Liberalen zesummesetzt mat engem englesche Konservativen, deen do mat engem griechesche Krëschtendemokrat a mat engem spuenesche Sozialist, deen aus enger bestëmmter Regioun vu Spuenien kënnt, a mat engem ireschen Aarbechtsminister, deen aus enger irescher nationalistescher Partei kënnt, diskutéiert iwwer d'Gestaltung vun der europäescher Aarbechtszäit beispillsweis.

Fir einfach an Europa alles direkt als een Echec ze verkafen, wat net „dans l'immédiat“, direkt nodeem d'Kommissioun eng an der

Regelschlecht Proposition gemaach huet, zu engem Accord féiert, dat as eppes, wat ech net esou gäre géif onwiddersprach gëlle loosse. Dat bleift eng gewaltig Entreprise, fir all Kéier erëm déi Leit, déi Sensibilitäten, déi Virstellungskräfte, déi do openeen zoulafen, an eng gemeinsam Politik eranzeféieren.

An och déi, déi de Gesamtvertrag - an dat as zu Lëtzebuerg iwwregens méi geschitt wéi egal wou soss - sou einfach dohinnerstelle wéi eppes, wat jo souwisou näischt wir, wou kee Mënsch eppes dervu géif verstoen, wat indigeste wir, wou déi, déi en ausgehandelt hätten, selwer emol net wéissten, wat et wir, iwwer denen hire methodologeschen a grondphilosopheschen Aplomb hun ech ni opgehale mech ze wonneren, wann ee sech bedenkt, fir eng Politik ze entwerfen an an ee Vertragstext ze schreiwen, dee vun 12 Natiounen gedroë gët, soufern wéi een d'Droën duerch Regierungen nach ka mam Droen duerch Natiounen gläichsetzen. Dat as eng Remarque, déi ech och mat allen Nuancé wëll verbannen.

Mä fir 12 Länner, mat 12 verschiddearteneg zesummegehaltene Regierungen, déi ganz ënnerschiddlech Interesse verrieden, déi ganz ënnerschiddlech Iwwerzegungen hun, op ee Vertrag fir d'Joer 2030 festzeleeën, quitte dass eng Etapp fir d'Joer 1996 ageschriwwen gët, fir dat fäerdegzebréngen, dat as net déi allerlescht politesche Leeschtung, déi an deem Joerhonnert op deem Kontinent fäerdegbruecht gin as. Ech vergläiche se duerchaus mat de Grëndervertrag vun der Europäescher Gemeinschaft. D'Schwierigkeete waren identesch grouss des Kéier wéi déi Kéiere virdrun.

Dat heescht, mir heiheim plaidéiere jo sou gäre fir d'Subsidiaritéit an allem, ouni awer och heiheim eng Doktrin iwwer d'Subsidiaritéit ze hun. Well et geet jo net duer, dass vun der CSV gesot gët, dat wir e Prinzip aus der kathoulescher Sozialléier, fir dass een dat scho kënnt mat enger Doktrin gläichsetzen, well déi däitsch Chrëschtendemokrate liesen d'Subsidiaritéitsklausel fundamental anescht beispillsweis wéi déi lëtzebuergesche Chrëschtlech-sozial. Wann ech géif unhuelen, déi lëtzebuergesche Chrëschtlech-sozial géife se esou liesen, wéi hire Partipresident sech abilt, dass ee se misst liesen, och doriwwer sin ech lernfäeg, zur Kenntnis ze huelen, wéi dat evolutiivt Denken...

(Interruption)

Jo, Här Margue, wéi Dir geschwat hut, hun ech mech och gefrot: Muss dat do alles sin? Dat as eben esou, wann een engem muss nolauschten!

(Interruptions diverses)

Wann een also gesäit, wat do alles muss zesummegefouert gin, och an der Sozialpolitik, da bleift dat selbstverständlech eng Matière, déi schwirig ze gestalten as, mä wou een awer net därer verzweifelen.

Ech hun ëmmer gesot, dass een och d'Sozialpolitik muss an hirer Integralitéit begräifen. Dat as net nëmmen Aarbechtsrecht. Sozialpolitik fënt all Kéier da statt, wann ee probéiert, iwwer den Emwee vun anere Politiken, Liewensberäicher esou ze gestalten, dass dat zu enger Besserstellung vun dene sech doranner bewegend Mënsche féiert.

Richtig bleift, dass vun 8.000 Direktiven, déi d'Europäesch Gemeinschaft bis haut ugeholl huet - dat fänkt net eréischt no Maastricht un - nëmmen 2% soziale Charakter hun. Mä richtig bleift awer och, dass onendlech vill aner Direktiven d'Sozialverhältnissen an Europa fundamental changéiert hun, ouni dass se d'Connotation vun der sozialer Direktiv haten. Op deem Wee mussen mer virufueren, a wann déi Wirtschafts- a Währungsunioun hir voll Dynamik entfaalt, wa se voll en place as, da kënnt déi Sozialunioun och no, well et gët an der Geschicht kee Beispill, wou eng monetär Konstruktioun gelonge wir, déi net déi sozialpolitesche Ergänzung kritt hätt, déi se gebraucht huet, fir net vun enger Implosioun zerfetzt ze gin.

D'Fro, firwat dass d'Wirtschafts- a Währungsunioun fir Lëtzebuerg eng unabdingbar wichteg, och un eis selwer ze riichtend Forderung

as, déi as vum Rapporteur korrekt beäntwert gin, andeem op déi direkt Avantagé vum der Währungsunion opmiirksam gemaach gin as, déi jidfereen aus der Währungsunion zitt, domat och Lëtzebuerg.

Dass mer kee Geld méi brauchen ze tauschen als Biirger vum engem Land, dat as nu wirklech am Sënn vum Europa vum de Biirger vläicht dee spektakulärste Virdeel, mä awer dee fundamental onwichtigsten Virdeel, deen een doraus kann zéien.

Dass mer Transaktiounskäschte spueren - 3 Milliarden d'Joer gin eis Betriber fir Transaktiounskäschten zu Lëtzebuerg aus - dat mécht 1% vum Bruttoinlandprodukt aus.

Dass eng kleng Economie, déi vill exportéiert a vill importéiert, de Währungsrisiko verléiert, an nët méi duerch den Ofwärtungsrisiko vu séngen direkten Noperen, déi séng direkt Handelspartner sin, kommerziell erpressbar as, mä a séchere Wettbewerbsbedingunge kann an denen nächste Joren, wann déi Währungsunion steet, an hirer Endphas evoluéieren, dat sin alles esouvill Argumenter, géint déi all aner Argumenter, déi ee géint dësen Traité ka verwenden, eigentlech der sin, déi sech ganz kleng a mickreg géint déi dach grouss Avantagen, déi mer aus egener Kraaft nët hätte kënnen erbäiféieren, ugesinn, déi an der Währungsunion leien.

A fir dëst klengt Land, wëll ech soen - ouni dass ech dat verdéiwen, well dat Interpretatioune fënt, déi nët korrekt wieren an déi zu riskante Konsequenze kënnen féieren - as et och avantagéis, wëschenswäert, begrëssenswäert, dass mer aus där Situatioun erauskommen, wou mer ee klenge Währungspartner an enger belsch-lëtzebuergescher Wirtschafts- a Währungsunion sin. Déi Währungsunion huet eisem Land grouss Avantagé bruecht. Déi Währungsunion huet awer och virun 10 Joer gewisen, wéi grouss eist Matsproocherecht an eis Aflossméiglechkeet as. Déi waren a sin null; si si manner null, wéi se deemools waren. A mir brauchen eis keng Suergen ze maachen iwver déi zukünfteg Ausriichtung vum der belscher Politik. Mir gin nët méi responsabel gemaach, doduerch dass mer géife sanktionnéiert gin duerch eng Devaluatioun fir d'Verierunge vum der belscher Politik oder fir d'Missbildung vum der belscher Wirtschaft.

Aus engem monetären Noper, aus engem, deen et nët gët, gët Lëtzebuerg an engem graduelle Prozess lues a lues ee vum 12 Copropriétaire vum där stäärkster Währung vum der Welt. Dat as ee gewaltege Sprong, nët nëmmen an der Währungsgeschicht vum eisem Land. Mir sin dat eenzegt Land, dat bei dësem Vertrag op engem fundamentalen Attribut vu Staatlechkeet, nämlech op deem vum Geld, Souveränitéit bäikritt, während déi aner 11 Länner eigentlech un Autonomie abëssen an d'Souveränitéit, déi se bis haut ongedeelt exercéieren, mussen zu 12 delen.

Mir si gewinnt ze delen, ouni eppes ze soen ze hun an der Währung. An Zukunft gët d'Souveränitéit gedeelt a mir hu méi Aflossméiglechketen, souwuel op eisem Kontinent, wéi wat d'Auswährung ubelaangt, och iwver d'Grenze vum der Europäescher Gemeinschaft eraus, wéi jemools virdrun.

Alles dat schéngt mir begrëssenswäert Zoustänn vum der Zukunft ze sin.

Ech hu gesot, „copropriétaire“ vum där stäärkster Währung vum der Welt. Dat heescht, dass déi Währungsunion sech muss auszechnen duerch eng monetär Stabilitéit, duerch d'Präisstabilitéit, duerch en inflatiounsfreit Wuesstëm, dass déi Stabilitéit muss doduerch assuréiert gin, dass een eng onofhängeg Zentralbank un der Spëtzt vum där Konstruktioon stoen huet. Stabil muss déi Währung sin, well soss déi europäesch Währung hir fundamental Stoussrichtung no bannen, an hir méiglech Ausseentfalungsméiglechketen nët ka voll ausspillen, zum egenen Notzen an zum Notze vu ville Milliounen anere Mënschen op der Welt.

Et därf ebe keng Esperanto-Währung gin; et ka keng Tutti frutti-Währung gin, wou alles géif an een Dëppe gehäit gin. De

Konstruktionsplang vum der europäescher Wirtschafts- a Währungsunion gesäit jo nët vir, dass jidfereen därf matmaachen, mä dass ee streng Kritäre muss erfüllen, fir an déi Währungsunion kënnen eranzekommen. An do hun déi hei genannte wëschenswäert Kritären, wéi den Zoustand vum der Emwelt oder wéi d'Aarbechtsmaartsituatioun, keng Bedeitung. Si hu keng Bedeitung, wann et drëm geet, de Katalog vu Kritäre festzeleën, fir an eng Währungsunion eranzekommen. Déi hun hir iwwegëuerdnet Bedeitung an hir zilorientéiert Bedeitung selbstverständlech, mä et sin déi Kritären do, déi ee muss respektéieren, fir dass aus där Währung eng stabil an eng staark Währung gët. Dat anert sin Ziler vum der Politik, déi eng verstärkte Währung an eng gestärkten Europäesch Gemeinschaft soll besser kënnen an d'Hand huelen, wéi se dat haut gemaach huet.

Ech schreiw mech also nët als Géigner a vum dene genannte politeschen Ziler, mä ech soen, dat as eng vum de méiglechen Auswirkunge vum enger korrekt ugepaakter europäescher Wirtschafts- a Währungsunion. Et ka keng Virausbedingung sin.

Als Virausbedingung vum der europäescher Wirtschafts- a Währungsunion gët oft d'Konvergenz genannt; a séier zu Recht gët d'Konvergenz als eng Exigenz dohinnergestallt, ouni déi d'Währungsunion nët un d'Lafe ka kommen.

Ech gehéieren zu denen, déi hir Menung delen, dass d'Konvergenz ebe keng Virbedingung vum der europäescher Währungsunion as. Mä d'Divergenz as jidferfalls d'Certitude, dass déi Währungsunion nët zustane ka kommen. Mir mussen et fäerdegbréngen, déi Währungs- a Wirtschaftsunion esou ze gestalten, dass mer elo, andeem mer gëschter ugefaangen hun, déi europäesch Economien ëmmer méi esou gestalten, dass déi, déi staark sin, staark bleiwen a méi staark gin, an dass déi, déi schwaach sin, ophale schwaach ze sin an déi Stäärkungselementer kréien, déi se brauchen, fir eben hirer Economie esouvill Kraaft ze gin, dass hir Währung esouvill Reflet an der Welt an an Europä huet, fir dass se mat vollem Gewicht kann an déi europäesch Währungsunion abruecht gin.

D'Konvergenz as eng Exigenz, mä as keng Viraussetzung. Doduerch dass déi Währungsunion kënt, an doduerch dass se 1999 kënt fir déi Länner, déi d'Konditiounen erfüllen, révéliert d'Währungsunion selwer sech als eng formidabel Konvergenzmaschin, hält also op, eng Virbedingung ze sin, gët eng Konsequenz an eng Virbedingung an enger egener Mëschung.

Selbstverständlech as déi Währungsunion näischt, wat Lëtzebuerg vum Standpunkt vum de Contrainten, déi op d'Land géifen duerkommen, onberéiert géif loossen. Lëtzebuerg as eent vum denen dräi Länner an der Europäescher Gemeinschaft, déi haut déi véier zrëckbehale Kritären erfüllen. A Lëtzebuerg muss eent vum dene Länner bleiwen, déi sämtlech Kritären erfüllen.

Doraus découliéieren Exigenzen ëm d'Gestaltung vum eiser zukünfteger Finanzpolitik; doraus découliert d'Noutwendegkeet, dass mer dee Kurs, dee mer an der öffentlecher Finanzpolitik gesteiert hun, zumindest musse bäibehalen; an doraus découliert d'Noutwendegkeet, all Dérapagen, déi an der Zukunft kënnen laueren, a 5, 10 oder 15 Joer, strukturell doduerch ze limitéieren, dass een haut déi Reforme mécht, déi ee muss hun, fir dass et nët zur Explosioun vum dene Geforenelementer, déi an eenzelne vum eise Laangzäitgesetzgebunge stiechen, ka kommen.

Op deem Wee hëllefen eis déi multilateral Iwwerwaachungsmechanismen, déi d'Europäesch Gemeinschaft laut Vertrag elo en place wäerd setzen. An dozou wäerd och d'Lëtzeburger Regierung probéieren eng adequat Äntwert an engem Konvergenzprogramm ze formuléieren, well ech um Standpunkt stin, dass et nët duergeet, dass déi Länner, déi d'Konditiounen haut nach nët erfüllen, hir Konvergenzbeméiungen an engem Plang dokumentéieren, dee vum denen anere State muss ugeholl gin.

Och déi Länner, déi d'Konditiounen haut schon erfëllen, si gehalen, an denen nächsten 2 Joer ee Konvergenzprogramm virzeleën, dee weist, dass déi Länner och fäeg bleiwen, déi gutt Performancen, déi se de Moment hun, och kënnen an d'Zukunft ze retten.

Ech wëll mech an dëser Debatt, Madame Presidentin, nët op deem Terrain aloossen, deen dee vun der Polemik a vun dene méi séier geschwatene Sätz war, mä ech hun trotzdeem d'Bemierkung ze maachen, dass ech de Virwurf, d'Regierung hätt dee Vertrag hei schlecht négociéiert, nët kann integral onwiddersprach loosse, well och an der Währungsunion jo awer fundamental wichteg Froë fir eist Land ze traitéiere waren, woubäi déi nët onwesentlechste déi war, dass een huet musse sécherstellen - dat war nët esou schwéier - dass d'Wirtschaftspolitik eng national Politik géif bleiwen, déi sech an engem europäesche Koordinatensystem ze bewegen hätt, mä dee fundamental national gestalt géif gin.

Dat hätt am Detail da séng Wichtigkeet, well ganz vill Regirunge probéiert hun, an de Vertrag ze schreiwen, kee Land diirft nach eng automatesch Indexupassung vun de Léin a Gehälter hun.

Et war d'lëtzebuergesch Regierung, déi sech beharrlech geweigert huet, een Indexverbot an de Vertrag ze schreiwen, mä déi fond huet, d'Zilsetzung misste stëmmen. D'Weër, wéi d'Nationalstaten dohinnerkommen, déi sollen national gestaltbar bleiwen.

Ech weisst gären, wéi mer haut hei ëmfaange géife gi mat engem Vertrag, wou géif drastoen, d'Indexéierung vun de Léin a Gehälter zu Lëtzebuerg wir verbueden. Wann een natierlech fënt, dass d'Indexéierung vun de Léin a Gehälter keng wichteg Fro as, kann ee soen, d'Regierung hätt schlecht verhandelt. Wann een awer der Meinung as, dass dat eng wichteg Fro as - där Meinung as jo nët jidferen hei am Haus - an dat as aus dem Vertrag ausgeschloss gin, da muss ee soen, dass op deem Punkt d'Regierung propper verhandelt huet.

Wie mengt, et wir evident, dass Lëtzebuerg och dann an d'europäesche Wirtschafts- a Währungsunion-drëtt Etapp antrëtt, wann eise belsche Partner - Hypothese, déi ech écartéieren, mä déi een awer als theoretische Modell muss dohinnerstellen - nët géif an déi europäesche Währungsunion-drëtt Etapp aklammen, deen iert sech, well Lëtzebuerg als egestännege Währungspartner gët jo haut a kengem Katalog iwwer monetär Politik gefouert. Et war guer nët esou evident sécherzestellen, dass Lëtzebuerg eleng kënnit an déi drëtt Etapp eragoen. Dat war schwiereg, dem belsche Partner dat ze erklären; et war och nët einfach, denen nët-belsche Partner an der Europäescher Gemeinschaft dat ze erklären.

De Vertrag gesäit elo vir, dass iwwer all eenzelt Land eenzel ofgestëmmt gët, ob et an d'Währungsunion kënnit. Lëtzebuerg muss sech jo eng voll Autonomie eréischt gin iwwer de Vertrag, duerno duerch d'Gesetz, fir iwwerhaupt kënnen dee Wee eleng iwwer d'Bréck ze goen. Et as och dofir, wou de Vertrag virgesäit, dass den Institut monétaire luxembourgeois d'Zentralbank vu Lëtzebuerg wäerd sin, ier mer an déi drëtt Etapp vun der Währungsunion antrieden.

Ech weess nët, wéi mir hei ëmfaang gi wieren, wa mir de Prinzip vun der Unanimitéit an der Fiskaliteit nët duerchgesat hätten. Et as bis déi zweetlescht Minutt zu Maastricht awer mat ganz vill Kënnen a beharrlechum Buere vu ville probéiert gin, fir d'Fiskaliteit och an d'Rubrik vun dene Politiken ze bréngen, déi mat Majoritéit qualifizéiert kënnit decidéiert gin. Wann een dat nët fir Lëtzebuerg wichteg fënt, ech fannen, dass d'Wichtigkeet dovun iwwerdriwwer gët, mä wann een dat nët fir wichteg fënt, da fënt een nët, dass d'Regierung do eng gutt Verhandlung gefouert huet. Wann een derbei war, huet een d'Schwierigkeet vun dene Gespréicher a gudder Erënnerung.

Iwwer Mindestreserve wëll ech hei näischt soen, well keen déi Fro gestallt huet, mä d'Banquierë betruuchten se mat ganz vill Onrou. Och de Vertrag gesäit contrairement zu séngem éischten Entworf nët vir, dass obligatoresch Mindestreserven onbedingt musse kommen. Et as eng Fakultéit, déi de Vertrag opmécht, an ob se

remunéiert gin oder nët, as och nët ofschléissend am Vertrag gekläert, mä bleift der derivéierter Politik iwwerlooss.

Wann ech also de Bilan maache vun engem ze séieren an dofir och iwwerflächleche Survol iwwer dat, wat europäesche Wirtschafts- a Währungsunion as, wéi se geduecht as, wat fir Zilsetzungen, dass se huet, wat dat fir eis heescht, wat d'Méiglechkeet fir Europa gin no bannen, an d'Méiglechkeeten an der Welt, dann hun ech déi wichtigsten Zilsetzung vum der europäescher Wirtschafts- a Währungsunion eigentlech nët erwähnt.

Et as an Zesammenhank mat der politescher Union esou vill iwwer de Fridden an Europa geschwat gin, an deen as dohinner gestallt gin, als déi grouss politesch Dot vun deem Vertrag. Een, deen d'Saache kennt, een deen d'Richtungen aus denen d'Politik sech zesummesetzt, richtig spiert, dee weess, dass et grad am Beräich vum Geld war, grad am Beräich vun der Währung as, wou sech déi Sécherstellung do op déi androcksvollsten Aart a Weis hierstelle gelooss huet.

Déi Zentralfro op eisem Kontinent, dat bleift nach ëmmer, och wa mir dat vergiess hun, an och wa mir all Owend d'Televisioun kucken, wou mir et eigentlech an Erënnerung misste geruff kréien, déi Zentralfro op eisem Kontinent, déi bleift nach ëmmer d'Fro no Krich a Fridden.

Déi Fro no Krich a Fridden, dat bleift nach ëmmer eng däitsch Fro, vun Däitschland geet keng Bedroung haut aus, mä wien d'Geschicht vun eise Géigenden an eise Landschaften gutt kennt, dee weess, dass déi Zentralfro vum Kontinent ëmmer d'Fro vu Krich a Fridden, an op eng séier direkt, fir eis oft schmärzlech spierbar Aart a Weis d'Fro no Däitschland an no sénge Bewegungen op eisem Kontinent war.

Déi Méiglechkeet ze hun, zwee Jor nodeem eise Kontinent ugefaangen huet sech ze bliederen, säi Gesiicht total ze änneren, opgehale huet eng bipolar Machtstruktur ze sin oder ënnert hir ze leiden, an ee multipolare Regim iwwergewieselt as, mat engem Multiplikation vu Geforenzonen a vu Krisenherder, an deem Moment, relativ séier, no zwee Jor et fäerdegzebréngen, ënnert anerem och a grad déi däitsch Währung anzebannen an eng europäesche Währungsunion, an domat dat Netz vun Interdependenzen an Intersolidaritéiten, dat mir haut schon an der Europäescher Gemeinschaft hun, duerch dat monetäert Element ze verstärken, an domat all Ausernanersetzung krigerischer Natur no bannen absolut onméiglech ze maachen, well einfach d'Viraussetzungen zerschloen gin, fir nach esou eng Ausernanersetzung ze féieren, dat bleift fir mech ee politesch Wonner, un dat ech nët gegleeft hu virun dräi oder véier Jor.

Ouni déi Changementer an Osteuropa wir iwwerengs déi Währungsunion nët zoustane komm. Ouni déi Changementer an Osteuropa wir et keng Währungsunion gin, an ouni déi Währungsunion wär nët d'Noutwendegkeet vun enger sech deeglech verstärkender politescher Union, och op eisem Kontinent, gin. An dofir géif ech wierklech soen, dass dat d'Passioun vu méngem Liewen leschten Enns as, déi Währungsunion do zesummebruecht ze hu mat villen aneren, an nët op determinanter Stell, an eng politesch Konstruktioun déi hält, nët nëmme fir haut, mä och fir déi Zäit déi kënnit, déi eng Äntwert bitt op kruzial Froen vum eiser Zäit, déi identesch si mat de schlëmme Froen, déi eis aus der Vergaangenheet, mat haut nach spierbare Konsequenzen, erwuess sin.

Haut as Däitschland nach d'accord, sech, säi monetäert Gewicht, séng wirtschaftlech Kraaft an eng europäesche Logik anzébréngen. 1954 wéi d'europäesche Verteidigungsgemeinschaft gescheitert as, huet de Konrad Adenauer an enger historescher Ried, déi wéi all historesche Ried séier vergiess war, gesot, wann dat muer schif geet an der Assemblée nationale, da musse mir nach eng Kéier 25 Jor waarden, ier mir zu engem groussen Fortschritt an der europäescher Politik kommen. Et huet jo méi, wéi 25 Jor gedauert. Wa mir vun haut kucken, a 25 Jor, da gët et keen däitsche Bundeskanzler méi,

a mat Sécherheet keen däitsche Finanzminister méi, da gët et iwverhaapt keng däitsch Politiker méi, déi nach eng Kéier bereet sin, fir och nëmmen driwwer ze diskutéieren, déi däitsch Mark an eng europäesch Währungsunioun anzubréngen. Well an der däitscher Politik, bei de Politiker vu ménger Generatioun geet haut schons d'Gespieler staark verluer derfir, dass d'Europäesch Gemeinschaft op de Ruine vum Krich opgeriicht gin as. Dat Gefill as haut schon amgang auszestierwen, an an 20 Jor si keng däitsch Politiker méi do, déi nach Häerz genuch hun, well se Erfahrung genuch hun aus där Zäit, fir déi europäesch Währungsunioun, an domat déi europäesch politesch Unioun, an domat den Engrage vun Däitschland a vun anere Länner an enger europäescher Logik ze maachen.

Dofir muss ee wëssen, dass dat hei - ech soen dat esou, dat kléngt pathetesch, dat muss nët jiddereen esou huelen, deem dat nët esou schmaacht - déi leschte Chance as, fir een décisive Schrëtt zu enger endgültiger Friddensofsécherung op eisem Kontinent ze maachen, an ech begräifen d'Politik, leschten Enns och d'Politik an engem klengen Land an hirem nobelsten Deel als déi Aufgab, déi dora besteet, alles ze maachen, fir dass de Fridden an eiser Géigend an doriwwer eraus erhale bleibt, an impressionnant bleibt, fir deen dee reest a fir deen, deen doheem as.

Dass dach un d'Paart vun der Europäescher Gemeinschaft d'Hoffnung vun esou vill Milliounen Leit klappt, déi iwverhaapt nët géife verstoen, wat déi Ängschtlechkeet soll, déi mir hei hun, déi d'Ängscht vum Alldag mat der Hoffnung bekämpfen, dass déi Utopie un déi se glewen eng Kéier och hir Realitéit gët, fir déi eigentlech d'Utopie déi eenzeg Realitéit as, déi hinnen nach erlaabt ze liewen. Dofir solle mir op dat stolz sin, wat mir zesumme fäerdegbruecht hun an deem Europa, et as jo nët eng Maschin, déi een op de Wee stellt, an déi da leeft, et as jo eng Planz un där een all Dag muss schaffen, mat där een zäertlech muss schwätzen, fir dass se wüsst, dofir solle mir dach nët op déi ege Vergaangenheet dauernd kucken, wéi wann dat déi gréisste Faillite wir, déi déi europäesch Politik jemools opweises gehat hätt. Et as an et bleibt ee Wonner, an et as an et bleibt eng Réussite.

Ech gehéieren nët zu denen, déi an der Vergaangenheet, denken ech, doduerch besonnesch opgefall wiren, dass se esou Eurofanatiker gewiescht wiren, ech hu ganz oft zu dene gehéiert, déi dem méi eurospektesch orientéierten Deel vum politesche Spektrum zougerechent gi sin, mä nodeem wat op eisem Kontinent déi lescht Jore passéiert as, hun ech mech awer zu engem radikalen Europäer gewandelt, nët een, deemengt, dee Vertrag hei, dee géif all d'Problemer vun Europa léisen, dat mécht en nët, an déi Schönrederei, déi dee Vertrag oft entouréiert, dat as eng, déi ech fir pedagogesch séier ongeschéckt halen.

Ech gehéieren nët zu denen, déi mengen, dese Vertrag géif all d'Problemer vun eisem Land léisen. Et komme vill a grouss Problemer op eist Land zou, och Problemer, déi deelweis duerch dese Vertrag op eist Land zoukommen. Déi Problemer sin alleguer léisbar an Zesummenaarbecht mat denen, déi ronderëm eis wunnen, mä wa mir dese Vertrag nët stëmmen, dann as kee vun dene grouss Problemer vun eisem Land iwverhaapt nach ze léisen.

Ech soe merci.

Mme la Présidente.- Parole après ministre m'a été demandée par MM. Weber, Bausch et Hoffmann.

M. Weber, vous avez la parole.

M. Jup Weber (GLEI).- Madame President, dir Dammen an dir Hären. Déi Gréng, déi sin an deser Debatt dohi gestallt gin, wéi wa se anti-europäesch wiren, wéi wa se irresponsabel wiren, an dee leschten, deen an dee Krack geschloen huet, dat war den Här Poos.

Den Här Poos huet a sénger virgefäerdegter franséischer Ried vun de „verts politiques“ geschwat, wat och ënner dat wéllt heeschen, déi géint d'Ratifikatioun vum Traité géinge stëmmen, obschon de Système pollueur-payeur am Artikel 130R festgehale

wir, an obscho Verbesserungen am Traité wiren, well de Vote unanime mat dräi Ausnamen, wéi en sech ausgedréckt huet, ofgeschafft géing gin.

Erlaab mir dofir, Mme President, dass ech op déi dräi Ausnamen agin, well dat grad dräi Ausname si vu substantieller Natur. Wann Dir eis Interventioun verfollegt hut, Här Poos, dann hut Dir och erausfond, dass mir grad hei eis Haaptkriticken ubruecht hun, a wann Dir schons ënnerscheid téschent de „verts politiques“ an de „verts apolitiques“, oder wéi Dir se ëmmer wéllt nennen, ech huelen un, dass Dir wéllt den Ennerscheid maachen téschent dene Leit déi kandidéiere fir an d'Parlament a fir an d'Gemengeréit, an dene Leit, déi an den Emweltschutzorganisatiounen schaffen, da muss ech lech soen, mir hun hei Kriticken, déi déi Emweltschutzorganisatiounen gemaach haten, déi déi Emweltschutzorganisatiounen mat op Bréssel gin hun, an zwar iwwer de Bureau européen de l'Environnement. Genau déi Kriticken, déi hu mir hei nach eng Kéier ervirbruecht, a mir hu bedauert, dass d'Kriticke vun denen Emweltschutzorganisatiounen, déi Dir waarscheinlech als apolitesch bezeechent, dass grad déi nët berücksichtegt gi sin, wéi deen Traité ausgehandelt gin as.

Loosst mech awer elo op déi dräi Ausnamen ze schwätze kommen, wou d'Unanimitéit nach ëmmer gëlt. Ech zitieren den Artikel 130S, deen den Här Poos nët zitiiert huet: „Par dérogation à la procédure de décision prévue au paragraphe 1, le Conseil, statuant à l'unanimité sur proposition de la Commission, après consultation du Parlement européen et du Comité économique et social, arrête des dispositions essentiellement de nature fiscale.“ Dat as grad eis Haaptkritik.

De Problem, deen hei besteet, as deen, dass verschidden Industrielänner absolut nët dermat d'accord sin, fir eng Energie- an CO₂-Steier anzeféieren.

(Interruptions)

Dat as dee grouss Problem, an et as jo nët fir näischt, dass den Här di Meana d'Knéppel bei d'Tromm gehät huet, well e mat sénger Iddi nët duerchkënn.

M. Jacques Santer, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Gott sei Dank, soen ech.

M. Jup Weber (GLEI).- Do gesäit ee genau, Här Santer, a wat fir engem Zäitgeescht, dass Dir lieft.

M. Jacques Santer, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Hei as d'Fiskaliteit verbonne mat der Fiskaliteit fir d'Finanzplaz. Do muss een den Zesummenhank gesinn. Sid Dir géint d'Finanzplaz Lëtzebuerg? Sot dat emol klor.

M. Jup Weber (GLEI).- Ech sin absolut nët géint d'Finanzplaz Lëtzebuerg, mä spéitestens no Rio as klor gin, dass ee vun den Haaptémweltproblemer den Zäreneffekt as. D'CO₂-Emissiounen, déi si klor mat der Energieproduktioun verbonnen. A wann Dir keng CO₂- oder Energiesteier aféiert an der Europäescher Gemeinschaft, da maache mir ni eng Emweltpolitik. Den Här di Meana hat dat klor erkannt. Dir wosst och nët dat op Rio verteidege goen.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Mme la Présidente.- M. Krecké, n'interrompez pas. M. Weber a la parole.

Je vous signale que le temps d'ensemble pour le groupe des non-inscrits est de quinze minutes.

M. Jup Weber (GLEI).- Mme President. Fir op dem Här Krecké séng Interventioun zréckzekommen, kommen ech op den Artikel 130S, drëtten Tref zréck, wou steet, dass eng Unanimitéit verlaangt as „pour les mesures affectant sensiblement le choix d'un Etat membre entre différentes sources d'énergie et la structure générale de son approvisionnement énergétique“. Dat as ganz klor ee Cadeau un d'Nuklearlobby, dat as jo klor ee Cadeau u Frankräich, déi an Zukunft

wëlle mat Dumpingpräisser den Elektromaart an Europa iwwerschwemmen.

Fënnefte Punkt aus deem Artikel liesen ech och vir aus dem *Traité* selwer: „Sans préjudice du principe du pollueur-payeur, lorsqu'une mesure fondée sur le paragraphe I implique des coûts jugés disproportionnés pour les pouvoirs publics d'un Etat membre, le Conseil prévoit, dans l'acte portant adoption de cette mesure, les dispositions appropriées sous forme:
- de dérogations temporaires et/ou”.

Et as genau dat, wat d'Emweltschutzorganisatiounen un dësem *Traité* kritiséiert hun, an et as genau dat, wat mir kritiséieren, an et as och dofir wou d'GLEI géint d'Ratifizierung vun dësem *Traité* schwätzt. De Kolleg Fränz Bausch, dee wäard nach op den Artikel 130T agoen.

Ech soen Iech merci.

Mme la Présidente.- M. Hoffmann.

M. André Hoffmann (KPL).- Mme Presidentin. Ech wëll ganz kurz eng perséinlech Äntwert gin, op dat wat den Här Poos hei gesot huet zu ménger Interventioun. Ech hun net Fait personnel gefrot, mä ech wëll eng perséinlech Äntwert gin.

Ech war viru laanger Zäit, sechs Méint laang, Member vun der sozialistescher Partei. Wann ech dra bliwwe wär, da géif ech, spéitestens haut den Owend, erëm erausgoen.

(Interruptions)

Ech hun hei versicht an der Debatt iwwert de Vertrag vu Maastricht eng kritesch, mä differenziert Argumentatioun ze féieren, op déi ech net wëll zrëckkommen, vun där ech awer mengen, dass grad en Ausseminister vun der sozialistescher Partei, op eng ganz aner Aart a Weis sech hätt missen argumentativ dermat ausenanesetzen, wéi en dat gemaach huet, well en huet dat praktesch iwwerhaapt net gemaach, sondern en huet mat Klischeën operéiert.

En huet net gemierkt oder gemengt kënnen et duerzeleën, wéi wann en et net gemierkt hätt, wéi déi differenziert Kritik, déi ech hei gemaach hun, sech ënnerscheid vu fréiere Positiounen vu ménger Partei, wat net heescht, dass all déi fréier Kriticke falsch gewiescht wäeren.

En huet net gemierkt oder gemaach wéi wann en net géing mierken, datt eis Partei sech grondsätzlech och mat hire vergaangene Positiounen ausenangesat huet, an e mécht och wéi wann en net géif wëssen, wéi méng perséinlech Iwwerleungen a Positiounen an där Hिसicht sin, an net eréischt zënter gëschter an och net eréischt zënter 1989.

Ech stelle fest, dass déi Grondsazerklärung, déi d'LSAP virun e puer Deg verabschied huet, mat dene fundamentale Wäerter, déi do dra stin, déi solle gesat gin an der gesellschaftlecher Entwécklung, dass déi duerch esou eng Interventioun vun Ärem Ausseminister hei zu dem Vertrag vu Maastricht schon zur Makulatur erkläert sin. En huet gesot, Maastricht as d'Realitéit vun Europa, an eng Kritik vun där Réalitéit, as d'Oflenung vun Europa. Dat heescht also folgendes: Ee Vertrag, deem op der Spëtzt vun der Europäescher Gemeinschaft ausgehandelt gët, ouni demokratesch Participatioun, dat as ee Fait accompli, deem net méi däärf a Fro gestallt gin.

Ech sin am Géigendeel der Opfaassung, d'Funktioon an d'Aufgab vun enger Lénkspartei, och da wa se an enger Regierung as, as eben déi, d'Realitéit, virun allem déi gesellschaftlech a politesch Réalitéit net als onauswäichlech Donnéeën hinzehuelen, mä drop hinzewierken, se ze veränneren op Grond vun engem gesellschaftleche Projet, wou duerchaus eng realistesch Aschätzung, vun deem wat besteet, sech ka verbanne mat enger progressiver Visioun a mat progressiven Zilsatzungen.

Do bleiwen ech derbäi, an ech stelle fest, dass den Ausseminister op enger ganz anerer Positioun steet.

Mme la Présidente.- M. Bausch.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Krecké, je vous rappelle à l'ordre.

M. Bausch, vous avez la parole.

M. François Bausch (GAP).- Mme President. Ech wollt deem Deel nach ergänzen, deem den Här Weber net méi konnt ausféieren, nämlech den Artikel 130T, deem den Här Poos net fir näischt hei vergiess huet, deem sech ëm den Umweltberäich dréint, an deem dee sougenannten Subsidiaritätsprinzip behandelt, dee schon esou vill hei diskutéiert gin as, a wou behaupt gin as, dass et all eenzel Land virbehale wär, fir méi streng Gesetzgebungen anzeféieren an dene Beräicher, déi net vum *Traité* beréiert gin.

Ech wëll beweisen un Hand vum Artikel 130T, datt dat net stëmmt, well an deem steet: „Les mesures de protection arrêtées en vertu de l'article 130S ne font pas obstacle au maintien et à l'établissement, par chaque Etat membre, de mesures de protection renforcées. Ces mesures doivent être compatibles avec le présent traité. Elles sont notifiées à la Commission.”

Wann ech kucken, wat heescht dat: „Ces mesures doivent être compatibles avec le présent traité”, dann as et ganz klor, da referéieren ech mech op déi éischt Artikelen, nämlech den 2 an den 3, wou d'Objektiver definéiert gi vum *Traité*, an dorop kënn et schlussendlech un, well déi si ganz präzis, ganz klor a ganz däitlech, an do fannen ech erëm an dem Artikel 6, Artikel 3 g): „Un régime assurant que la concurrence n'est pas faussée dans le marché intérieur.” Wat heescht dat am Klortext?

Dat as wann zum Beispill hei zu Lëtzebuerg an irgengem Beräich méi eng streng Umweltgesetzgebung géing agefouert gin, Beräich, deem den *Traité* net direkt beréiert, da muss déi notifiéiert gin zu Bréissel, an da kann eng Entreprise, déi zu Lëtzebuerg aktiv as, beweisen, dass par rapport zu Frankräich, wou d'Gesetzgebung net esou streng as, se doduerch Konkurrenznodeleer huet am Bannemaart, a si kann dann dergéint kloen. Dat heescht mat der leschter Konsequenz mat Sécherheet, dass déi dote Gesetzgebungen alleguer herno waarscheinlech mussen vun dene betreffende Parlamenten erëm annulléiert an zrëckgezu gin, well dat net toleréiert gët, well eben de Punkt g) dat ganz genau virgesäit.

Et as ee vun den Haaptobjektiven vun dësem *Traité* an och vun deem Bannemaart, deem 1993 soll entstoen, datt an deem Bannemaart d'Konkurrenz muss ganz klor definéiert sin, an dass keng falsch Konkurrenz däärf entstoen, dat heescht dass kee Betrib däärf Nodeleer kreien an engem Land duerch méi streng Gesetzgebunge par rapport zu engem anere Land.

Dat entlarvt ganz klor déi Saachen, déi den Här Poos esou liichtsennege eis wollt virdemonstréieren, wéi e gesot huet, déi Gréng géingen am Fong géint den *Traité* stëmmen, deem immens d'Ökologie géing weiderbréngen. Mir hu bewisen an denen Artikelen, dass et ganz klor de Contraire as. Et as effektiv esou, wéi den Här Weber gesot huet, dass net nëmmen déi sougenannte Verts politiques dat eleng soen, mä och d'Daachverbänn vun den Emweltschutzorganisatiounen an Europa. Liest hir Aviën no. Ech hat net méi spët wéi virun 1 1/2 Mount, wéi ech zu Stroosbuerg wor op engem Colloque, d'Méiglechkeet dee leschten Avis ze liessen, deem erauskomm as. Do gin déi do Saache ganz heftig a staark kritiséiert.

D'Emweltschutzorganisatiounen an Europa maache sech béis Gedanken iwwer d'Zukunft, wéi d'Emwelt an Europa an Zukunft soll ausgesinn.

Ech soen Iech merci.

Mme la Présidente.- Nous passons à la lecture de l'article unique.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Norbert Konter)

L'article unique est lu.

Nous procédons au vote sur la résolution 1 présentée par l'honorable M. Goerens.

M. Goerens.

M. Charles Goerens (DP).- Mme Presidentin. Ech wollt soen, dass dës Resolutioun ze gesinn as am Zesammenhank mat der Motioun 3. Den Historik kennt Dir. En as exposéiert gi vu mir selwer, vum Här Rippinger, an iwwregens och vun de Membere vun der Kommissioun a vun de Rapporteurs. Vü dass alles gesot as, géing ech froe fir dee Vote virzehuelen.

Mme la Présidente.- M. Grethen.

M. Henri Grethen (DP).- Mme la Présidente. Nous appuyons massivement la résolution.

Mme la Présidente.- M. Colling.

M. François Colling (CSV).- Mme Presidentin. Mir ënnerstëtzen och déi Resolutioun.

Mme la Présidente.- M. Asselborn.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Mme Presidentin. Selbstverständlech ënnerstëtze mir och déi Resolutioun. Wann Dir wëllt géif d'Mme Err drop ënnerschreiwten.

Mme la Présidente.- Est-ce qu'il y a d'autres groupes qui appuyent la résolution?

(Assentiment)

La résolution est donc recevable.

Vote

Ceux qui sont en faveur de la résolution 1 présentée par l'honorable M. Goerens voteront oui, les autres non ou abstention.

La résolution 1 est adoptée par 51 voix contre 3.

Ont voté oui: MM. Léon Bollendorff, Willy Bourg, François Colling, Camille Dimmer, Pierre Frieden, Marcel Glesener, Mmes Erna Hennicot-Schoepges, Marie-Josée Jacobs, MM. Edouard Juncker, Ady Jung, Fernand Kons, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Georges Margue, Ernest Petry, René Putzeys, Fernand Rau, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis, Lucien Weiler et Michel Wolter.

MM. Robert Angel, Hary Ackermann (par M. Robert Angel), Jean Asselborn, André Biver, Jos Brebsom, Mars di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Mathias Greisch, René Hengel, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Camille Weiler et Marc Zanussi.

MM. Niki Bettendorf, Josy Barthel (par M. Niki Bettendorf), Mme Anne Brasseur, MM. Emile Calmes, Robert Gitzinger, Charles Goerens, Henri Grethen, René Konen, Carlo Meintz, Jean-Paul Rippinger et Josy Simon.

Ont voté non: MM. Nick Clesen, Jup Weber et André Hoffmann.

La priorité de vote sur la résolution 2 est demandée.

Nous procédons au vote sur la priorité.

Vote

Ceux qui sont en faveur de la priorité de vote sur la résolution 2 sont priés de voter oui, les autres non ou abstention.

La demande de la priorité de vote est rejetée par 51 voix contre 8.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepf, Robert Mehlen, François Bausch, Jean Huss, Nick Clesen, Jup Weber et André Hoffmann.

Ont voté non: MM. Léon Bollendorff, Willy Bourg, François Colling, Camille Dimmer, Pierre Frieden, Marcel Glesener, Mmes

Erna Hennicot-Schoepges, Marie-Josée Jacobs, MM. Edouard Juncker, Ady Jung, Fernand Kons, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Georges Margue, Ernest Petry, René Putzeys, Fernand Rau, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis, Lucien Weiler et Michel Wolter.

MM. Robert Angel, Hary Ackermann (par M. Robert Angel), Jean Asselborn, André Biver, Jos Brebsom, Mars di Bartolomeo, Mme Lydie Err, Mathias Greisch, René Hengel, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, MM. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Camille Weiler et Marc Zanussi.

MM. Niki Bettendorf, Josy Barthel (par M. Niki Bettendorf), Mme Anne Brasseur, MM. Emile Calmes, Robert Gitzinger, Charles Goerens, Henri Grethen, René Konen, Carlo Meintz, Jean-Paul Rippinger et Josy Simon.

L'article unique est admis.

Nous procédons au vote sur l'ensemble du projet de loi 3601.

Je vous rappelle encore une fois que conformément à l'article 114 de la Constitution, la Chambre ne pourra délibérer si trois quarts au moins des membres qui la composent ne sont présents et nul changement ne sera adopté s'il ne réunit au moins 2/3 des suffrages.

Il y a encore des demandes de parole.

M. Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (Aktiounskomitee 5/6).- Mme President. Mir haten den Antrag gestallt, fir dëse Vote ze reportéieren.

Mme la Présidente.- J'attendais une motion d'ajournement de votre part conformément à notre Règlement. Cela n'a pas eu lieu et je ne puis donc pas la soumettre au vote de la Chambre.

M. Colling.

M. François Colling (CSV).- Mme President. Ech mengen, dee Vote hei as esou wichteg, dass ech géif proposéieren, dass mir zu där aler Procédure zrëckkommen, an een Appel nominal maachen. Dann as nämlech ganz klor wie wéi gestëmmt huet, well et war schons elo erëm ee Vote électronique, deen nët richtig funktionnéiert huet.

Mme la Présidente.- La Chambre est-elle d'accord de voter par appel nominal?

(Assentiment)

Vote par appel nominal et dispense du second vote constitutionnel

Ceux qui sont en faveur du projet de loi 3601 voteront oui, les autres non ou abstention.

Le projet de loi 3601 est adopté par 51 voix contre 6.

Ont voté oui: MM. Lucien Weiler, Michel Wolter, Marc Zanussi, Hary Ackermann (par M. Jean Asselborn), Robert Angel, Jean Asselborn, Josy Barthel (par M. Henri Grethen), Niki Bettendorf, André Biver, Léon Bollendorff, Willy Bourg, Mme Anne Brasseur, MM. Jos Brebsom, Emile Calmes, François Colling, Mars di Bartolomeo, Camille Dimmer, Mme Lydie Err, MM. Pierre Frieden, Robert Gitzinger, Marcel Glesener, Charles Goerens, Mathias Greisch, Henri Grethen, René Hengel, Mmes Erna Hennicot-Schoepges, Marie-Josée Jacobs, Edouard Juncker, Ady Jung, René Kollwelter, René Konen, Fernand Kons, Norbert Konter, Jeannot Krecké, Mmes Françoise Kuffer, Marcelle Lentz-Cornette, MM. Lucien Lux, Georges Margue, Carlo Meintz, Mme Lydia Mutsch, MM. Ernest Petry, René Putzeys, Fernand Rau, Jean Regenwetter, Jean-Paul Rippinger, Jos Scheuer, Josy Simon, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis et Camille Weiler.

Ont voté non: MM. Nick Clesen, Gast Gibéryen, André Hoffmann, Jean-Pierre Koepf, Robert Mehlen et Jup Weber.

Résultats de vote groupés

Ont voté oui: MM. Léon Bollendorff, Willy Bourg, François Colling, Camille Dimmer, Pierre Frieden, Marcel Glesener, Mmes Erna Hennicot-Schoepges, Marie-Josée Jacobs, MM. Edouard Juncker, Ady Jung, Fernand Kons, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Georges Margue, Ernest Petry, René Putzeys, Fernand Rau, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis, Lucien Weiler et Michel Wolter.

MM. Robert Angel, Jean Asselborn, Hary Ackermann (par M. Jean Asselborn), André Biver, Jos Brebsom, Mars di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Mathias Greisch, René Hengel, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Schuer, Camille Weiler et Marc Zanussi.

M. Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, MM. Emile Calmes, Robert Gitzinger, Charles Goerens, Henri Grethen, Josy Barthel (par M. Henri Grethen), René Konen, Carlo Meintz, Jean-Paul Ripinger et Josy Simon.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepf, Robert Mehlen, Nick Clesen, Jup Weber et André Hoffmann.

Les conditions de l'article 114 sont donc remplies.

(Applaudissements)

Est-ce que la Chambre accorde la dispense du second vote constitutionnel?

(Assentiment)

Il en est ainsi décidé.

Mat dësem „Jo“ zu de Maastrichter Vertrag, mat dësem neie Schrëtt an Europa an op Europa zou, as eist Land senger Traditioun trei bliwwen, bei schweieren Entscheidungen d'Ausernanersetzung ze féieren, an engem wuel haarden, awer meeschtens faire Menungsaustausch d'Vir- an d'Nodeler ofzeweien, fir dann zur Schlussfolgerung ze kommen, déi d'Majoritéit vun den Iwwerzegungen zum Ausdrock bréngt, déi de gréissten Interessi fir d'Land an d'Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, ausdréckt.

Kee Land a kee Vollek lieft fir sech eleng an enger Welt, déi Solidaritéit a Matgefill fir all Mënsche brauch. Et sin haart Wierder gefall an dëser Debatt. Si bleiwen, si hu Wonne geschloen, déi elo hele mussen.

Eist Land ka sech et net leeschten, a wichtege Froë gespléckt ze sin. Et verdréit net de Sträit an den Haass tëschent denen, déi et leden, an denen, déi d'Vollek verrieden.

Grad elo heescht et zesummestoen, Schratt fir Schratt zesummegoen op deem Wee, dee fir eis Zukunft an Europa op eng nei Manéier ufänkt. Mir gin elo méi gefuerdert. Mir mussen d'Roll vun eisen Institutiounen nei iwwerdenken.

An Europa gehéiert eis Regierung zu de Gesetzgeber vun den europäesche Gesetzter. Si as der Châmber verpflichtet an denen Optiounen, déi si trëfft fir eist Land. Si huet déi politesch Responsabilitéit fir Décisiounen, déi ganz oft op engem reng technesche Plang leien, an dach wäitreechend Konsequenzen fir eis hun.

D'Châmber as gefuerdert, iwwer déi national Gesetzter eraus, och déi europäesch ze suivéieren, am Virfeld vun den Décisiounen menungsbildend ze wirken. An enger éischer Etapp muss grad eis Institutioun sech verstärkt ëm d'europäesch Reglementatiounen këmmen an d'Informatioun och no baussen droen.

Et as un der Zäit, dass mer och d'Zesummenaarbecht mam Europaparlament méi intensiv gestalten, dass mer zesumme mat denen aneren nationale Parlämenter drëm beméit sin, an déi Méiglechkeet vum demokratesche Matsproocherecht voll ausnotzen, déi mer hun, a se bei enger nächster Etapp ausbauen.

D'Prerogative vun eiser Châmber si méi grouss wéi déi vun aneren nationale Parlämenter. Keng europäesch Direktiv gët an d'nationaalt Recht ëmgesat, ouni d'Châmber ze passéieren, duerch d'Plenarsëtzung, wann et sech ëm e Gesetz handelt, an duerch d'Commission de Travail, wann et sech ëm e Reglement handelt.

Wa mer déi Informatioun notzen, déi eis zoukënn, da wësse mer, ëm wat et geet. An ech froen d'Regierung, och am Virfeld d'Châmber, sou wéi bis elo an nach besser, ze informéieren.

Bei där internationaler Aufgab, déi a grëisserem Mooss op eis zoukënn, muss mer och déi intern Strukture vun der Châmber iwwerdenken an d'Antennen no den europäeschen Institutiounen ausbauen.

Lëif Kolleginnen a Kollegen. Eis Geschicht as eng Folleg vun Zesummenaarbecht mat verschiddene Partner um internationale Plang. Bei all Etapp huet och eis Identitéit sech gefestegt. A wa mir 1839 een egestännege Stat gi sin, an 1989 festgestallt hun, datt och eng egestännege lëtzebuergesch Identitéit sech am Laf vun denen 150 Joer entwéckelt huet, da misst dës Kenntnis vun eiser Geschicht eis haut genuch Vertrauen an eis selwer gin.

Lëtzebuerg besteet, well d'Lëtzebuurger wollten, datt et weiderbesteet: 1919, 1941 an 1942, an elo 1992.

Eis Debatte vun dësem Deg hun zum Ausdrock bruecht, dass dës Suerg eis alleguer verbënt. Mir wëllen och weiderbestoen als selbstännege fräie Stat. D'Mëttel an d'Weër, fir mat anere Länner, mat denen aneren, déi bei eis wunnen, liewen a schaffen, der Angscht virun der Zukunft, déi eis net eleng beschäftegt, mä och déi aner Länner an déi Friem, déi hei wunnen, fir där Angscht ze begeinen, déi Weër si verschidden.

Eng Majoritéit vun dëser Châmber huet jo derzou gesot, de Wee mat aneren ze goen. Mir sin elo gefuerdert, an engem Klima vu Vertrauen a mënschlichem Respekt, der politescher Unioun vu selbstännege, onofhängege Staten an Europa eng Chance ze gin.

M. le Premier Ministre a la parole.

M. Jacques Santer, Premier Ministre, Ministre d'Etat. - Madame Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Dëse Moment si mer ons alleguer bewosst, datt Dir duerch deen entscheidende Votum, deen ewell geholl gin as, och en decisiven an determinante Schratt fir d'Zukunft vun dësem Land a fir d'Zukunft vun dëser Natioun gemaach hut.

An ech géif dofir jidferen op séng Aart a Weis, an och déi, déi Kriticken ervirbruecht hun zu dësem Vertrag, félicitéieren, datt et zu deem Votum komm as, dem President vun der Kommissioun, dem Här Asselborn, denen dräi Rapporteur, der Mme Lydie Err, dem Här Rau an dem Här Goerens, déi alleguer hiren egene Beitrag derzou gelescht hun.

Ech mengen, domadder hu mir e wichtege a wesentleche Schratt fir d'Zukunft vun dësem Land gemaach.

Mir sin eis bewosst, a mir wëssen dat, datt an der Geschicht vum Lëtzebuurger Land e klengt Land - a mir sin nu schlisslech dee klengste Partner iwwerhaupt an der Europäescher Communautéit - nëmmen iwwerliewe kann an enger grëisserer Communautéit, an där mir eist Zougehéieregkeetsgefill zum Ausdrock bréngen, ouni domadder awer ons egen Identitéit brauchen opzegin.

Dat as déi Politik, déi an dene leschte 40, 50 Joer, zënter dem Zwete Weltkrich vun alle Regirunge gemaach gin as: vun engem Pierre Dupong, vun engem Joseph Bech, vun engem Gaston Thorn an engem Colette Flesch, vun engem Pierre Frieden an engem Pierre Werner.

Duerch deen Akt, deen Dir haut gesat hut, setzt Der Iech alleguer an déi Richtung, déi d'Regierungen zënter dem Zwete Weltkrich zum Ausdrock bruecht hun.

Och sollte mer bedenken, datt mer haut, grad duerch d'Communautéit, déi längste Period vu Fridden a Fräiheet an dësem Land hun, an a sénger neистер Geschicht.

Ech mengen, eleng schon dat as déi europäesch Entreprise wäert. An doriwwer eraus wësse mer awer och, trotz allen Onzoulängelechketen, déi de Maastrichter Vertrag a sech beinhalt, dass mer duerch dëse Vertrag doriwwer eraus awer och de Wuelstand vun dësem Land gesécheret kréien, consolidéiert kréien an domadder och nei Opschlussméiglechete fir déi kommend Generatiounen, fir ons Kanner a Kandskanner, gesécheret kréien.

Ech soen Iech merci.

(Applaudissements)

Mme la Présidente.- Nous continuons maintenant avec la discussion sur les résolutions et motions.

Je constate qu'après le vote la résolution 2 est devenue sans objet.

Vient ensuite la résolution 3 déposée par l'honorable M. Hoffmann. Est-ce que quelqu'un désire prendre la parole?

M. Hoffmann, vous avez la parole.

M. André Hoffmann (KPL).- Madame Presidentin. Ech erlabe mer, am Virfeld vun enger ganz kuerzer Virstellung vun där Resolutioun d'Châmber, Iech an och de Staatsminister drop opmürksam ze maachen, dass ënner denen, déi hei zu de Maastrichter Verträge nee gestëmmt hun, der sin, déi duerchhaus mat der europäescher Zesummenaarbecht d'accord sin, allerdings mat aneren Zilsetzungen um sozialen, demokrateschen an ekologesche Plang. Dat soll emol, no dene feierleche Wierder, déi hei geschwat gi sin, daitlech gesot sin.

Wéi wäit dass mer d'demokratesch Souveränitéit seriö huelen, dat d'äerf sech da weisen um Ausgang vun dem Vote iwwer déi Resolutioun 3, an där ech froen, dass d'Châmber décidéiert, fir dass déi legislativ Akten um europäesche Plang am Virfeld vun der Châmber begutacht gin, dass also eng spezifesch Konsultatiounsprozedur virgesi gët fir Direktiven an aner europäesch Akten, woubäi ech virschloen, dass op d'manst den Avis vun enger spezieller Kommissioun gefrot as, an där allerdings all politesch Courant vertruete wäeren, dass awer dann, wann déi Kommissioun fënt, dass et sech ëm Direktiven handelt vun enger spezieller Wichtigkeet, och eng speziell Form vun Débat am Plenum vun der Châmber virgesi gët, fir déi Propositione vun Direktiven ze begutachten, a fir - an dat as allerdings entscheidend - der Regierung en imperative Mandat mat op de Wee ze gin, fir zu denen Direktiven ze verhandelen. En imperative Mandat fir ze verhandelen, heescht nët, en imperative Mandat, fir dat mussen erausgeschloen, wat hei proposéiert gin as, mä fir an deem Sënn ze verhandelen. Et as natüerlech dann, bei der Approbatioun vun der Direktiv, un der Châmber, fir ze uertelen, ob se mengt, d'Regierung hätt an deem Sënn verhandelt oder nët.

An e leschten Abschnitt freet méi allgemeng, dass d'Châmber méi aktiv zesummeschafft mat anere gewielten Instanzen, souwuel um Gemengeplang, wéi och um regionale Plang, wéi och um europäesche Plang, dat heescht, haaptsächlech mam Europa-parlament.

Mme la Présidente.- Est-ce qu'il y a d'autres demandes de parole? Non. Comme il s'agit d'une résolution, le Gouvernement n'est pas sollicité.

Quelle est l'attitude de la Chambre? Est-ce que nous pouvons procéder immédiatement au vote par main levée? Le vote électronique est demandé.

Vote

Ceux qui sont en faveur de la résolution 3 voteront oui, les autres non ou abstention.

La résolution 3 est rejetée par 37 voix contre 1, avec 11 abstentions.

A voté oui: M. André Hoffmann.

Ont voté non: MM. Léon Bollendorff, Willy Bourg, François Colling, Camille Dimmer, Pierre Frieden, Georges Margue (par M. Pierre Frieden), Marcel Glesener, Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Edouard Juncker, Ady Jung, Fernand Kons, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Ernest Petry, René Putzeys, Fernand Rau, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Robert Angel, Hary Ackermann (par M. Robert Angel), Jean Asselborn, André Biver, Jos Brebsom, Mars di Bartolomeo, Mathias Greisch, René Hengel, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Camille Weiler (par M. Jos Scheuer) et Marc Zanussi.

Se sont abstenus: MM. Emile Calmes, Robert Gitzinger, Charles Goerens, Henri Grethen, René Konen, Carlo Meintz, Jean-Paul Rippinger et Josy Simon;

MM. François Bausch, Nick Clesen et Jup Weber.

Est-ce que quelqu'un désire motiver son abstention? Tel n'est pas le cas.

Motion 1

Nous passons à la motion 1 sur l'Union politique, déposée par l'honorable Mme Err. La motion 1 est appuyée par MM. Jean Asselborn, François Colling, Charles Goerens et Fernand Rau. La motion 1 est donc recevable.

Est-ce qu'il y a une demande de parole? Tel n'est pas le cas.

Est-ce nous pouvons procéder au vote par main levée?

(Assentiment)

Ceux qui sont en faveur de la motion 1 sont priés de lever la main. Epreuve contraire. L'épreuve n'est pas douteuse. La motion 1 est adoptée.

Motion 2

La motion 2 déposée par l'honorable M. Rau est appuyée par MM. François Colling, Charles Goerens, Lucien Lux et Lucien Weiler. La motion 2 est donc recevable.

Est-ce que nous pouvons voter par main levée?

(Assentiment)

Ceux qui sont en faveur de la motion 2 sont priés de lever la main. Epreuve contraire. L'épreuve n'est pas douteuse. La motion 2 est adoptée.

Motion 3

La motion 3 a été déposée par l'honorable M. Goerens. Elle est appuyée par M. Jean Asselborn, Mme Lydie Err, MM. Henri Grethen et Fernand Rau. La motion 3 est donc recevable.

La motion invite le Gouvernement à s'assurer que la date d'entrée en vigueur de ladite directive soit fixée en conséquence. Il n'y a pas de problème pour le Gouvernement.

Nous procédons au vote par main levée.

Ceux qui sont en faveur de la motion 3 sont priés de lever la main. Epreuve contraire. L'épreuve n'est pas douteuse. La motion 3 est adoptée.

Motion 4

La motion 4 a été déposée par l'honorable M. Hoffmann. Est-ce que vous désirez prendre la parole?

Vous avez la parole, M. Hoffmann.

M. André Hoffmann (KPL).- Madame Presidentin. Och nodeem dësen Traité ratifizéiert as mat där néideger Majoritéit, as d'Ausernanersetzung ëm d'Zukunft vun der Europäescher Gemeinschaft am Kader och souguer vum Traité vu Maastricht nët eriwwer.

Dës Motioun besteet ausser de Considérantën aus dräi Tiretë vum Dispositif.

Fir d'éischt eng Opfuerderung un d'Regierung, fir ze négociéieren am Kader vun der Europäescher Gemeinschaft, oder vun der Europäescher Unioun, wéi dat elo heescht, mat folgenden Zilsetzungen:

1. fir dass déi sozial an ekologesch Acquisën an dene verschiddene Länner nët nëmmen erhale bleiwen, also nët duerch en Dumping erfogsat gin, sondern och ausgeweit gin;
2. fir dass bei d'Kritäre vun der Konvergenz fir d'Wirtschafts- a Währungsunioun aner Kritären derbäikommen, ausser dene reng budgetären, monetären, also och sozial Kritären, öffentlech Déngechter, sozial Sécherheet an esou weider.
3. Dësen drëtten Tiret beweist iwwregens och, wéi wéineg anti-europäesch dass mäi Vote hei as. Et geet drëm, drop anzewirke, dass endlech geschafft gët un enger europäescher Konstitutioun, déi d'Gewaltentrennung festleet, déi de Pouvoir vun dene verschiddene gewielten Assembléen erëm opwärt, deen d'partizipativ Demokratie ausweit, dat heescht also, eng Citoyenneté européenne definéiert, déi wirklech deen Numm mat Recht géif verdingen, also eng Demokratie, déi séch och op d'Gebitter vun der Ekonomie a vun der Aarbechtsplaz erstreckt.

Mme la Présidente.- Est-ce qu'il y a d'autres demandes de parole? Tel n'est pas le cas.

Nous procédons au vote sur la motion 4 déposée par l'honorable M. Hoffmann. Le vote électronique est demandé.

Vote

Ceux qui sont en faveur de la motion 4 voteront oui, les autres non ou abstention.

La motion 4 est rejetée par 47 voix contre 1.

A voté oui: M. André Hoffmann.

Ont voté non: MM. Léon Bollendorff, Willy Bourg, François Colling, Camille Dimmer, Pierre Frieden, Georges Margue (par M. Pierre Frieden), Marcel Glesner, Mmes Erna Hennicot-Schoepges, Marie-Josée Jacobs, MM. Edouard Juncker, Norbert Konter (par M. Edouard Juncker), Ady Jung, Fernand Kons, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Ernest Petry, René Putzeys, Fernand Rau, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis et Michel Wolter;

MM. Robert Angel, Jean Asselborn, André Biver, Jos Brebsom, Mars di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Mathias Greisch, René Hengel, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Camille Weiler (par M. Jos Scheuer) et Marc Zanussi;

MM. Emile Calmes, Robert Gitzinger, Charles Goerens, Henri Grethen, Mme Anne Brasseur (par M. Henri Grethen), MM. René Konen, Carlo Meintz, Niki Bettendorf (par M. Carlo Meintz) et Josy Simon.

Motion 5

La motion 5 a été déposée par l'honorable M. Wolter.

M. le Premier Ministre demande la parole.

M. Jacques Santer, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Madame Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Déi Motioun 5, sou wéi se hei présentéiert gin as, adresséiert sech un d'Regierung, an deem Sënn, dass mer solle verschidde Modalitéiten envisagéieren, wat d'Mise en oeuvre vum Artikel 8B vum Traité ubelaangt.

Ech hat scho gëschter Mueren a ménger Ried d'Geleënheet, drop hanzeweisen, dass d'Regierung amgaangen as, Cogitatiounen unzustellen iwwer déi Derogatiounsmodalitéiten, déi mir wëlle geltend maachen, an déi mer aushandele mussen am Kader vun der Europäescher Communautéit, am Conseil des Ministres.

Déi Derogatiounsmodalitéiten a -possibilitéite si jo virgesi gin, fir grad dene spezifeschen Intérêtën, déi mir als Lëtzebuerger fannen, Rechnung ze droen. Dorobberhin hu mir d'Parteien alleguer zesummegeeruff. Ech mengen, dat wir eng Saach, wou mer en nationalen Interessen drun hätten, datt mer alleguer e Konsensus géinge fannen, fir ons iwwer déi Modalitéiten eens ze gin.

Mir haten eng éischt Réunioun de 4. Mee. An där leschter Réunioun, wou déi 7 Parteien a Mouvementer, déi hei an der Châmber vertruede sin, zesumme waren, hun ech mat Satisfaktioun festgestallt, datt alle siwen d'accord ware mat der Introductioun vum Prinzip vun der Citoyenneté européenne. Dat as e ganz grouse Fortschrëtt, deen erreecht gi war, quitte dass mer ons nach nët eens waren - an do gin ech dem Här Gibéryen Recht - iwwer d'Modalitéiten.

Mir haten e laangen Echange de vues iwwer déi eenzel Modalitéiten, déi mer sollen envisagéieren. An dat si grad déi Modalitéiten, déi hei an der Motioun énoncéiert gi sin, op Grond iwwregens vun engem Regierungsvorschlag, dee mir abruecht hun, op Grond vun denen Aarbechten, déi an engem Groupe de travail interministériel ausgeschafft gi sin.

Mir hate gemengt, dass déi eenzel Parteien awer sollen d'Geleënheet hun, ons nach hir Propositionen eranzegin, an datt mer dann an enger nächster Réunioun doriwwer géifen diskutéieren. Denen enge Partei sin déi Propositionen, déi mir gemaach hun, an déi mer hei erëmfannen, nët wäit genuch gaangen, anere si se ze wäit gaangen. Mir mussen doriwwer diskutéieren, fir e globale Konsens ze errechen. Ech weess nët, ob dat méiglech as, mä op d'manst versiche mer dat ze maachen.

Et as och an deem selwechte Geescht, wou ech de Gemengeverband, de SYVICOL, gefrot hun, well déi jo och direkt concernéiert sin, fir hiren Avis doriwwer ze maachen. Si hu mir deen Avis nach nët gin, mä mir haten awer eng Virberedungsversammlung. Dat war déi Consultatiounsreunioun, déi mer dee leschte Méindeg douewen am Hémicycle um Kiirchbiereg haten, wou mer mat de Gemengen a mat de Conseilleren doriwwer dialogéiert hun, fir datt déi ons och hir Menunge sollte gin.

An op Grond vun där Consultatiounsversammlung - an den Här President Bollendorff an den Här Generalsekretär Meintz sin hei, déi kënnen dat jo och bestätegen - hat ech geduecht, dass dee Gemengeverband ons hiren Avis zu dene Propositionen géif eragin.

Wéi gesot, mat där Opzielung vun dene Propositionen, a mat dene Fuerderungen, sou wéi et hei formuléiert as, kann ech mech am Numm vun der Regierung d'accord erklären.

Mir mussen ons selbstverständlech ofschwätze mat denen anere Parteien, fir e Konsens ze erméiglechen. Ech kann Iech herno soen, wann emol ufanks vum nächste Joer déi Proposition de directive op den Dësch kënn, datt mir regelméisseg - an déi Versécherung wëll ech Iech am Numm vun der Regierung gin - den Ausseminister oder ech selwer, a Kontakt bleiwe mat der zoustänneger Kommissioun hei an der Châmber, fir Iech um Lafenden ze halen iwwer d'Evolutioun vun den Diskussiounen, déi um europäesche Plang stattfannen.

Mir mussen dat selbstverständlech négociéieren, wéi virdrun den Här Hoffmann gesot huet, och am Kader vun engem „mandat impératif“. Dat verhënnert nët, dass mer awer doriwwer mussen négociéieren.

Ech mengen, do kënn ech awer den Auteurs vun där Motioun Satisfaktioun gin an deem Sënn, dass ech soen, dass mir ons ganz kloer, vun der Regierung aus ganz sécher, an déi Richtung bewegen, sou wéi se hei opgezeechent gin as, étant donné, datt et jo och déi

Propositionne sin, déi mir selwer vun der Regierung abruecht hun, quitte datt mer selbstverständlech nach mussen déi Propositionen asammelen, déi vun den eenzelne Parteien kommen.

Et as dat Versprechen, wat ech denen eenzelne Parteien am Numm vun der Regierung gin hun. Ech wëll nët hannert deem Versprechen zréckstoen. Ech mengen, do kënt awer jidferen Satisfaktioun kréien.

D'Auteurs hätten hir Satisfaktioun, datt mir gewëllt sin - an deem Engagement huelen ech - an déi Richtung virunzegoen. Mir versichen och mat alle Mëttelen, an ech hoffen, datt mer dat réusséieren, well an engem klengen Land wéi Lëtzebuerg misst dat méiglech sin, besonnesch bei esou engem wichtege Sujet wéi deem heiten, awer en nationale Konsens ze erreechen, wa mer schon alleguer d'accord si mat der Aféierung vum Prinzip vun der Citoyenneté européenne.

An deem Sënn misst jidferen d'Satisfaktioun hun, fir op deem Wee weiderzegoen. An dofir géif ech dann d'Auteurs bidden, déi Motioun aus deem Gesichtsponkt ze appréciéieren, an domadder se och zréckzezéien.

Mme la Présidente.- M. Wolter, vous avez la parole.

M. Michel Wolter (CSV).- Mme Presidentin. Am Numm vun dene fënnf Signatäre soen ech dem Här Staatsminister Santer merci. Ech stelle mat Zefriddenheet fest, dass d'Regierung sech engagéiert am Sënn vun eiser Motioun virzegoen. Mir zéien dofir eis Motioun zréck.

(Interruptions)

Une voix.- Je demande parole après ministre.

Mme la Présidente.- Non, il n'y a pas lieu de demander parole après ministre lors d'une discussion de motion. Il n'y a plus rien à discuter maintenant, le débat est clos.

Nous passons au prochain point de notre ordre du jour, le projet de loi 3481.

2. Projet de loi 3481 concernant

- la liberté d'accès à l'information en matière d'environnement
- le droit d'agir en justice des associations de la protection de la nature et de l'environnement (suite)

Est-ce que la Chambre veut encore s'exprimer sur ce projet de loi?

M. Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Mme President. Ech hat do een Amendement agin, an ech hat zur gläicher Zäit gefrot, dass de Vote sollt scindéiert gin an zwee, dat heescht ee Vote iwwert d'Artikelen 1-6, déi sech haaptsächlech op déi europäesch Direktiv bezéien, an een zweete Vote am Zesammenhank mat méngem Amendement iwwert den Artikel 7.

Une voix.- Non, ee Vote iwwert den Amendement an een iwwert d'Gesetz.

M. Henri Grethen (DP).- Il y a lieu de procéder à un vote par division.

Mme la Présidente.- M. Kollwelter, qui êtes le rapporteur, quel est votre avis?

M. René Kollwelter (LSAP), rapporteur.- Mme Presidentin. Dëse Projet as gedeelt an zwou Partiën. Iwwer „la liberté d'accès à l'information“, do schéngt een allgemenge Konsens heibannen ze sin. Dann as nach deem Deel, dass d'Naturschutzorganisatiounen an enger ganzer Rei vun Domaine kënnen viru Geriicht kloen. D'Kommissioun war der Meinung, dass des zwee Aspekter vum Gesetz géingen zesummegehéieren, an zesumme sollte bleiwen.

Dat wat den Här Rippinger, am Numm vun der Demokratescher Fraktioun hei proposéiert huet, dat as am Fong geholl eng Kastratioun vun deem Gesetz. Mir kënnen op kee Fall mat där Proposition

d'accord sin, an dat géing och ee ganz grouse Réckschlag bedeite fir d'Emweltpolitik vu Lëtzebuerg, dee mir nët kënnen als Kommissioun mat verantworten, an dofir invitéiere mir d'Chamber, deem Amendement feierlech awer intensiv ofzelenen.

Mme la Présidente.- Il y a d'abord lieu de statuer sur la demande d'un vote par division.

M. Meintz.

M. Carlo Meintz (DP).- Mme la Présidente. Je tiens à signaler que la lecture n'a pas été faite lors de la dernière séance.

Mme la Présidente.- Je pensais, M. Meintz, qu'il fallait d'abord poser la question du vote par division.

M. Carlo Meintz (DP).- Si la lecture a été faite. Avant le vote sur l'ensemble, nous demandons le vote par division, car si par impossible l'amendement était adopté, alors ce ne serait plus une question de vote par division.

Mme la Présidente.- D'accord. Nous passons à la lecture des articles.

Lecture du texte du projet de loi (par M. François Colling)

Les articles 1 à 6 sont lus et admis.

L'article 7 est lu.

A propos de l'article 7, nous sommes saisis d'un amendement déposé par l'honorable M. Rippinger.

Vote

Ceux qui sont en faveur de l'amendement déposé par l'honorable M. Rippinger voteront oui, les autres non ou abstention.

L'amendement est rejeté par 40 voix contre 12.

Ont voté oui: MM. Léon Bollendorff, François Colling, Camille Dimmer, Pierre Frieden, Marcel Glesener, Mmes Erna Hennicot-Schoepges, Marie-Josée Jacobs, MM. Edouard Juncker, Norbert Konter (par M. Edouard Juncker), Ady Jung, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Ernest Petry, Willy Bourg (par M. Ernest Petry), René Putzeys, Fernand Rau, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis, Lucien Weiler et Michel Wolter.

MM. Robert Angel, Jean Asselborn, André Biver, Jos Brebsom, Mars di Bartolomeo, Mathias Greisch, René Hengel, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Camille Weiler (par M. Jos Scheuer), Marc Zanussi et Hary Ackermann (par M. Marc Zanussi).

MM. Emile Calmes, Robert Gitzinger, Emile Krieps (par M. Robert Gitzinger), Charles Goerens, Henri Grethen, Mme Anne Brasseur (par M. Henri Grethen) MM. Carlo Meintz, Niki Bettendorf (par M. Carlo Meintz) et Josy Simon.

MM. François Bausch, Jean Huss, Nick Clesen et Jup Weber.

L'article 7 est admis dans la forme proposée par la Commission.

Je demande à la Chambre si elle maintient sa demande de vote par division?

M. Meintz.

M. Carlo Meintz (DP).- Mme la Présidente. Nous maintenons la demande de vote par division d'abord sur les articles 1 à 6 et ensuite sur l'article 7. D'après l'article 43 de notre Règlement il est de droit.

Mme la Présidente.- Nous passons au vote sur les articles 1 à 6.

Vote

Ceux qui sont en faveur des articles 1 à 6 du projet de loi 3481 voteront oui, les autres non ou abstention.

Les articles 1 à 6 du projet de loi 3481 sont adoptés par 49 voix et 5 abstentions.

Ont voté oui: MM. Léon Bollendorff, François Colling, Camille Dimmer, Pierre Frieden, Georges Margue (par M. Pierre Frieden), Marcel Glesener, Mmes Erna Hennicot-Schoepges, Marie-Josée Jacobs, MM. Edouard Juncker, Norbert Konter (par M. Edouard Juncker), Ady Jung, Fernand Kons, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Ernest Petry, Willy Bourg (par M. Ernest Petry) René Putzeys, Fernand Rau, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis, Lucien Weiler et Michel Wolter.

MM. Jean Asselborn, André Biver, Jos Brebsom, Mars di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Mathias Greisch, René Hengel, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer et Camille Weiler (par M. Jos Scheuer).

MM. Emile Calmes, Robert Gitzinger, Emile Krieps (par M. Robert Gitzinger), Charles Goerens, Henri Grethen, Mme Anne Brasseur (par M. Henri Grethen), René Konen, Josy Barthel (par M. René Konen), Carlo Meintz, Niki Bettendorf (par M. Carlo Meintz), Jean-Paul Rippinger et Josy Simon.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Jean Huss, Nick Clesen, Jup Weber et André Hoffmann.

M. Weber, vous avez la parole pour motiver votre abstention.

M. Jup Weber (GLEI).- Mme President. Wann Dir d'accord sid, da motivéieren ech se herno beim Vote sur l'ensemble?

Mme la Présidente.- Certainement, M. Weber, vous avez le droit de motiver votre abstention quand vous voulez.

Nous procédons au vote sur l'article 7.

Vote

Ceux qui sont en faveur de l'article 7 du projet de loi 3481 voteront oui, les autres non ou abstention.

L'article 7 est adopté par 36 voix contre 13 et 6 abstentions.

Ont voté oui: MM. Léon Bollendorff, François Colling, Camille Dimmer, Marcel Glesener, Mmes Erna Hennicot-Schoepges, Marie-Josée Jacobs, MM. Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Jacobs), Edouard Juncker, Norbert Konter (par M. Edouard Juncker), Ady Jung, Fernand Kons, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Ernest Petry, Willy Bourg (par M. Ernest Petry), René Putzeys, Fernand Rau, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz et Michel Wolter.

MM. Robert Angel, Jean Asselborn, André Biver, Jos Brebsom, Mme Lydie Err, MM. Mathias Greisch, René Hengel, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Camille Weiler (par M. Jos Scheuer), Marc Zanussi et Hary Ackermann (par M. Marc Zanussi).

Ont voté non: MM. Pierre Frieden et Alphonse Theis.

MM. Emile Calmes, Robert Gitzinger, Charles Goerens, Henri Grethen, Mme Anne Brasseur (par M. Henri Grethen), MM. René Konen, Josy Barthel (par M. René Konen), Carlo Meintz, Niki Bettendorf, Jean-Paul Rippinger et Josy Simon.

Se sont abstenus: M. Mars di Bartolomeo.

MM. François Bausch, Jean Huss, Nick Clesen, Jup Weber et André Hoffmann.

L'article 7 est admis dans la teneur proposée par la Commission.

M. Weber, vous avez la parole pour motiver votre abstention.

M. Jup Weber (GLEI).- Mme President, dir Dammen an dir Hären. Déi Gréng hu sech bei dem Vote iwwer d'Artikelen vum dësem Gesetz enthalen, well mir der Meinung sin, dass deen éischte Volet, wat den Accès à l'information ugeet, näischt verbessert huet. Mir sin am Prinzip d'accord mat der Direktiv, déi virschreift, dass all Bürger d'Informatiounen iwwer den Environnement muss kréien, mä wéi et zu Lëtzebuerg gehandhaabt gët, as et esou, dass de Minister sech

d'Recht umoosst fir d'éischt déi Informatiounen duerch säi politesche Filter goen ze loossen, a wann hie mengt, et kéint een déi Informatiounen och un de Public gin, dann as hie bereet, déi Informatioun erauszegin.

Mir fannen, dass dat äusserst geféierlech as. Déi lescht Evenementer zu Lëtzebuerg, besonnesch wat déi Disziplinaraffär ugeet, déi hu gewisen, wéi et dene Beamte geet, déi sech un d'Terme vum de Gesetzer halen, déi d'Informatioun esou publizéieren, wéi se wëssenschaftlech festgestallt gin as. Esou Leit, déi gin degradéiert. Mir fannen, dat as ee schlechten Omen fir dëst Gesetz.

Den zwete Volet, wou mir eis och enthalen hun, dee betrëfft d'Klorecht vum den Emweltschutzorganisatiounen. D'Emweltschutzorganisatiounen, déi am Naturschutzgesetz vum 1982 festgefuegt sin, déi eng Agréatioun beim Minister hun, déi kréien elo d'Recht a verschiddene Gesetzer, wéi zum Beispill d'Gesetz iwwer d'Déchetën, iwwer d'Fëscherei, iwwer d'Juegd ze kloen, mä dat wichtegst Gesetz, wou d'Emweltschutzorganisatioune gären d'Recht hätte fir ze kloen, nämlech d'Kommodo-Inkommodo-Gesetz, do kréien se kee Klorecht.

Bei den Debatten huet den Här Kollwelter sech erëm geduckst, an en huet gesot, jo mir hätte jo gären, mä de Koalitionspartner wollt nët. Nët zulescht am Öko-Magazine huet den Här Kollwelter een Interview gin, wou en dem Koalitionspartner, der CSV, klor d'Schold zouweist, si wiren nët dermat d'accord, dass d'Emweltschutzorganisatiounen am Kommodo d'Klorecht kréien. Dat as och hei ugedeit gi vum denen Häre Kollwelter an Dimmer. Jo, wann elo d'Kommodo-Gesetz reforméiert géif, da kéint ee jo doriwwer schwätzen.

Mat esou enger Haltung si mir absolut nët d'accord. Et sti ganz wichtig Kommodoprozeduren an dësem Land un. Nämlech d'Kommodoprozedure vum der Arbed. Mir fannen, dass grad hei Emweltschutzorganisatiounen, wéi de Mouvement écologique oder Greenpeace mussen d'Recht hun, fir kënnen do hiren Asproch eranzegin, a si mussen och d'Recht hun, fir kënnen beim Staatsrot géint déi Autorisatiounen ze kloen, well déi Organisatiounen, déi hu sech ganz vill Aarbecht gemaach, déi Organisatiounen hu grad an dësem Fall Etüde maache gelooss, an elo sollen déi Leit d'Recht verwierft kréien, fir hei kënnen ze kloen. Dat geet nët. Dat wëlle mir vum denen zwou gréng Fraktiounen absolut nët matdroen.

Ech wëll och drop hiweisen, dass et ganz erstaunlech as, dass een Deputéierten, deen an der Emweltschutzkommissioun sëtzt, deen eng Pai bei der Arbed kritt, sech derfir agesat huet, dass d'Emweltschutzorganisatiounen dëst Klorecht nët kréien. Do froen ech mech, wou as d'Indépendance vum dësem Deputéierten. Schafft dee fir séng Boîte heibannen oder schafft e fir d'Wuel vum Vollek?

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

Mme la Présidente.- M. Dimmer, vous avez la parole pour fait personnel.

M. Camille Dimmer (CSV).- Mme Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Den honorablen Här Weber huet erëm eng Demonstratioun gin, op wat fir eng Manéier si verstin, wéi Emweltschutzpolitik soll hei zu Lëtzebuerg gemaach gët. Nodeem se den historiesche Moment verpasst hun, fir de Vertrag vu Maastricht ze stëmmen, wou grouss Neierunge fir d'Emweltschutzgesetz, wat zënter 1982, no dem Naturschutzgesetz, geholl gin as, ze stëmmen.

Si bréngen et fäerdeg als Emweltschützer, wéi se sech nennen, als Gréng hei am Land, ee Gesetz nët ze stëmmen, wou virgesinn as an Zukunft a fënnef Gesetzer...

Mme la Présidente.- M. Dimmer, veuillez en venir au fait personnel, s'il vous plaît.

M. Camille Dimmer (CSV).-... dass d'Emweltschutzorganisatiounen hiert Klorecht erlaabt kréien.

De Fait personnel läit doran, dass ech als President vun enger Lëtzebuerger Stéftung nët mat d'accord sin an dësem Moment d'Kommodo-Gesetz opzemaache fir d'Klorecht. Hei an der Châmber war een Hearing iwwert d'Kommodo-Gesetz, an do as dat gesot gin tëschent denen zwou Parteien. Dofir muss ech déi Ausso vun engem Deputéierten, deen an der Majoritéit as, bedauern. Wann een een Accord zesumme gemaach huet, dass een d'Kommodo-Gesetz op de Leescht hëlt, an alles duerchhëlt, dass een dann déi Positioun verléisst, dat muss ech bedauern.

Ech froe bei wien déi nächste Kéier d'Emweltschutzorganisatioune gin, well d'CSV huet sech hei ganz klar duerchgesat.

Mme la Présidente.- Est-ce que la Chambre accorde la dispense du second vote constitutionnel?

(Assentiment)

Il en est ainsi décidé.

Il nous reste à faire le vote sur la motion 1 déposée par l'honorable M. Kollwelter. Le vote électronique est demandé par plus de cinq députés.

M. Jup Weber (GLEI).- Kann ech eng Copie kréie vun der Motioun?

Mme la Présidente.- La motion a été distribuée au cours de la séance.

(Interruptions)

Nous sommes en procédure de vote, la discussion est close.

Vote

Ceux qui sont en faveur de la motion 1 voteront oui, les autres non ou abstention.

La motion 1 est adoptée par 37 voix contre 12 et 2 abstentions.

Ont voté oui: MM. Léon Bollendorff, François Colling, Camille Dimmer, Pierre Frieden, Marcel Glesener, Mmes Erna Hennicot-Schoepges, Marie-Josée Jacobs, MM. Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Jacobs), Edouard Juncker, Ady Jung, Fernand Kons, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Ernest Petry, Willy Bourg (par M. Ernest Petry), René Putzeys, Fernand Rau, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz et Michel Wolter.

MM. Robert Angel, Hary Ackermann (par M. Robert Angel), Jean Asselborn, Mme Lydie Err (par M. Jean Asselborn), MM. André Biver, Jos Brébsom, Mars di Bartolomeo, Mathias Greisch, René Hengel, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Camille Weiler (par M. Jos Scheuer), Marc Zanussi et Mme Françoise Kuffer (par M. Marc Zanussi).

Ont voté non: MM. Emile Calmes, Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Robert Gitzinger, Emile Krieps (par M. Robert Gitzinger), Henri Grethen, Mme Anne Brasseur (par M. Henri Grethen), MM. René Konen, Josy Barthel (par M. René Konen), Carlo Meintz, Niki Bettendorf (par M. Carlo Meintz), Jean-Paul Rippinger et Josy Simon.

Se sont abstenus: MM. Nick Clesen et Jup Weber.

Nous avons terminé nos travaux pour aujourd'hui. L'ordre du jour de la semaine prochaine vous sera communiqué par écrit.

J'attire votre attention sur le fait que jeudi prochain, il y aura probablement une séance prolongée le soir.

La séance est levée.

(Fin de la séance publique à 22.11 heures)